



SÉANCE 10

MERCREDI,
5 DÉCEMBRE 2012

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

6387 - Projet de loi portant réforme de l'assurance pension et modifiant:

1. le Code de la Sécurité sociale;
 2. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de fer luxembourgeois;
 3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;
 4. la loi modifiée du 7 août 1912 concernant la création d'une caisse de prévoyance pour les fonctionnaires et employés des communes et établissements publics;
 5. le Code du Travail
- *Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Lydia Mutsch*
 - *Discussion générale: Mme Martine Mergen, M. Carlo Wagner, M. Félix Braz, M. Gast Gibéryen (dépôt d'une motion), M. Serge Urbany, M. Serge Wilmes*
 - *M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale (M. Serge Urbany et M. Carlo Wagner posent des questions)*
 - *Motion 1: M. Mars Di Bartolomeo (M. François Bausch et M. Gast Gibéryen posent des questions)*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
 - *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf et Etienne Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6387 iwwert d'Rentereform. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Wagner, den Här Braz, den Här Gibéryen an den Här Wilmes. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch, déi och en Deel vun der Zäit vun hirer Fraktioun, der LSAP, hält. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

6387 - Projet de loi portant réforme de l'assurance pension et modifiant:

1. le Code de la Sécurité sociale;

2. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de fer luxembourgeois;

3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;

4. la loi modifiée du 7 août 1912 concernant la création d'une caisse de prévoyance pour les fonctionnaires et employés des communes et établissements publics;

5. le Code du Travail

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.**- Merci. Eise Pensionssystem ass haut ee vun deene beschten op der Welt: héich Leeschtungen, niddreg Bäitrag, vill Aktiver a Baitragszueler, héich Reserven. Woufir dann déi ganz Opreegung a firwat déi vill Diskussiounen? A firwat iwwerhaupt eng Reform?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass keng einfach Aufgab, op dëser Plaz e Rapport iwwert d'Reformvirschléi vum Lëtzeburger Pensionssystem ze maachen. Engem System, dee mir duerch d'Bänk alleguer gutt fannen an dee mir a senger Substanz och alleguer erhalen wëllen.

Fakt ass, dass sech d'Geeschter un dësem Gesetzesprojet scheeden: Op där enger Säit stinn

déi, déi fannen, dass d'Reform vill ze wäit geet, an op där anerer Säit déi, déi soen, se géif mat Sécherheet net wäit genuch goen. Dass béid Säiten net wierklech zefridde si mat deem Projet, dee mir haut diskutéieren an och wäerten zur Ofstëmmung bréngen, mécht zwar keng Freed, mä et weist awer op d'mannst, dass mer e Kompromëss an eng beschtméiglech Tëscheleisung, en Tëscheuwee gesicht a fonnt hunn.

Ze wäit geet de Projet fir déi, déi op déi enorm Reserven hiweisen - mat iwwer eelef Milliarde maache si bal véiermol d'Joresausgabe fir eis Pensionen aus - an op déi an hiren Aen ze niddreg Cotisatiounen, bei deenen nach ganz vill Spillraum géif bestoen. An net wäit genuch geet et fir all déi, déi virun der sougenanntener „Rentemauer“ warnen, fir si eng natierlech Suite vun enger ze niddreger Zuel vu Baitragszueler an enger ze héijer Zuel vu Pensionsempfänger an der Zukunft.

Jo, bewäert huet e sech, dee System, iwwer Jorzéngten ewech! Eis Mindestrent ass haut mat 1.630 Euro bal duebel esou héich wéi d'Duerchschnëttsrent an eise Nopeschland Däitschland. Bei 40 Cotisatiounsjore läit eis Duerchschnëttsrent zu Lëtzebuerg bei ëmmerhin 3.100 Euro am Mount.

D'Altersarmut ass am europäesche Verglach zu Lëtzebuerg ganz geréng. Duerch d'Émlageverfahre baséieren eis Pensionen op engem solidaresche Grondkonzept. An den tripartitë Finanzierungsmodus - Stat, Patronen, Assuréeen - huet Modellcharakter a suergt fir de sozialen Équilibre.

Alles an der Rei deemno? Net wierklech.

De Gesetzesprojet, dee mer haut virstellen, baséiert op der Grondastellung, dass haut an elo Handlungsbedarf besteet, fir dee bewäerte System a senger Substanz och an der Zukunft ze erhalen, dobäi awer der gesellschaftlecher Realitéit an der konstant steigender Liewenserwaardung Rechnung ze droen.

Dee virleiende Projet de loi gouf den 31. Januar 2012 vum Sozialminister déposéiert. Als zoustänneg Chamberskommissioun ware mir schonn am Virfeld souwuel bei der Preparatioun wéi och bei der Élaboration associéiert. Effektiv geet den Ursprung vun dëser Pensionssystemreform schonn op d'Tripartite vum Abrëll 2006 zrëck. Deemools war decidéiert a festgehale ginn, dass ee Groupe de réflexion soll Propositionen ausschaffen, fir de Pensionssystem laangfristeg ofzesécheren, och a virun allem am Hibleck op déi geännert a verlängert Liewenserwaardung...

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, der Madame Rapportrice nozelaschteren!

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.**- ...an dat, wat si u gesellschaftlechen a gesondheets- a sozialpolitesche Verännerunge mat sech bréngt.

Dëse Wëllen an d'Zil, de Pensionssystem an deem Sënn ze adaptéieren, dass e finanzéierbar bleift an och an Zukunft adequat Leeschtunge ka bréngen, huet och dës Regierung no de Wahlen vum 7. Juni 2009 an hirer Regierungserklärung op en Neits bekräftegt. Dobäi gouf nach eemol ganz besonnesch ervirgestrach, wéi wichteg et ass, den Équilibre tëschent Aktiven a Pensionéierte beschtméiglech oprecht-zuerhalen.

An der Gesondheets- a Sozialkommissioun vun der Chamber hu mir eis kontinuéierlech a regelméisseg mam Thema Rente befaasst. Esou och am Abrëll 2009 an am Mäerz 2010, wou et ganz konkret ëm d'Grondlinn vun der ugestrieffter Pensionssystemreform giong a wou de Minister eng ganz Rei vu Piste virgestallt an zur Diskussioun gestallt huet.

Den 2. Juni 2010 hu mir eis am Kader vun enger Orientierungsdebatte an der Chamber intensiv mat der Pensionssystemreform befaasst. Dobäi gouf festgehalen, dass d'Reform de System als solchen erhalen a festge sollt. Et war e Bekenntnis: éischtens, zum Émlageverfahre mat der Constitutioun vun enger Reserv; zweetens, zu engem System, deem op der Solidaritéit tëschent de Generatiounen baséiert; drëtten, zum Finanzement, dee weiderhi soll solidaresch jee zu engem Drëtzel vun de Salariéen, den Employeuren an dem Stat gedroe ginn; a véiertens, zu engem System, deem och e solidareschen a sozial ausgläichenden Aspekt huet an domadder derfir suergt, dass déi méi bescheide Pensionen en adequaten Niveau behale mussen.

D'Sozialkommissioun ass nom Dépôt vum Projet de loi weider 14-mol zesummegekomm, fir sech am Detail mat der geplangter Pensionssystemreform ausenannerzusetzen. Meng Unerkennung geet un all d'Memberen a Kollege vun der Kommissioun, déi och bei dësem komplexen a ganz schwieerege Projet déi beschtméiglech Konklusiounen am Intérêt vun der Saach gezunn hunn. Ech wëll an dësem Merci ausdrécklech eise formidabele Sekretär, de Martin Bisenius, awer och d'Madame Nadine Entringer vum Groupe parlementaire mat abezéien.

De Conseil d'État huet am Ganzen dräi Avisen zu dësem Gesetzesprojet ofginn. Um Enn konnten all d'Bedenken a Problemer aus dem Wee geraumt ginn. Déi ëmfassend a fundéiert Avisé vum Statsrot an dee permanente fachlechen Austausch mam Sozialminister a mat senger Mataarbechterinnen a Mataarbechter hu ganz wesentlich dozou bäigedroen, dass mir eis als Kommissioun beschtméiglech mam Projet an och mat de verschiddene Positiounen ausenanneretze konnten, déi am Laf vun den Diskussiounen un eis erugetruede gi waren.

Esou ass de Statsrot ënner anerem op d'Aarbechtshypothesen agaangen, déi an deene leschte Méint a Jore ganz regelméisseg Ulooss fir Kritik vun ënnerschiddleche Säite waren. Och de Statsrot huet fonnt, dass d'Zuelen, op déi sech an dësem Projet baséiert gouf, an dësen Zäite vläicht als ze vill optimistesche kéinten ugesi ginn. Allerdéngs géifen déi geplangte Mécanismes de correction dozou féieren, dass een op méi schlecht Konditiounen ganz flexibel reagéiere kéint, wat vum Statsrot begréisst gouf.

D'Avisé vun der Chambre des Salariés, der Statsbeamtekummer, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers spigelen dat zrëck, wat ech schonn aganks erwähnt hat, nämlech déi diametral entgéegengesate Positiounen vum Zevill op där enger Säit a vum net Genuch op där anerer Säit.

Dës ënnerschiddlech Positiounen waren och schonn am Virfeld bei den Entrevuen zum Ausdrock komm, déi mir als Kommissioun organisiert haten. D'Zil vun dëser fir eis Kommissioun ganz interessanten an opschlossräichen Entrevu war, fir déi verschidde Meenungen a Kritiken ze héieren a si an eis Diskussiounen zum Projet dee Moment och afléissen ze loosse. Dës konstruktiv a sachlech Gespréicher hu mir mat de Gewerkschaften gefouert, mat der Union des Entreprises, mat enger Delegatioun vum Jugendparlament a mam nationale Fraerot. Hinnen nach eemol e ganz grouse Merci fir hir Disponibilitéit an och fir hiren Input!

Ech wëll hei net am Detail op den Historique vum Lëtzeburger Pensionssystem agoen. Ech mengen, dat kënnt Dir am Exposé des motifs vun dësem Projet an och am schrëftleche Rapport noliessen.

Wichteg ass et awer, fir op en Neits ervirzestrichen, dass dëse System iwwert déi lescht Honnert Joer opgebaut a virun allem weiderentwé-

ckelt gouf. Esou konnten ëmmer méi Mënschen zu Lëtzebuerg an de Genoss vun der Pensionssystemreform kommen an esou konnten och d'Leeschtunge permanent ausgebaut a verbessert ginn.

Zënter 1976 a bis haut ass de Cotisatiounstaux stabil bliwwen, an dat trotz bestänneg Leeschtungserhéijungen, bei enger Liewenserwaardung, déi kontinuéierlech geklommen ass a mat enger Liewensarbeitszäit, déi, zum Deel bedéngt duerch méi laang Studien, awer och aner Facteuren, konstant erofgaangen ass.

Et ass net ewechzediskutéieren, dass den Niveau vun de Pensionen hei zu Lëtzebuerg wäit iwwert deem vun den Nopeschlänner läit. Mir hunn an der Moyenne en Taux de remplacement vu 87 Prozent. Dat heescht, en Assuré, deen en duerchschnëttleche Salaire hat, kritt duerno als Pension 87 Prozent vu sengem Salaire. Am Verglach: An der Belsch an an Däitschland läit deen Taux bei 42 Prozent respektiv bei 49 Prozent.

Dat ass och de Grond, firwat hei zu Lëtzebuerg déi meeschten eeler Leit éischter gutt dostinn, besser wéi d'Gesamtbevölkerung. Während a ganz Europa den Aarmutsrisiko bei den eelere Leit méi héich ass wéi bei der ganzer Bevölkerung, leeft een als iwwer 65-Jähregen hei zu Lëtzebuerg manner Risiko, fir aarm ze sinn. Bei de 65 + läit deen Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg bei fënnf Prozent.

Och an Zukunft mussen mir et zu Lëtzebuerg fäerdegbréngen, dass d'Altersarmut niddreg bleift an dass de Liewensniveau am Alter kann erhalen ginn. Dass dat iwwerhaupt méiglech war, dat hu mer natierlech der aussergewöhnlecher an am europäesche Raum wuel eemoleger Entwécklung vun eiser Ekonomik an eise Aarbechtsmaart ze verdanken.

Emmer méi a gréisstendeels jonk Leit op der Sich no Aarbecht koume bei eis an d'Land, sou dass d'Mass vun de Cotisatiounen, déi e gudde Deel vun de Recetté vun der Pensionssystemreform duerstellen, rasant geklommen ass. An domadder konnte bis zum heitegen Dag déi permanent Leeschtungsverbesserungen ouni Problem finanziert ginn a gläichzäiteg eng ganz déck Reserv ugeluecht ginn.

Fir de Moment läit d'Prime de répartition pure, also deen Undeel vun de Cotisatiounen, deen direkt gebraucht gëtt, fir d'Pensionssystemreform ze finanzéieren, bei 21 Prozent. Mir hunn eng Reserv, an där Enn 2011 gutt eelef Milliarde waren, spréich 3,7-mol d'Joresausgaben. Dat ass e gudde Polster, deen allerdéngs och nees ganz schnell schmëlze kann.

Wouop verschidde Stëmme scho méi laang hiweisen, wäert iwwer kuerz oder laang och passéieren: Déi vill nei Aarbechtskräften, déi an deene leschte Joren a Jorzéngten duerch e regelrecht Jobwunner op de Lëtzeburger Aarbechtsmarché komm sinn, déi wäerte geschwénn a massiver Zuel selwer de Pensionssystemreform errechen. Mat der héijer Zuel vu Pensionäre ginn och d'Dépenses drastesch an d'Luucht. An aktuelle Berechnungen vun der IGSS no wäert sech vun haut bis 2060, och wann dat nach wäit entfernt klénkt, d'Zuel vun de Pensionären hei am Land verdräifachen.

An anere Wieder: Fir an der Zukunft déiselwecht Leeschtungen ze halen, misst et entweder zu enger Cotisatiounserhéijung bis iwwer 40 Prozent kommen oder mir bräichten 3,5- bis dräimol esou vill Assuréeen. Hei schwätze mer ëmmerhi vun engem weideren Zouwuess vun de Beschäftegten op ronn 1,2 Millioun Cotisanten, mat geschaten 900.000 Nonrésidenten, déi all Dag iwwert d'Grenz bei eis géife schaffe kommen.

Ganz éierlech, hale mer dat fir realistesch? Gleewe mer un iwwer eng Millioun Leit, déi als Salarié an der Zukunft bei eis kommen? Géife mir dat gutt fannen, wann zweemol esou héich Baitrag op eis Aktiv géifen zoukommen? A wiere si iwwerhaupt bereet, dat ze akzeptéieren?

Här President, wa mer verhënnere wëllen, dass aus eisen Trëmp vun haut - héich Leeschtungen, niddreg Baitrag, héich Reserven, vill Baitragszueler a relativ wéineg Pensionéierter - d'Risiko vu muer ginn, da mussen mer handelen! A wa mer dee gudde System, dee mer vun eisen Eltere geierft hunn a fir deen eis Grousselteren op d'Strooss gaange sinn, erhalen wëlle fir



eis Kanner a fir nofolgend Generatiounen, da mussen mer dee System haut reforméieren.

Kommt, mer erënneren eis! Ganz ënnerschiddlech a gläichermoosse wichteg a renomméiert international Organismen a Gremien hunn an deene vergaangene Joren ëmmer erëm a mat Nodrock op déi zukünfteg Problemer fir Lëtzebuerg higewisen: d'Europäesch Kommissioun, de Fonds monétaire international an d'OCDE - d'Organisation de coopération et de développement économiques. Si alleguer ënnersträchen, zum Deel mat radikale Léisungsvirschléi, d'Nécessitéit vun enger Reform, fir dass eise Pensiounssystem weider finanzéierbar an op nofolgend Generatiounen iwwerdrobar bleift.

D'Regierung wollt zesumme mat der Chamberkommissioun, déi dës Meenung deelt, krass Aschnëtter bewosst verhënneren. Verännerunge sinn, wann ee se richteg an de Kontext setzt a wierklech kuckt, näischt anescht wéi punktuell an novollzéibar Upassungen, bedénkt an noutwendeg ginn duerch d'Verlängerung vun der Liewenserwaardung an d'Verkierzung vun der Liewensarbeitszäit.

Et ass wuel richteg, dass de legale Pensionsalter zu Lëtzebuerg bei 65 Joer läit; an am Iwwerengen och no dëser Pensionsreform weiderhi bei 65 Joer wäert leien. Et ass awer och richteg, dass déi wéinegst Leit zu Lëtzebuerg tatsächlech bis an deen Alter schaffe ginn. Den duerchschnëttlechen Alter, mat deem d'Leit bei eis am Land an d'Pensioun ginn, läit bei 59 Joer.

Wann een dann zousätzlech bedenkt, dass e groussen Deel vun deenen, déi mat 59 Joer an d'Pensioun ginn, zu deem Moment keng 40 Joer cotiséiert hunn an doriwwer eraus nach 20 oder méi Jore wäerte liewen an hir Pensioun bezéien, da brauch ee kee Mathematiker ze sinn, fir ausrechnen, dass dat op méttel a laang Siicht net kann opgoen.

Et deet mer leed, bei Cotisatione vu 24 Prozent, also emol net e Véierel vum Salaire, a Pensiounen vun duerchschnëttlech 87 Prozent - fir déi kleng Salairé souguer iwwer 100 Prozent - vum Salaire, muss all System fréier oder spéider kippen. E System, deen, wuelverstanen, duerch e staarken Engagement vum Stat - 1,2 Milliarde pro Joer, wat net näischt ass -, vun enger gesonder Finanzsituatioun, déi mer haut relativéiere mussen, an enger eemoleg héijer Zuel vu Beschäftegten a Cotisantë gestäipt a gedroe konnt ginn.

Vereinfacht gesot: Wa mer haut näischt ënnerehuelen, da bezuelen eis Kanner muer dat Duebelt u Bäitrag, fir nëmmen nach d'Halschent vun de Leeschtungen erauszéien. An dat wëlle mer net.

D'Reform, déi mer maachen, fir eise Pensiounssystem och fir zukünfteg Generatiounen ze erhalen, ass novollzéierbar. Si ass rasonabel an équilibréiert. Si bedénkt eng progressiv Ëmsetzung no solidaresche Prinzipien. Si erhält d'Rechter vun den heitege Pensionären a si séichert déi kleng Pensiounen of; wat eisen ausdréckleche Wunsch ass.

Wat sinn elo d'Haaptelementer vun dëser Reform?

Fir d'Éischt déi ëmgeännert Berechnungsformel vun de Pensiounen, e Kärsäck vun der Reform. Et geet drëms, fir d'Liewensarbeitszäit un d'Evolution vun der Liewenserwaardung unzepassen.

An Zukunft wäert et am Prinzip esou sinn, dass een, dee méi laang schafft a méi laang cotiséiert, och méi héich Prestatiounen zegutt huet, well e jo logescherweis méi laang abezueelt huet a logescherweis och manner laang eng Pensioun wäert kréien.

Een, deen op där anerer Säit optéiert fir méi fréi opzehale mat schaffen an ze cotiséieren, huet manner abezueelt a kritt deemno och méi laang seng Pensioun, an duerfir si seng Leeschtungen, op déi e pro Mount Urecht huet, natierlech méi niddreg.

Konkret gesi gëtt en Ureiz geschaf, fir dass d'Leit méi laang am Arbeitsprozess bleiwen doduerch, dass den Taux vun de Majorations proportionnelles progressiv vun haut 1,85% op 1,6% am Joer 2052 erofgesat gëtt. Mir schwätze wuelverstanen vun der Berechnung vun deem Deel vun der Pensioun, dee proportionell zum Salaire berechent gëtt an op deem cotiséiert gouf.

Zousätzlech gëtt et d'Majorations proportionnelles échelonnées. Si dinn den Taux de majoration proportionnelle zousätzlech ab enger bestëmmter Zuel vu Cotisationsjore klammen, souzeseen als Bonus, fir déi ze belounen, déi

bereet sinn, méi laang ze schaffen. Déi Majorations proportionnelles échelonnées gëtt et haut och schonn, nämlech 0,01% zousätzlech pro Joer ab engem Alter vu 55 Joer a bei 38 Cotisations-Carrière-Joren. Bis 2052 gëtt dësen Taux eropgefuert op 0,025%. Zegutt huet een déi allerdingen eréischt ab engem Alter vu 60 Joer a bei 40 Versécherungsjoren.

Bei der Grondrent, dem Taux de majoration forfaitaire, läit den Taux haut bei 23,5%. En Taux, deen iwwert déi nächst 40 Joer net nëmmen, wéi uganks geplangt, op 26, mä duerch dëst Gesetz op 28% wäert gehéicht ginn. D'Motivatioun duerfir ass, dass mer mat där Mesure fir en adequaten Niveau vun de méi bescheidene Pensiounen suergen, wat en ausdréckleche Wunsch vun der Kommissioun a vun de Sozialpartner war. Dëst kënnt am Besonneschen deene Leit zegutt, déi méi penibel Arbeitschte gemaach hunn an net héich bezuelt gi sinn. Fir dës weideren Effort huet sech am Laf vun eisen Arbeitschte e Konsens erausgeschilt. A mengen Aen ass et extrem positiv, dass mir zesummen esou eng Verbesserung konnten erreechen.

D'Konditiounen, fir kënnen a Pensioun ze goen, bleiwen iwwerdeems déiselwecht wéi haut: mat 57 Joer bei 40 effektive Cotisationsjoren, mat 60 bei 40 Versécherungsjoren, dovunner op d'mannst zéng effektiv Cotisationsjoren, a soss mat 65 Joer, wann een op d'mannst zéng Joer zesummen huet. Wéi gesot, dat ass de Prinzip, deen och an Zukunft esou bleift. Allerdéngs ginn d'Leeschtungen méi héich, wat ee méi laang am Arbeitsliewe bleift a cotiséiert.

Assurëen, déi iwwert hir ganz Karriere en Akommes ronderëm de Mindestloun haten, gëtt eng adequat Mindestpensioun garantéiert, och wa si, wéi dat dacks bei méi penibelen Arbeitschte de Fall ass, net méi laang kënnen schaffen goen, well hir Arbeitschte mat engem groussen, oft mat engem enorme physischen Effort a mat kierperleche Problemer verbonden ass. An dat wësse mir.

An deem Kontext sief och rappeléiert, dass eng Reform vum Reklassement a Preparatioun ass, déi mat Verspéidung zum Joreswiesell wäert deposéiert ginn. Doran ass ënner anerem e regelrechte Statut virgesi fir dee Salarié, dee seng Arbeitschte net méi ka maachen a Problemer huet, um Arbeitschtmarché iwwerhaapt nach ënnerzekommen.

Net geännert sinn d'Bestëmmungen aus dem Code du Travail iwwert d'Préretaire. Mä och do gëllt de Prinzip, dass een Intérêt huet, fir seng Karriere ze verlängeren an dann zum Beispill als Schichtarbechter säi Recht op Préretaire an Usproch hält, wat och esou gewünscht ass.

Dee virleiende Projet hat a senger ursprénglecher Form virgesinn, fir d'Prise en compte vun de Studienzäiten ze limitéieren an net méi vun 18 bis 27, mä just nach vun 20 bis 27 Joer unzerechnen. No eisen Diskussiounen an Échangen, an och no enger ganzer Rei vun Avisen, ënner anerem am Gespreech mam Jugendparlament an nom Avis vum Conseil d'État, goufen déi geplangten Ännerunge fale gelooss, fir elo bei den aktuellen Dispositiounen ze bleiwen, an dat ass och esou gewünscht.

Am Kader vun dëser Reform ass och de Problem vun deene Leit, an an der Praxis meeschtens Fraen, déi keng komplett Karriere hunn, opgeworf ginn, an um Enn keng oder just eng ganz niddreg eege Pensioun zegutt hunn. An dee Problem ass a mengen Aen zefriddestellend am Kontext vun dësem Projet de loi geléist ginn.

De Projet mécht an deem Sënn déi fräiwëlleg Weiderversécherung méi abordabel, andeems de Minimum, op dee muss cotiséiert ginn, erofgesat gëtt. An Zukunft ass et méiglech, sech bei Berufsennerbriechunge maximal fënnf Joer mat engem Bäitrag vu just 100 Euro pro Mount virun ze versécheren. Dee Montant louch bis elo bei 300 Euro pro Mount.

Zil ass et net, iwwert dee Wee komplett Rechter opzebauen, well dat ass nämlech a kengem Fall méiglech. An Zil ass och net, fir méi eng héich Pensioun doduerch ze kréien, well dat ass net de Fall. Mä Zil ass, fir bei Ennerbriechungen derfir ze suergen, dass trotzdeem a méi einfach genuch Versécherungsjoren zesummekommen, fir d'Pensioun ze garantéieren. An dat ass haut nach laang net de Fall.

Ech wëll och hei ënnersträchen, dass dës fënnf Joer bei all aner Ersatzzäiten derbäikommen, déi et den Ament souwiso scho gëtt: zwee Babyjore pro Kand, déi als Périodes assimilées gëllen, an d'Erzéiungsjoren, véier pro Kand, déi als Ersatzzäiten ugerechent ginn.

Der Fuerderung vun de Fraenorganisatiounen, dës Weiderversécherung obligatoresch ze maachen, konnt d'Regierung weinst der spezifischer Situatioun vun de Frontalieren net kommen. Een, deen aus dem Arbeitschtmarché eraus ass an net méi hei am Land wunnt, dee

kann een evidenterweis net zwängen, fir sech zu Lëtzebuerg virun ze versécheren. Dat brénge mer net fäerdeg.

Dozou ass awer ze soen, dass och eng obligatoresch Weiderversécherung keng optimal Léisung géif duerstellen. Tatsaach bleift, mat oder ouni Ersatzzäiten: Dee Partner hei am Land, deen eng Zäit ophält mat schaffen oder manner schafft, fir sech ëm d'Famill ze këmmern, kritt an der Regel manner héich Pensiounsleeschtung wéi deen anere Partner, an dat ass net gutt esou. Fir dee Problem ze léisen, geet och e Mentalitéitswiesell net duer. All Koppel soll sech bewosst ginn, wéi wichteg et ass, dass si alle béid eng eegen an am beschte komplett Assurancécarrière opbaue mussen.

Am Kloertext: Wann ee Partner ophält mat schaffen oder d'Arbeitszäit reduzéiert, da sollt e sech onbedéngt weiderversécheren, op d'mannst um Mindestloun an am beschten op de Montant vun der fréierer Pai. D'Kommissioun war sech bewosst, dass dat keen einfachen Thema ass, begréisst d'100-Euro-Cotisation als propper an hëllefreich Tëscheleisung an insistéiert, dass iwwert dës Gesetzestext eraus eng ëmfaassend Informationscampagne entaméiert muss ginn. Wa mer wierklech wëllen, dass d'Fraen - well si sinn an dëser Diskussioun haaptsächlech viséiert - och a grad-esou gutt verséichert kënnen si wéi d'Männer, dann ass dat a menger perséinlecher Iwwerzeugung nëmme méiglech duerch eng Individualiséierung vun de Pensiounsrechter an der Zukunft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Pensionsreform huet als Zil, de System ofzesécheren an d'Liewensarbeitszäit un d'Evolution vun der Liewenserwaardung unzepassen. Fir d'Iwwergang méi fléissend ze maachen, wäert et an Zukunft méi einfach an och méi interessant ginn, fir eng Pension anticipée mat engem zousätzlechen Akommes ze cumuléieren. Haut gëtt eng Pensioun automatesch halbéiert, wann den Zousazverdénsgscht pro Mount, iwwer ee Joer gekuckt, méi héich ass wéi en Drëttel vum Mindestloun. An der Zukunft wäert dat net méi de Fall sinn. No der Entrée en vigueur vun dësem Gesetzesprojet kann ee bis op d'Moyenne vun de fënnf héchste Revenu pro Joer derbäiverdengen.

D'Kommissioun konnt och novollzéien, dass Invaliderentner déi Méiglechkeet an Zukunft net sollen hunn an dass si just eng Activité insignifiante, wéi dat esou schéin heescht, dierfen hunn, dat heescht, just bis zu engem Drëttel vum Mindestloun kënnen derbäiverdengen. Dat huet eis logesch a richteg geschénkt, well entweder et ass een invalid an da kann een net schaffen, a wann ee ka schaffen, dann ass ee par définition keen Invalid.

Wéi schonn am Virfeld ervirgestrach, gëtt am Moment un der Reform vum Reklassement geschafft. Do geet et virrangeg drëm, fir d'Leit, déi hir lescht Arbeitschte net méi kënnen maachen, ze reklasséieren, wat an der Praxis net ëmmer esou einfach ass wéi et kléngt. Den entsprechenden Avant-projet ass am Moment, eisen Informatiounen no, an der Diskussioun mat de Sozialpartner, ier mer nom Dépôt als Kommissioun domadder befaasst wäerte ginn, wat eisen ausdréckleche Wunsch ass.

Do dernieft a parallell gëtt um „Pacte troisième âge“ geschafft, deen d'Beschäftegung vun eelere Salarié begleeden an encadréiere soll. Dat ass an eisen Aen extrem wichteg. Dat dierfe mer net vergiessen an dat dierfe mer net vernoléisegen. An dee Kader gehéiert och eng Regelung vun engem méiglechst fléissenden Iwwergang vum Berufsliewen an d'Pensioun, mat verbesserte Méiglechkeete fir Deelzäit ze schaffen a gläichzäiteg eng Deelpensioun ze kréien.

Ech ka mer virstellen, dass dat vill Leit kéint zousätzlech encouragéieren, fir méi laang am Arbeitsliewen ze bleiwen. Eng Win-win-Situatioun, op déi d'Patronen an d'Betribler sech herno kënnen beruffen a vun där si Bénéficiaire wäerte sinn. Ëmmerhin, an d'Gewerkschafte weise mat Recht konstant dorop hin, brénge grad déi eeler Salarié ganz wäertvoll Wëssen an eng grouss Expéienz mat. Zwee Haaptatouten, déi bei engem fréizäitegen Départ géife komplett verluer goen, an dat wier net gutt.

En zentraalt Element vun der Reform betrëfft den Ajustement. An Zukunft gëtt ënnerscheet tëschen dem Ajustement proprement dit vun de lafende Pensiounen an der Revalorisation vun de Léin, op deenen iwwer Jore cotiséiert gouf, bis zu deem Moment, wou een an d'Pensioun antrëtt.

D'Revalorisation wäert selbstverständlech och an Zukunft normal erfollegen. De Réajustement soll awer op Basis vun dësem Reformprojet un déi finanziell Situatioun vun de Pensiounskeese gebonne ginn. Fir dass dat ze moossen ass, gëtt e sougenannten „facteur modérateur“ agefuert, deen de Moment bei 1 läit. Wann d'Prime de répartition pure iwwert de globalen

Taux de cotisation klëmmt, an anere Wieder, wann d'Ausgaben iwwert d'Cotisationsrecetté klammen, da gëtt dee Facteur modérateur op 0,5 oder gegebenenfalls op ee Wäert drënner erofgesat.

Dat géif dee Moment an der Praxis bedeuten, dass de Réajustement vun de lafende Pensiounen un d'Lounentwécklung nëmmen hallef ausbezueelt géif, oder manner, deemno wéi. Et ass allerdéngs och virgesinn, dass, am Fall, wou dat Verhältnis tëschen Recetten an Dépense sech nees verbessert, wat mer jo alleguer wënschen, dee Facteur modérateur nees op maximal 1 eropgesat ka ginn.

Gläichermoosse gëtt d'Allocation de fin d'année an Zukunft vun der finanzieller Situatioun vun de Pensiounskeesen ofhängeg gemaach. Och dat schénkt eis logesch an novollzéierbar ze sinn. Et sief dorun erënnert, dass dës Allocation de fin d'année, déi oft fälschlecherweis als 13. Mount bezeecht gëtt, eréischt um Renten-dësch 2002 décidéiert gouf, mat awer ganz kloer der Oplag, dass se direkt a Fro gestallt misst ginn, wann den nohaltege Finanzement vun de Pensiounen net méi garantéiert wier.

Fir déi ganz Entwécklung vun der Situatioun besser am A ze behalen an adequat dorobber reagéieren ze kënnen, gouf och d'Période de couverture eropgesat. Am Moment dauert déi Période de couverture siwe Joer, dat heescht, dass am Moment all siwe Joer den Zoustand vun de Pensiounskeese gekuckt gëtt an den Taux de cotisation nei festgeluecht gëtt.

An Zukunft wäert dës Analys mam Bilan all fënnf Joer gemaach ginn an d'Entwécklung iwwert déi nächst zéng Joer gekuckt ginn, a wann de Wuesstum méi lues kënnt, da wierkt d'Reform ebe méi séier, well dat ass jo hire Grondprinzip.

Ofschléissend sief ervirgestrach, dass dës Reform net nëmmen de Pensiounssystem am Privatséctor betrëfft, mä och den neie Regime am öffentliche Dénsgscht. Déi nei Modalitéite vum Réajustement gëllen iwwregens och fir de Régime transitoire.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Gesetzesprojet weist, dass mir hei zu Lëtzebuerg eis Reformfäegkeet net verluer hunn. Erauskomm ass e Reformprojet, dee realistesch ass an deen e gudd Mix duerstellt. Et ass eng équilibréiert Reform. Si wierkt souwuel op d'Dépense wéi och op d'Recetten a si betrëfft gläichermoossen Aktiver wéi och Pensionéierter. Si ass verkaaftbar a si baséiert op Evidenzen. Ech denken dobäi virrangeg un eis demografesch Entwécklung an ech denken och un eis Liewenserwaardung, déi an deene leschte Jorzéngten noweislech a konstant an d'Luucht gaangen ass.

Méi laang Pensiounen kréien a manner laang schaffen goen, dat geet leider net op. Net zu Lëtzebuerg an och net am Rescht vun der Welt. Och dat ass eng Evidenz.

Dës Reform dierf een net isoléiert gesinn, well si mat anere Reformprojeten zesumme betruecht e kohärent Ganzt wäert duerstellen: Verbesserung beim Reklassement, Verbesserung bei den Deelpensiounen a bei der Deelzäitarbeit mat méi Kombinatiounsméiglechkeeten a méi Rechter, eng offensiv an obligatoresch Politique de l'âge an de Betriber a Begleetsmesurë fir den Travail senior, weider Schrëtt fir individuell Rechter fir dee Partner, dee seng Berufscarrière ënnerbrécht, a besser Méiglechkeete fir d'Weiderversécherung.

Här President, de Reformprojet ass elo amgang, de Prozess ass entaméiert an e muss weidergoen. Mat dësem Gesetzesprojet si mir eise Zil, och fir kommend Generatiounen e gudden an e finanzéierbare Pensiounssystem ze erhalen, e ganz gutt Stéck méi no komm.

Ech wëll lech ofschléissend, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi mat op de Wee ginn an lech Merci soe fir Äre laangen Intérêt a fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Rapporteuse. Als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Allerdéngs wëllt ech der Rapporteuse Lydia Mutsch Merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport, dee mech wäert vun der Presentatioun vun deene villen Zifferen entbanen, déi mer iwwer laang Séancen an onser Gesondheets- a Sozialkommissioun gewänzelt hunn.

Wann ee vu Pensiounen schwätzt, denkt een als éischt natierlech un d'Rentenmauer. Säit 1995 schonn huet d'CSV a virun allem onse Premierminister Jean-Claude Juncker ëmmer erëm op



deen Zeenario higewisen, deen am Pensiounswiese géif antrieden, wa mer net reagéieren.

Oft a laang ass ee mat esou Aussoe belächelt ginn. D'Reserve waren héich, si sinn et och am Moment nach. Firwat sollt een also vun esou eppes Onsympatheschem wéi enger Rentereform schwätzen?

Et gëtt awer Zuelen, déi eendeiteg sinn, an d'Madame Mutsch huet dat meescht genannt. Ech wëll der awer trotzdeem nach e puer ervirhiewen.

D'Frae ginn haut an der Moyenne méi wéi 83 Joer al, d'Männer kréien der iwwer 78. Den Här Gesondheetsminister huet kierzlech e ganz ambitiöse Programm virgestallt, dass d'Lëtzebuerger mat Hëllef vun der personaliséierter Medezin nach méi al solle ginn. Dat hëlleft de Lëtzebuerger, awer net de Renten.

Wann een da weess, dass den Antrëttsalter an d'Pensioun an der Moyenne bei 59 Joer läit, obwuel de legale Pensiounsalter 65 Joer ass, da gesäit ee séier, wou d'Kromm an der Heck läit. Den éischte grouse Problem vun onsem Rentensystem ass deemno ons Demografie.

De Coefficient de charge, also d'Zuel vu Pensionéierten, déi op 100 Aktiver kommen, déi weinst onser aussergewöhnlecher Aarbechtsmaatsituatioun zënter 2000 kontinuierlech erofgaang ass, geet elo zënter 2008 erëm an d'Luucht. An dräi Joer si mer vun 38,6 op 39,9 geklommen. Dat heescht, dass fir ee Pensionéierten am Joer 2008, do waren nach 2,6 Aktiver, an 2010 nëmme méi zwee an en hallwen. Wann déi Evolutioun unhält - an et gesäit jo de Moment um Aarbechtsmaart och net esou brillant aus -, da sinn am Joer 2020 nach just zwee Aktiver pro Pensionéierten an am Joer 2040 gëtt d'Verhältnis da gläich, also eent zu eent. Dat wär eng immens Laascht, déi mer onse Kanner an Enkelkanner net wëllen zoumuden.

D'Previsioun vum der IGSS, déi als Basis gedéngt hu fir dës Reform, tabélieren op engem Coefficient de charge vu 60. Dat heescht, dass pro Pensionéierten am Joer 2040 nach sollten 1,7 Aktiver iwwreg bleiwen. Dat awer ënnert deene relativ optimisteschen ekonomeschen Hypothesen, ënnert deenen de Projet entameiert ginn ass an och opgestallt ginn ass.

Et gëtt awer nach weider Chifferen, déi de Problem verdäitlechen.

D'Stiftung Marktwirtschaft, Forschungszentrum „Generationenverträge“ vun der Albert-Ludwigs-Universität Freiburg huet an enger Etüd iwwert d'öffentlech Finanz vum den EU-Länner interessant Donnéeën erausginn: 2010 huet Lëtzebuerg 20% Leit iwwer 65 a bis 2060 wäert dësen Undeel laut dëser Etüd op 45% klammnen.

Dir kënnt lech bestëmmt nach all drun erënnere, wéi déi Zifferen virun e puer Méint an de Medië waren. D'Etüd ass och ëmstridden, mä ech wollt se trotzdeem nennen, well se déi Situatioun, an där mer sinn, wann och vläicht net esou ganz genee, awer relativ korrekt illustriert. Notamment mécht si däitlech, dass zu Lëtzebuerg, wéi iwwregens och a quasi all onsen Nopeschlänner, ma besonnesch hei bei ons, d'Renten dee Poste sinn, deen d'Käschte vun de Staten am meeschten an d'Luucht dreift. Et sief drun erënnert, dass och eng Rei aner Etüden zur Dette cachée an eng ähnlech Richtung gaange sinn.

Mat onsem Rentensystem si mer europawäit an enger eenzegaarteger Situatioun, dass bei ons den Aarmutrisiko am Alter erofgeet. Nëmme 5% - an d'Madame Mutsch huet dat scho genannt - vun onsen eelere Matbierger sinn dem Aarmutrisiko ausgesat par rapport zu 13% an der Gesamtpopulatioun an 20% vun de Kanner. Och dës Zuele weisen, wéi generéis onse Pensiounssystem ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Chiffere sinn also bekannt a si si bekannt bedréilech. Wat wëlle mer elo dergéint ënnerehuele mat dësem Projet?

Et muss ee scho komplett blann sinn oder vill schlechte Wëlle weisen, fir ons Rentessituatioun als sécher ze bezeichnen an näischt dru wëllen ze änneren. 17 Joer nom Ufank vun den Diskussiounen ëm d'Rentemauer hu mer d'Reform elo um Dësch leien. Déi Reform, déi sollt verhënnere, dass eise Generatiounenvertrag implodiert.

Onse Versécherungssystem bleift no der Reform nach ëmmer deeselwechten; wat d'CSV ausdrécklech begréisst, mir bleiwen am bismarckschen Emlagerungsverfahren. Déi grouss Prinzipie ginn also an der Reform net a Fro gestallt, mä et gouf - esou wéi de Minister sech ëmmer gären ausdréckt - un enger Rei vu Schrauwe gedréit. Dëst ass e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung, mä geet et och duer? Dorobber kommen ech spéider nach eemol zréck.

Et ass schonns gesot ginn, dass mer elo net un eiem legale Pensiounsalter frëckelen. Dat ass och onser Meenung no gutt a richtig. Deen ass a bleift bei 65 Joer. Mä dee wierkleche Problem, dee besteet jo awer doran, dass d'Leit an der Moyenne sechs Joer méi fréi an d'Rent ginn, also mat 59 Joer hir Pensioun huelen.

Eent vun de groussen Ziler vun dësem Gesetz ass et folglech, de Leit den Ureiz ze ginn, méi laang schaffen ze goen. Et war ausdrécklech de Wëlle vun der Koalitioun, näischt ze imposéieren, mä de Leit de Choix ze loosse, ze wielen, wéini dass si wëllen an d'Pensioun goen.

Praktesch gesäit dat esou aus, dass een, deen haut ufänkt mat schaffen, och ka wéi haut no 40 Versécherungsjoren an d'Pensioun goen, mä dann awer eppes manner Rent kritt, wéi eng Persoun, déi hiert Liewe laang am jëtzege System war. Et ass dann un all Concernéierten, selwer ze wielen, ob him déi Pensioun duergeet oder ob e weiderschafft, bis en op deem Taux vun haut wier, wat zwee bis dräi Joer weider schaffe géif bedeuten.

Mir probéieren also heimadder, déi effektiv Schaffzäit vun den Aktive méi no un de legale Pensiounsalter erunzebréngen. A vläicht fanne sech jo och elo e puer méi Kandidaten, déi léiwer nach méi laang schaffen an domat hëllefen, d'Moyenne vum Pensiounsalter an d'Luucht ze driewen.

Dës Neierung gëtt doduerch erreecht, dass den Taux de majoration proportionnelle progressiv vun 1,85% am Joer 2013 op 1,60% am Joer 2052 erofgesat gëtt. Dat heescht prezis, dass am Joer 2052 d'Majorations proportionnelles ëm ronn 13,5% méi niddreg si wéi d'nächst Joer. D'Erofsetze vum Taux de majoration proportionnelle gëtt duerch déi geplangten Hausse vum Taux vun de majorations forfaitaires vun 23,5% op 28% am Joer 2052 ofgefiedert. Dëst féiert derzou, dass d'Baisse vum Taux de majoration proportionnelle sech manner wäert bemierkbar maache bei deene kleng Pensiounen.

Leit mat engem niddregen Akommes wäerte weiderhin eng korrekt Pensioun kréien, well d'Grondrente wäerte mam Gesetz klammen. Leit ouni Qualifikatioun, déi hiert Liewe laang haart kierperlech hu misse schaffen, fir hire Liewensënnerhalt ze garantéieren, wäerten no der Reform eng anstänneg Pensioun bezéien. Onse Pensiounssystem behält domadder säi soziale Charakter.

Fir de Leit awer och elo wierklech de Choix ze ginn, ob si wëlle méi laang schaffen goen, missen déi Efforten am Kader vun de Reklassementsprozedure gemaach ginn, déi d'Madame Mutsch schonn ugeschwat huet. Kee sollt aus gesondheetlechen Ursache gezwonge ginn, éischter a Pensioun ze goen. Dës Reform vum Reclassement professionnel sollt mer jo esou séier wéi méiglech a Muséi ëmsetzen. An de Projet ass onsen Informatiounen no drop an drun, dass en nach dëst Joer oder Ufank vum nächste Joer wäert fäerdeg sinn.

Deen nächste Punkt, deen ons wichteg ass am Gesetz, do geet et virun allem ëm ons Fraen. D'Assurance volontaire gëtt esou ëmstrukturiert, dass d'Fraen oder och Männer, déi hire Beruff fir eng Zäit op Äis leeën, fir sech op d'Erzéiung vun hire Kanner ze konzentréieren, fir 100 Euro de Mount kënnen hir Versécherungscarrière weiderféieren. Dat ass eng graveierend Ännerung, well bis elo de Minimalbetrag gerechent ginn ass op de Mindestloun. Dee louch ëm déi 300 Euro. Dat ass fir eng Famill mat Kanner, déi net richtig vill verdéngt, vill Geld. An et ass och doduerch bei de Fraen oft zu Lacunen an hirer Carrière komm.

Dës Méiglechkeet ass op fënnf Joer beschränkt, well et soss kéint, wéi d'Kommissioun festgestallt hat, zu Abuse kommen. Et geet jo och hei net drëm, parallell Rentecarrièren opzebauen, mä villméi, dass d'Fraen oder eben deen anere Partner, wann deen dann doheem bliwwen ass, dass si hire Beruff erëm kënnen a sollten ophuelen, ouni allze vill laang draus eraus gewiescht ze sinn. Et sief och nach ënnestrach, dass dës Mesurë bei déi bestehend Dispositiounen, spriech d'Babyjoren an Erzéiungsjoren, derbäikommen.

Mir ënnerstëtzen dës Mesure ausdrécklech, well se e wichtege Schrëtt ass a Richtung vun enger kompletter Carrière fir jiddwereen, besonnesch ebe fir d'Fraen, well et jo meeschtens awer nach si sinn, déi hir Beruffscarrière ënnerbriechen a sech ëm d'Famill këmmere. Hei ass awer nach vill Informatiouns- a Sensibiliséierungsbedarf, fir all Assurée - mat stommem „e“ - ze sensibiliséieren a si ze incitéieren, hir eege Carrière opzebauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass dës Reform e Schrëtt op deem richtige Wee ass, hunn ech elo unhand vun e puer Aspekter, déi ech ervirgehuewen hunn, beliicht. Mir sinn ons awer bewosst, dass an Zukunft nach weider Schrëtt musse gemaach ginn. Et mussen der

nach nokommen, fir dass mir net awer erëm virun an d'Rentemauer steieren. Well souguer mat deem, wat elo a Richtung finanziell Ofsécherung soll an d'Weeër geleet ginn, stellt d'IGSS fest, dass den Taux de cotisation an der Géigend vum Joer 2030 iwwer 30% klëmmt. Dat wëlle mir net fir déi Generatiounen, déi no ons kommen.

Mat deem neie System mussen d'Assurée ronn dräi Joer méi laang schaffen, fir op deeselwechte Montant Pensioun ze kommen, dee si am ale System kritt hätten. Wann een awer gläichzäiteg weess, dass d'Liewenserwaardung vun enger Persoun an der Pensioun ëm sechs Joer geklommen ass, da muss ee kee grouse Mathematiker sinn, fir ze gesinn, dass do nach e Lach, eng Lacune vun dräi Joer besteet. A wann déi allermeescht elo net motivéiert ginn, fir déi dräi Joer méi laang ze schaffen, da geet de Gap erëm séier op sechs Joer erop oder e lant iergendwou tëschent dräi a sechs Joer; mir fäerten, méi no bei sechs Joer.

Mir wäerten also net derlaanscht kommen, an Zukunft nozebesseren an ze komplettéieren, wa mir wëllen onse System nohalteg a laangfristeg ofsécheren, wa mir eise Kanner a Kandskanner an dësem Land wëllen eng aner Perspektiv gi wéi déi, en enormen Deel vun hirem Verdéngscht mussen derfir opzebréngen, fir déi eeler Generatioun ze erhalen. Dat wëlle mir. Dat wëllt d'CSV; also eng aner Perspektiv ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ausschaffe vun dëser Reform huet vill Zäit a Virbereedung erfuerdert. Während dëser Zäit huet sech wirtschaftlech an onsem Land allhand gedoen, an dat net zum beschten. D'Rechnunge fir de Projet baséieren op enger Croissance économique vun 3% am Joer an engem Wuesstum vun der Beschäftegung vun 1,5% am Joer. Mir wëssen haut, dass mer net méi vun esou optimisteschen Zuele kënnen ausgoen, soudass mer eigentlech schonn haut wëssen, dass mer net dee gewënschten an néidegen Effekt heimadder wäerten erzielen.

Mir mussen ons folglech séier Gedanke maachen, wéi mir ons op déi gewënschten Trajectoire bewegen oder ons kënnen weider bewegen. Soss packe mer d'Zil vun enger substanzierter Käschterreduzéierung vun eiem Rentensystem um Horizont 2060 net. Mir mussen ons deemno d'Fro stellen, ob mer net hätte sollen den Taux de majoration proportionnelle méi séier erofsetzen, wéi dat elo virgesinn ass.

Esou wéi dat elo fonctionnéiert, ginn d'Erspuerer eréischt no 40 Joer spierbar. Eng Méiglechkeet wier also gewiescht, déi Baisse iwwer 20 anstatt 40 Joer ze échelonéieren. Oder eng aner Méiglechkeet wier déi, den Taux bis op 1,48 anstatt, wéi virgesinn, op 1,6% erofzesetzen.

Musse mer eis net iwwerhaupt an Zukunft d'Fro stellen, ob dësen Taux iwwerhaupt méiglech ass, an, esou wäit eis Pensiounen indexéiert sinn, och néideg ass? An ob d'Kritären, fir en ze errechnen, déi richtig sinn.

Dësen Taux ass gebonnen un d'Entwécklung vum Emploi. Elo stellt lech vir, dass bei null Wuesstum oder souguer Réckgang vum Emploi trotzdeem d'Masse salariale iwwert d'Altersentwécklung an d'Carrière nach an d'Luucht geet. Dës Fro wollt ech emol an de Raum stellen.

Kolleeginnen a Kolleegen, eng aner Moosnam vun der Reform ass déi, den Iwwergang vum aktive Liewen an d'Pensioun ze erliichtere. Bis elo huet ee seng virgezunne Pensioun geholl a konnt dernief nach bis en Drëttel vum aktuelle Mindestloun derbäiverdengen. Doriwwer ass d'Pensioun dann ëm d'Halschent gekierzt ginn.

No der Reform kann een eng virgezunne Pensioun mat engem Salaire cumuléiere fir bis d'Héicht vun der Moyenne vun de fënnf héchste Salären, déi een a senger Versécherungscarrière opzeweisen huet. Dëst ass ze begrëssen, well doduerch dës Persounen hir Erfahrung der Aarbechtswelt weider kann erhalen bleiwen.

Trotzdeem kann ee sech d'Fro stellen, ob een de System net nach hätt kënnen vereinfachen, andeems een einfach institutionaliséiert Halfe-renten agefuert hätt. Da géif een nämlech eng hallef Pensioun ufroen an déi aner Hal-schent aktiv bleiwen.

Här President, nach ee leschte Punkt, deen der CSV-Fraktioun besonnesch um Häerz läit: dass all Assurée - dat betrëfft besonnesch d'Fraen, mir hu schonn dovunner geschwat - sollten amstand sinn, sech eng eegen Assurancécarrière opzebauen.

Sollt een net och d'Iddi vun den Zäitkonten erëm opliewe loosse?

Domadder wier et méiglech, zum Beispill Iwwerstonnen op enger Zort Extrakont ze buchen an déi dann ze benotzen, fir Lacunen an der Carrière ze stoppen, déi duerch Kannerbetreierungszäiten entstane sinn, also zousätzlech zu de Babyjoren an Erzéiungszäiten an der Assurance continuée.

Vläicht misste mer am Kader vun där éiweiger Diskussioun iwwert d'Individualiséierung vun de Renten, vun de Carrièren, och nach eemol d'Iwwerliewensrent op de Leescht huelen. Well déi meescht Fraen haut op d'mannst zum Deel eng eege Pensiounscarrière opgebaut hunn, a well mer hoffen, dass der dat an Zukunft nach méi solle sinn, erfüllen dës Iwwerliewensrenten hiren Zweck net méi onbedéngt. Wat fréier wichteg a richtig war, fir dass Fraen a Familijen net nom Doud vum Mann, deen eleng geschafft huet, mat eidelen Hänn dostoungen, féiert haut deels zu enger Iwwerversécherung.

Ofschlësse wëll ech mat den Automatismen, déi an der Reform leien, fir dee Fall, dass bei de Cotisatiounen d'Ausgabe méi héich si wéi d'Recetten. Ech hat et scho gesot, dass een d'Kopplung vum Ajustement un den Emploi misst verfolge, well fir de Fall vu Stagnatioun oder Réckgang vum Emploi d'Masse salariale trotzdeem, op d'mannst nach eng Zäit, duerch Carrièren an Altersstruktur géif klammen, dass also d'Masse salariale gegebenensfalls net dee richtigen Indicateur ass, wann et ëm d'Produktivitéit vun eiem Land geet.

Besonnesch an Zäiten, wou d'Finanzéierung vum Pensiounssystem op der Kipp steet, mussen mer oppassen, dass et net zu enger Egendynamik am System kënnt, dee mécht, dass d'Ausgabe klammen, ouni dass um Terrain effektiv ee Méi u Produktivitéit ka festgestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht hei waren eng Rei kritesch Remarquen, déi mir ons als CSV duerch de Kapp goe gelooss hunn. Dat wäert ons awer net dovunner ofhalen, dëst Gesetz matzestëmme, well et dee richtige Wee ass, dee mer haut entaméieren, well et deen éischte Schrëtt ass op deem richtige Wee, an ech bréngen lech domat och nach den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Merzen. Als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech selbstverständlech och der Rapportrice, der Madame Mutsch, villmools Merci soe fir deen explizite mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Et war bestëmmt net ëmmer ganz einfach, fir sech an där heiter nach komplexer an technescher Matière erëmfannen.

Virop wëllt ech awer och gläich soen, dass meng Fraktioun wäert géint dee virleienden Text stëmme. A menger Interventioun wäert ech selbstverständlech awer och erkläre, firwat mer mat där Reform net kënnen d'accord sinn a wéi d'Alternative vun der DP ausgesinn.

Här President, eigentlech gëtt et elei zu Lëtzebuerg eng laang Tradition vun Debatten iwwer Froen am Zesammenhang mat de Pensiounen. Dës Diskussiounen sinn oft haart a kontrovers gefouert ginn, mä um Enn vun engem Diskussionsprozess ass meeschtens e Konsensus erauskomm, mat deem all Acteur konnt liewen. Wéi gesot, et war emol esou. Zënter e puer Joer ass dat awer net méi de Fall. Ausser engem Débat d'orientation virun zwee an en halleft Joer hei an der Chamber ass kaum iwwert d'Rentepolitik an der Öffentlechkeet diskutéiert ginn.

Här President, haut diskutéiere mer iwwer eng Rentereform, déi méi oder wéineger am stillen Kämmerlein vum Minister a senger Beamten ausgeschafft ginn ass. Duerfir ass et och net verwonnerlech, dass et - ganz anséicht wéi bei der leschter Reform - och kee breede politesche Konsens iwwert dës Reform gëtt, vum gesellschaftlechen Konsens guer net ze schwätzen. Weder Patronat nach Gewerkschaften hunn an hire jeeweilege Stellungnahmen, wann och aus ënnerschiddleche Grënn, allze vill Positives vun där geplangter Reform zum Ausdrück bruecht.

Här President, d'DP war net averstanen, net d'accord mam Minister, wann e mengt, dass et duergaangen ass, dass hie seng Reform eenzeg an eleng mat de Sozialpartner hannert zouenen Dieren diskutéiert, a Gespräicher, déi fir d'Öffentlechkeet vollkommen ontransparent ofgehale gi sinn a wou d'Leit einfach mat den ausgehandelte Resultater konfrontéiert ginn.

Mir bleiwe bei der Iwwerzeegung, dass ee fir eng Rentereform, genau wéi dat 2001 beim leschte Rentendësch de Fall war, all Parteien aus der Chamber an Acteuren aus der Zivilgesellschaft muss mat an d'Diskussioun abannen. Nëmme wann dës Gespräicher a voller Trans-



parenz oflafen, kënnen d'Leit hiren Oflaf genee verfollegen, déi verschidde Propose vun deene verschiddenen Acteure kloer identifizéieren an eventuell och Décisiounen novollzéien.

Mir bedauern also als Demokratesch Partei, dass keng oppen Diskussioun mat allen Acteuren am Virfeld stattfonnt huet. Mir bedauern dat ëmsou méi, well vun de Sozialpartner eng Rei vu Propositionen op den Dësch geluecht goufen, déi eng breet an ausféierlech Diskussioun op alle Fall wäert gewiescht wären. Mir bedauern dat ëmsou méi, well all politesch Parteien hir Bereetschaft eigentlech zu enger breeder Diskussioun signaliséiert haten. Mir bedauern et awer och, well an der Gesellschaft duerschaus de Wëllen an d'Bereetschaft do sinn, fir eppes un eise Pensionssystem ze änneren, fir eng mëttel- a laangfristeg Ofsécherung ze fannen.

Här President, wann een iwwer Nehmen und Geben tëschent de Generatiounen nodenkt, da lant een onweigerlech beim sougenannten „Generatiounevertrag“. Dëse Vertrag ass am Fong geholl guer kee Vertrag, mä eng staatlech organiséiert Ennerhaltspflicht vun deene Leit, déi beruflech aktiv sinn, vis-à-vis vun deenen, déi an der Pensioon sinn.

Haut sinn d'Grondlage vun dësem Vertrag, nämlech de Pensionssystem a senger aktueller Form, awer a Fro gestallt. Leeschtungs zousoen, déi nach viru Joren a Jorzéngten ënner ideale Konditiounen gültig waren - ech denken un eng staark wirtschaftlech Croissance, en extrem niddrege Chômage an awer och héich Gebuerzuelen -, kënnen mer haut net méi oder zumindest net méi dauerhaft erhalen.

Duerfir ass d'Reform vum Rentensystem dee wuel gréisste Chantier vun eise Sozialstat, mat Sécherheet awer deen, an deem dee meeschten Zündstoff fir d'Relatiounen ënnert de Generatiounen steet.

Et ass sécher keng einfach Aufgab, dëse System esou ëmzebauen, dass d'Laaschten eenegermooes gerecht verdeelt ginn an och vun enger Majoritéit vun de Leit als gerecht kënnen emfonnt ginn. Dëst ëmsou méi, well mer zu Lëtzebuerg iwwer e Pensionssystem verfügen, dee par rapport zu anere Länner, trotz senger prozentual gesinn héije Leeschtungen, nach relativ gutt dosteet an am Verglach mam Ausland och nach ganz déif Cotisatiounen huet.

Et muss net ëmmer den décken Hummer ugesat ginn an alles a Fro gestallt ginn, mä Korrektur sinn trotz allem néideg, wa mer den Niveau vun de Leeschtungen a vun de Cotisatiounen wëllen erhalen. Vun der Politik verlaangt dat Courage, fir bestehend Schiflagen ze korrigéieren, an awer och Standfestegkeet, fir der Verlockung ze widerstoën, mat populisteschen, awer net finanzéierbare Versprechen op Stëmmefang ze goen.

Dëse politesche Courage fënnt een awer weder an deem virleienden Text nach bei de politesch dofir Responsabelen. Weder gëtt mat dësem Text eise Pensionssystem mëttelfristeg ofgeséichert nach ass an dësem Text eppes vu Generatiounegerechtgkeet ze fannen.

Dass de politesche Courage fir eng méi ëmfaassend Reform an der Regierung feelt, ass ëmsou méi verwonnerlech an erstaunlech, well jo awer de Statsminister 2008 gemengt huet, dass näischt maachen un der Pensionsfro engem - tëschent Gänsefüßchen - „Verbiechen“ un der zukünftger Generatioun géif gläichkommen. Grad wéinst deene staarke Wieder vum Premier hätt ee sech kënnen erwaarden, dass mer géife versichen, esou en „Verbiechen“ ze verënnern.

Derbäi kënnt, dass den Här Jean-Claude Juncker laut eegener Ausso deen eenzege Politiker hei zu Lëtzebuerg ass, deen d'Rentemauer erkannt huet. Wann dat wierklech esou ass, wéi konnt dann hien, wéi konnt d'CSV dës Reform einfach esou duergoe loossen? Eng Reform, mat där mer quasi ongebremscht wäerten an d'Rente-mauer rennen.

Derbäi kënnt och, dass am Wahlprogramm vun der CSV 2009 nozeliesen ass, ech zitieren: „Die finanzielle Lage der gesetzlichen Rentenversicherung ist zum jetzigen Zeitpunkt ausgezeichnet. Deshalb will die CSV das günstige Zeitfenster nutzen, um im Dialog mit den Sozialpartnern die Rentenversicherung auf kommende Herausforderungen vorzubereiten.“

Eis ass, ausser e puer Sitzungen hannert zouenen Dieren, net wierklech eppes bekannt iwwer esou en Dialog. Et kann och wierklech kee richtigen Dialog gewiescht sinn, wann e puer Woche virun der Ofstëmmung an der Chamber all Gewerkschafte géint déi geplangte Reform mobilmaachen a manifestéieren.

All dës Punkte beweisen, dass et der CSV an der LSAP vun Ufank u warscheinlech net wierklech drëm gaangen ass, fir eng definitiv déif gräifend Reform vum Pensionssystem ze maachen. Villméi ass et gaangen ëm kosmetesch Korrekturen, fir haaptsächlech 2014 iwwert d'Wahlen ewech erauszekommen.

Här Minister, Här President, de Minister huet an der Vergaangenheet öfters d'Accordë vum Rentendësch 2002 kritiséiert. D'Décisiounen vun deemools hätten him et schwéier gemaach am Hibleck op déi jëtzege Reform. An deem Kontext wëll ech awer just drun erënneren, dass beim Vote 2002 vun deem entspreche Gesezt Eestëmmegkeet hei an der Chamber geherrscht huet. Dat heescht, all Fraktiounen hätten deen Text gestëmmt deemools.

(Interruption)

Ech wëll an deem Kontext...

Ech mengen, den Här Minister hat souguer zweemol gewielt, eng Kéier fir sech an eng Kéier fir en aneren.

(Hilarité)

Ech wëll...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Sot, Dir waart awer de Chef vum Souk?

► **M. Carlo Wagner** (DP).- Selbstverständlich.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Ah, voilà!

► **M. Carlo Wagner** (DP).- Mä Dir musst déi Reform awer därmoosse gutt fonnt hutt, dass Der, wéi gesot, och nach fir e Kolleg matgestëmmt hutt.

(Hilarité générale)

Ech wëll an dësem Kontext awer och soen,...

(Interruptions)

...dass déi heiteg Reform ouni d'Grondlage vun der Reform vun 2002 iwwerhaupt net méiglech gewiescht wär.

Wat hätt de Minister dann haut gemaach, wann deemools net an deem konstruktive Gesecht de Rentendossier enger Lösung zougefuert gi wär, mat där jiddwereen averstane konnt sinn? Wat hätt de Minister dann haut gemaach, wann deemools net Rou agekéiert wär an där Rentereform? A wat hätt de jëtzege Minister da gemaach, wa sengerzäit déi sougenannten „Hongerrenten“ net aus der Welt geschafe gi wären? A wat hätt en haut gemaach, wa mer 2002 net de private Secteur op den öffentlichen Niveau vun der Rente bruecht hätten?

D'Demokratesch Partei fir hiren Deel steet och weiderhin zu hirer Verantwortung an zu hiren Décisiounen vun deemools. Ech wëll just niewebäi bemierken, dass et effektiv eng Tatsaach ass, dass an der Schlusserklärung vum Rentendësch nozeliesen ass, dass, wann iergendeng Kéier géifen emol schlecht Zäite kommen, iwwert d'Rente respektiv déi deemools getrafte Mesurë misst nei nogeduecht ginn.

D'Décisiounen vun 2002 goufen iwwregens ënner komplett anere wirtschaftlechen a finanzielle Viraussetzunge getraff, wéi mer se haut kennen. Kee konnt deemools virausgesinn, dass mer nëmmen e puer Joer duerno géifen eng schwéier Finanz- a Wirtschaftskris kréien, nämlech 2008, an dass déi sech géif iwwer Joren a Joren erausstrecken, well si ass bis haut nach net geléist.

Et ass sécher, dass haut, wou et eiser Ekonomie vill manner gutt geet, viles muss a Fro gestallt ginn an iwwerduecht ginn. Do sinn d'Rente keng Ausnahm. Mä et sinn awer och net nëmmen d'Renten, wou an dëser Situatioun muss driwwer nogeduecht ginn.

Här President, ech wëll mech net ze laang mat der Vergaangenheet ophalen. Et géillt hei virun allem, net no hannen, mä no vir ze kucken. Eise Pensionssystem steet haut, wann ee sech eleng op déi aktuell Situatioun konzentréiert, gutt do. 2011 louchen d'Recettë bei ronn 3,77 Milliarden, während d'Dépensen der 3,03 erreecht hunn, wat nach 94,4% vun de lafenden Dépensen uitgemaach huet.

Stellt een déi lafend Recetten an d'Dépensen niewenteneen, da stellt ee fest, dass mer also en Iwwerschoss vu 560,8 Milliounen hunn. Dësen Iwwerschoss huet et erlaabt, d'Reserv op ronn 11,32 Milliarden eropzesetzen. E Plus vu 5,2% am Verglach zu 2010. Insgesamt entsprécht dat 3,74-mol de lafenden Dépensen.

Derbäi kënnt, dass eise Pensionssystem extrem generéis Prestatiounen offréiert. Wann een nämlech kuckt, am Hibleck op Vermeidung vun Altersarmut ass dat selbstverständlich ze begrëssen. Mä dat huet op där anerer Säit awer och Hicken, well et eng Belaaschtung kann duerstellen. Esou louch den Taux de remplacement brut moyen hei zu Lëtzebuerg 2010

bei 87,4%. Just zum Vergläich d'Zuelen aus eisen dräi Nopeschlänner: A Frankräich läit dësen Taux bei 49%, an Däitschland an an der Belsch bei ronn 42%.

Zousätzlech zu deene generéis Prestatiounen kënnt derbäi, dass mer trotz engem legale Rentenalter vu 65 Joer eng vun deenen niddregsten Altersmoyennen hunn, wat den Antrëtt an d'Pensiounen ugeet. 2010 louchen dës bei 57 Joer - ech rënnen of - bei de Männer a bei 58% (veuiliez lire: 58 Joer) bei den Dammen. An der OCDE, an deene Länner, läit dës Moyenne bei 63,9% (veuiliez lire: 63,9 Joer) bei de Männer a bei 62,5% (veuiliez lire: 62,5 Joer) bei de Fraen. Mir hunn also do nach Sputt no uewen.

Net, dass Der mech falsch verstitt: D'Demokratesch Partei wëllt op kee Fall den Niveau vum Taux de remplacement erfsetzen, och net de legale Rentenalter eropsetzen. Mä dës Zuele muss een awer am Hannerkapp hunn, wann ee sech Gedanken iwwert den aktuelle Pensionsystem wëllt maachen.

D'Situatioun ass iwwregens alles aneschtens wéi berouegend, wann een d'Prognose fir déi zukünftge Entwécklung vun eise Pensionsystem kuckt. Bis 2060 wäerten dräimol méi Pensiounen ausbezuelte ginn, wéi dat haut de Fall ass. Ännere mer also näischt um heitege System, da gëtt et a manner wéi zéng Joer Defiziter an de Reserven, an d'Reserven, déi wäerten dann 2030 souguer eidel sinn. Derbäi kënnt, dass ab 2045 d'Cotisatiounen vun haut 24 op da 40% misste klammen.

Huele mer de Wuesstumszeenario, deen de Berechnunge vum virleiende Projet de loi zugronn läit: eng duerschnëttlech Croissance vun 3% vum PIB an eng Croissance vun 1,5% vum Emploi.

Wat géif an deem Fall, also ouni grondleeënd Ännerungen, mat eise Pensionssystem gescheien?

2018, also a sechs Joer, wäeren déi lafend Dépense méi héich wéi déi lafend Recetten. Bis 2021 kéinten d'Revenuen aus de Reserven dësen Defizit decken. 2022 awer misst een op d'Reserven zrëckgräifen, fir den Defizit ze decken, an 2030 wäeren d'Reserven dann eidel. 2050 - lauschtet gutt no! - géif den accumulierten Defizit bei ronn 120% vum PIB leien.

Dëst alles, wéi gesot, wann ee vun deenen Zuelen ausget, déi d'Regierung geholl huet, fir dësse Projet de loi duerscherechnen. Wéi een an dësen Zäiten op esou optimistesche Zuele kënnt, ass eis e Rätsel. Ech wäert am Laf vu menger Interventioun nach eng Kéier dorobber zrëckkommen.

Wann een déi zukünftge Entwécklung vun eise Pensionssystem mat aneren, mat an eisen Ae vill méi realistesch Zuele vu beispillsweis 2% Wirtschaftswuesstum an 1% Croissance vum Emploi duerschrecht, da gesäit d'Situatioun do méi schlëmm aus, selbstverständlich. 2017 géifen déi lafend Dépensen déi lafend Recetten dépasséieren. Tëscht 2018 an 2019 kéinte mer mat de Revenue vun de Reserven den Defizit decken. Vun 2020 u missten d'Reserve selwer geholl ginn, fir den Defizit ze decken, an déi wäeren dann 2028 opgebraucht. 2050 géif den accumulierten Defizit bei ronn 222% vum PIB leien.

An anere Wieder: Egal wéi staark eis Wirtschaft wier, ausser an engem onrealisteschen Zeenario, steet fest, dass dréngenden Handlungsbedarf besteet. Dëst ëmsou méi, an dat weisen d'Prognosen alleguer, dass, wann d'Reserve bis ufänken erfzegoen, dat wäert an enger enormer Vitesse gescheien, se also immens schnell wäerten opgebraucht sinn. Mir géifen dann also, esou wéi et haut schonn an anere Länner deelweis de Fall ass, pensionsméisseg vun der Hand an de Mond liewen. All Euro, deen erakënnt, geet dann och nees direkt aus.

Här President, niewent dësen alarméierenden Zuele gëtt et nach en zweeten Aspekt, deen ee bei där zukünftger Entwécklung vun eise Rentensystem net därer aus den Aen ze verléieren. Ganz besonnesch net an dësen Zäiten, wou am Statsbudget Joer fir Joer Milliarden Defiziter ausgewise sinn. Duerch de Fait, dass d'Cotisatiounen fir Pensionskeesen zu engem Drëttel vum Stat bezuelte ginn, huet all Veränderung, egal ob positiv oder negativ, selbstverständlich och en Impakt op de Statsbudget.

2011 louchen d'Dépense vum Stat fir d'Assurance pension bei 1,21 Milliarden. Fir 2013 gi se laut dem Budgetsprojert op 1,33 Milliarde geschat. Zum Verglach: Dëst entsprécht ongeféier der Gréisstenuerdnung vun eise Budgetsdefiziter wou mer kennen. Gleeft een den Estimatiounen vun der OCDE, da wäerten 2060 déi öffentlech Ausgabe fir d'Pensionswiese bei 24% vum PIB leien. Ausgabe vum Budget, selbstverständlich.

Här President, eier ech zu deene verschiddene Punkte vun der Reform kommen, mat deene meng Partei net averstanen ass, wëll ech awer

och zwee Punkten ervirsträichen, mat deene mer ouni Zweifel d'accord sinn.

Deen éischte Punkt ass deen, dee läit mir als eemolege Sozialminister ganz besonnesch um Häerz, an dat ass de Fall wat d'Altersarmut am Kader vum Rentendësch jo ubelaangt an déi do konsequent bekämpft ginn ass. Mir trieden och weider fir dësen Engagement an. Mir begrëissen et duerfir ausdrécklech, dass am Projet net un dem Niveau vun de Minimalrente gefréckelt ginn ass respektiv dass duerch eng Hausse vun de Majorationen forfaitaires och grad fir déi Leit, déi enger schwéier Aarbecht hu missen no-gehen, dass do also d'Situatioun opgebessert ginn ass.

Deen zweete Punkt, mat deem d'DP ka liewen, ass déi sougenannten „pension à la carte“. Mir fannen et gutt, dass den Assuré an Zukunft de Choix huet, ob en éischter wëllt an d'Pensioun goen oder ob e wëllt méi laang schaffe goen, fir da méi eng héich Pensioon ze kréien.

Opground vun deem niddrege reale Rentenalter ass et wichteg, dass mer probéieren, déi eeler Beschäftegt méi laang am Aarbechtsprozess kënnen ze behalen. Gläichzäitig muss een awer och gesinn, dass grad och a Krisenzäiten d'Be-méiungen, fir déi eeler Leit méi laang an der Aarbecht ze halen, dass dat och kann en zweeschneidegt Schwäert sinn. Grad an dësen Zäite mat engem héije Jugendchômage muss een och kucken, dass ee mat esou Mesuren deene Jonken net den Zougank op den Aarbechtsmar-ché ze vill schwéier mécht.

Et ass dofir ëmsou méi wichteg, dass eis Wirtschaft nees Opschwung muss huelen, zousätzlech Aarbechtsplaze schafen, an net nëmmen en Auswiessele vu Jonk an Al stattfënn. Emsou méi bedauerlech ass et, dass mer en fait, oder eis Regierung bis elo en fait nach kee Plang huet, wéi een eis Ekonomie nees kéint un d'Rulle kréien.

Bei all Mesuren, déi een haut hëlt, fir ze kucken, dass d'Leit méi laang schaffe kënnen goen, muss een dofir eiser Meinung no ganz gutt oppassen, dass een domadder net d'Zukunftschancë vun deene Jonke beanträchtegt. Hei géillt et, dee richtigen Équilibre tëschent de legitimen Intérète vun de jonken an deene genausou legitimen Intérète vun deenen eelere Beschäftigten ze fannen.

Als éischte Kritikpunkt wëll ech mech mat de wirtschaftleche Prognose befaassen, op déi sech am Projet de loi beruff gëtt. De Minister geet an deenen nächste Jore vun enger duerschnëttlecher wirtschaftlecher Croissance vun 3% aus. Parallell dozou soll den Emploi ëm 1,5% an der Moyenne steigen. Ech hat et schonn ugedeit.

Ech weess net, wéi de Minister sech dat virstellt, mä vun esou Tauxe si mir hei zu Lëtzebuerg entre-temps meilewäit ewech. 2009 hate mer e Minus vu 4,9% beim PIB. 2010 hu mer grad déi magesch 3% erreecht. 2011 louche mer bei engem Plus vun 1,7. Fir 2012 soll de PIB ëm 0,5% wuessen, an d'Prognose vum Stat-ec fir 2013, d'nächst Joer also, leie bei 1%. Wann ech elo d'Moyenne vun deene leschte fënnf Joer..., vun deene fënnf Joer géif huelen, kommen ech op 0,26%. Net emol een Zéngtel vun där Croissance, vun där de Minister a senger Berechnungen ausget!

Aneschtens ausgedréckt: Schonn eier de Projet de loi a Kraaft ass, si seng Grondlage falsch; also schonn e massive Wuesstumsretard par rapport zu de Previsiounen vun der Regierung.

A mir als DP gesinn och net an, wéi de PIB an den nächste Joren nees soll vill méi séier wuessen. Wéi soll dat goe mat enger Regierung, déi nach ëmmer keng Wuesstumsstrategie entwëckelt huet? Mat enger Regierung, pardon, wou déi zwee Partner net nëmmen ënnereneen zerstridde sinn, mä och nach innerhalb vun deenen zwou Parteien ënnerschiddlech Positiounen sinn?

Et muss ee sech och froen: Firwat huet d'Regierung respektiv de Minister net alternativ Zeenarien, méi realistesch Zeenarien ausgeschafft oder op deenen operéiert, op deenen een d'Diskussioun ronderëm eng Pensionsreform vill méi realistesch hätt kënnen féieren? Wou waren déi grouss Mahner, virun allem aus der CSV, wéi dësse Projet finaliséiert gouf? Huet den CSV-President bei der Presentatioun vum Reformprojert net gemengt, dee misst awer nach nogebessert ginn? Wou sinn déi Nobesserungen am Hibleck op eng mëttelfristeg Ofsécherung vum System?

Här President, iwwerhaupt gi béid Parteien an dësem Dossier en desolat Bild of! Net nëmmen, dass se ënnereneen zerstridde sinn, mä och nach innerhalb vun de Parteie gëtt et Differenzen.

Virun allem an der CSV schéngt déi lénks Hand net ze wëssen, wat déi riets mécht. Dem Partei-president geet d'Reform net wäit genuch, den CSV-Senior geet se ze wäit. An net méi spéit



wéi de leschte Samschdeg konnte mer am „Lëtzebuerger Wort“ d'Meenung vum honorabelen Här Serge Wilmes liesen, dee bei dëser Reform vun engem trojanesche Päerd op d'Käschte vun deene kommende Generatiounen schwätzt.

Wat also finalement, alleguerten déi Hären, wat wëllt Der? Ass dat hei eng Reform, déi Dir kënnt matstëmmen, oder ass se just de minimale Konsens tëschent zwou zerstriddene Parteien, déi sech einfach nëmme wëlle bis un d'Enn vun dëser Legislaturperiod iwwert de Bierg retten? Sot eis an de Wieler, wat Saach ass! Stëmmt géint dës Reform, wann Är Aussoe solle weiderhin eescht geduecht sinn! Mä stëmmt Der fir dës Reform, da mussst Der lech awer scho bal de Reproche gefale loossen, dass Der opportunistesch gehandelt hätt.

Och konnt ee bei de Kollege vun de Sozialiste komesch Saache gesinn. Beispillsweis den honorabelen Här Schreiner, wou hei sëtzt, dee jo mat der Madame Vera Spautz zesummen op der Manifestatioun géint dës Reform protes-téiert huet; och beim Här Schreiner si mer gespaant op de Vote.

Wann also den Här Wolter, den Här Wilmes an den Här Schreiner sech konsequent wäeren, géife se géint dës Reform stëmmen. Ech hunn hei d'Impressioun, wéi wa Konsequenz éischter e Friemwuert an dëser Regierung wär.

Et ass esou iwwregens, Dir Dammen an Dir Hären, wéi een dobaussen de Leit d'Flemm an d'Politik andreift!

(Hilarité)

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här President,... Bei eis ass alles am Botter, Här Lux!

(Hilarité)

Ech kann lech berouegen!

(Brouhaha)

Här President, d'Mesuren, déi am Projet virgesi sinn, fir d'Dépensé vum Pensiounssystem ze reduzéieren, si souwuel vill ze vill zaghaft a si gräifen och nach vill ze vill späit, nämlech eréischt dann, wann d'Kar schonn am Dreck läit.

All Prognose weisen, dass, wann d'Reserven erofginn, ech hat et schonn ugedeit, dat an engem riseg schnellen Tempo wäert goen. Do hëllefen dann och déi hallefhäerzeg Mesuren, déi an dësem Projet virgesi sinn, net méi vill. Dann ass et definitiv ze spéit, fir d'Rudder nees kënnen erëmzerappen. Dann hëlleft och keen Opsplécke vum Ajustement oder eng Halbéierung vum 13. Mount.

Et gëtt deemno keng Ursach, fir net haut scho Kurskorrektur virzehuelen, fir dass et an zéng, 15 Joer net zu massiven Aschnëtter muss kommen. Et gëtt an eisen Ae wierklech kee Grond, fir haut net schonn ze soen: Schluss mam Ajustement, Schluss mam 13. Mount - de Complément de fin d'année mengen ech domadder -, och wann dat selbstverständlech wéi deet.

Et gëtt just ee fadenscheinegt Argument fir CSV an LSAP, fir dës Mesuren net an Ugrëff ze huelen, an dat ass d'Angscht virum Wieler a soss wahrscheinlech guer näischt.

D'Demokratesch Partei also kann net mat engem Projet averstane sinn, dee quasi nëmmen déi zukünftige Generatiounen belaauscht an esou hir Zukunftschancë schonn haut massiv hypothekéiert. Mir verstinn ënner Generatiounsgerechtegkeet jiddefalls eppes anescht.

Grad hei zu Lëtzebuerg, wou jonk Leit, jonk Familljen opgrond vun deenen immens héije Logementskäschte schonn et immens schwéier hunn, kënne mir op alle Fall net mat deenen doten zousätzleche Laaschten averstane sinn.

Duerfir huet d'DP och en Zukunftspak zesummegeallt, an deem méi dran ass. Méi Zukunftschancen, méi Chancëgerechtegkeet, méi Gerechtegkeet ënnert de Generatiounen, mä fir jidder eenzelne Bierger vun eisem Land.

Hei bei dëser Reform op alle Fall fäerten ech, dass méi dra gewiescht wär an dass d'Chance vum Moment net ausgenotzt ginn ass.

Här President, mir sinn och net waarm fir Cotisationserhéijungen, scho guer net, wa se sollen esou massiv ausfalen, wéi dat an dësem Text virgesinn ass. Vun haut 24%, déi sech op 8% Salarié, 8% Employeur an 8% Stat verdee-len, op dräi mol zéng, also 30%.

Gläich dräi Problemer gesi mir an dësem Fall. D'Kafkraaft vun de Leit gëtt staark reduzéiert.

Ee vun den eenzege Standuertvirdeeler, déi Lëtzebuerg haut nach hat, si jo seng niddreg Lounniewekäschten. Och déi géifen a Fro gestallt ginn.

Den Apport vum Stat an der Finanzéierung vum Rentensystem géif vun engem Dag op deen aneren ëm 25% an d'Luucht goen also.

Opgrond vun deenen Defiziter, déi mer haut schonns am Statsbudget hunn, an deenen alles anescht wéi rosegeng Aussichte fir d'Statsfinanzen - Stéchwuert TVA um elektronischen Handel oder Akzisen um Bensin - eng kaum finanzéierbar Laascht fir eise Stat.

Wéi genau sollen also dës Erhéijungen ausgesinn? Solle se gedréttelt ginn? Gëtt dem Stat seng Part opgrond vun de finanziellen Enkpäss bei 8% agefruer? Gëtt de Montant vun de Cotisations, ähnlech wéi an der Fleegeversécherung viru Joren, einfach op e gewëssenen Niveau gedeckelt? Missten d'Patronen eventuell Erhéijunge vun hirem Deel vun de Cotisations net bezuelen a géif deen Deel da vum Stat iwwerholl ginn? Mussen d'Assuréeën eventuell ganz eleng fir dës Erhéijungen opkommen? Oder ass virgesinn, dass och Rentner an Zukunft missten hiren Deel cotiséieren?

Cotisationserhéijunge sinn ëmsou méi ze vermeiden, well d'Regierung an deene leschte Jore jo oft genuch op dëst fir si Allheilmittel zrückgegräff huet. Ech erënneren drun: 2007 eng Hausse vu 40% bei der Assurance dépendance a virun zwee Joer bei der Gesondheitsreform, och an der Krankekeess.

Opgrond vun deem finanziell wackelegen Équilibrium an der CNS an där schwieriger finanzieller Situatioun vun der Fleegeversécherung dierften den Assuréeën, also de Leit dobaussen, a béide Fäll geschwënn nees Cotisationserhéijungen an d'Haus stoen. Wahrscheinlech awer eréischt no de Wahlen vun 2014.

Ëmsou méi gespaant dierf ee sinn op d'Äntwert op eng Fro vu virun e puer Deeg vu mengem Fraktiounskolleeg Alexandre Krieps un d'Familljeministesch an de Sozialminister, wou hien nofreet, wéi d'Regierung de finanziellen Équilibrium vun der Fleegeversécherung nees wëllt hikréien.

Wa mer deen hauchzarten erhoffte wirtschaftlechen Opschwung net wëlle komplett ofwiergen, musse mer esou Erhéijungen op alle Fall vermeiden.

Här President, d'Demokratesch Partei steet mat hire Kritiken net eleng do. Quasi an all Avis, deen d'Chamber zu dësem Projet de loi kritt huet, fält de Fazit iwwert déi geplangte Reform negativ aus. Och wann d'Bléckwënkele vun deenen eenzelnen Acteuren an hir jeeweileg Kritikpunkte ganz ënnerschiedlech sinn, op engem Punkt si se sech allerdéngs eens: Dës Reform ass weder Fësch nach Fleesch, si ass näischt Hallwes, si ass och näischt Ganzes a garantéiert op alle Fall net déi mëttel- a längerfristeg Ofsécherung vun eise Pensiounen.

Et ass jo och net esou, wéi wann et keng Propositione gi wier, wéi wann net déi ënnerschiedlechste Acteuren hir Virschléi op den Dësch geluecht hätten. Et kéint een elo déi eenzel Virschléi hei nennen, beispillsweis vun der UEL am Juli 2009, vun der Chambre des Salariés am Februar 2010. Och awer besonnesch am Fréijoer 2010 huet d'OCDE hir Iwwerleeunge gemaach, an déi waren och relativ negativ.

Ech wollt mat deene puer Zitater just weisen, dass eis Kritiken net aus der Loft gegräff sinn. Ech kéint och elo déi verschidden Avisen hei zitieren, mä ech verzichten dorobber. Ech fäerten, soss gëtt den Här President hannendrun nervös.

► **M. le Président.**- Oh, dee gëtt net esou schnell nervös. Fuert emol nach virun, Här Wagner!

(Interruption)

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Jo, ech hunn och ganz e bësselchen...

(Interruption)

Mir kënnen doriwwer seriö diskutieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech ginn him gär e puer Minutte vu mir.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här President, d'Demokratesch Partei huet souwuel an hirem Wahlprogramm 2009 wéi och am Débat d'orientation 2009 eng Rei vu Pisten opgezeechent, wéi een eise Rentensystem kéint mëttelfristeg ofséchere respektiv wat fir eng Weeër ee kéint aschloen, fir och d'Privatinitiativ besser ze förderen. Ech wëll an dësem Kontext och drun erënneren, dass d'DP déi eenzeg Partei ass, déi beim leschten Ajustement dergéint gestëmmt huet. Dat war sécherlech net immens populär, mä op d'mannst, et war doudsécher net opportunistesch.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Mir sinn och ëmmer nach der Meenung, dass mer haut scho sollen an de Speck vun eisem Pensiounssystem schneide goen, eier mer an e puer Joer, an d'Prognose weisen dat jo eendeiteg, musse richtig an d'Fleesch schneide goen. Mir sinn och ëmmer nach och dovunner iwwerzeegt,

dass vill Rentner vun haut, vill Grousseltere bereet sinn, Efforten ze maachen, fir dass och hir Kanner a Kandskanner an de Genoss vun enger anstänneger Pensioun an esou vill Jorzéngte kënne kommen.

D'DP wëllt am bestehende System u senge Grondzich festhalen. Dat heescht net, dass mer net dovunner iwwerzeegt sinn, dass missten Adaptatiounen kommen. Mir stelle fest, dass déi bestehend Gesetzer zur Betribsrent respektiv zur Privatrent nach ëmmer e relativ kleng Succès bis elo kannt hunn. Ausserdeem ass et jo esou, dass just déi Ménagen, fir déi eng Zousazpensioun am sënnavollste wär, net vun deene steierleche Virdeeler kënne profitéieren, déi duerch den Ofschloss vun enger Pensioun entstinn.

D'DP ass dofir der Meenung, dass déi aktuell legal Dispositiounen fir dee sougenannten zweeten an drëtten Piler, dat heescht déi privat Zousazpensiounen an d'Betribsrenten, mussen iwwerkuckt a verbessert ginn, well déi Mesuren, déi bis elo an dës Beräicher geholl goufen, hunn net wierklech hir Friichte gedroen. Hei ass op alle Fall nach Loft no uewen. A mir mengen, dass een nieft enger Reform vum staatleche System, an domadder mengen ech souwuel déi öffentlech wéi déi privat Renten, och iwwert dës zwee Elementer vu privater Virsuerg onbedéngt muss diskutéieren.

D'Demokratesch Partei ass och derfir, dass déi bestehend Instrumenter vun der Fréipensioun analyséiert an iwwerschafft ginn. An deem Kontext muss eiser Meenung no virun allem drop gekuckt ginn, dass dës Instrumenter net mëssbraucht an zur Regel ginn. Och menge mer, dass déi legal Dispositiounen a puncto Altersdeeltäit net flexibel genuch sinn an dofir nëmme marginal ausgenotzt ginn. Generell gëllt et zesumme mat de Sozialpartner och nei Weeër ze fannen, fir dës Méiglechkeete méi effizient ze gestalten.

Mir schwätzen eis och kloer fir d'Aféierung vum Prinzip vum Rentesplitting vu Mann a vu Fra aus. Esou soll beispillsweis an Zukunft eng Koppel tëschent der Hannerbliwwenerent an dem Splitting wéile kënnen. Wa sech eng bestueten oder gepacete Koppel fir de Rentesplitting ausgeschat huet, da ginn d'Uspréche aus deene jeeweilege Rentecarièren zu identeschen Dealer op déi zwee Partner opgedeelt. Den Usproch op eng Witwerent gëtt dann hifälleg.

Mir mengen och, dass een a wirtschaftlech schwierigen Zäiten, wéi eist Land se de Moment erlieft, muss kënnen - an ech widderhuelen et nach eng Kéier - iwwert den Ajustement diskutéieren. An Zäiten, wou jonke Familljen a berufstätige Leit vill zougemutt gëtt, muss ee sech déi Fro kënne stellen.

D'Regierung konnt sech bis elo nëmmen zu enger Opdeelung...

► **M. le Président.**- Här Wagner, Dir misst awer elo lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Ech wäert lech folgen, wéi ëmmer, Här President.

► **M. le Président.**- Wonnerbar.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- ...respektiv enger Verschiebung vum Ajustement duerchréngen. Hei, mengen ech oder menge mir, misst een awer och ondebéngt rengen Wäin ausschenken an de Leit kloer an daitlech soen, wéi a firwat.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt nach e puer Wuert un lech ze riichte gehat, mä, wéi gesot, vu dass ech dem President versprach hat, dass ech dankbar wär fir déi Zäit, déi e mer scho bäiginn huet, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Braz ageodon. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Merci, Här President. «Gouverner, c'est prévoir.» Dee Saz hutt Der schonn oft héiere vum Emile de Girardin, engem franséische Journalist an duerno och Politiker. Dat huet e gemeinsam mam Här Di Bartolomeo. Dat gëllt am Allgemengen an dat gëllt, mengen ech, awer och speziell am Rentewiesen, wou mer wierklech vun engem Dossier schwätzen, wou et drëms geet, laang Joren no vir ze kucken. Mir mengen, op Politik am Rentewiesen ëmgemënt misst een eigentlech soen, zënter zumindest 2001, also nom Rentendësch I bis haut oder zumindest bis no de Wahlen vun 2009, misst een eigentlech soen, dass et esou war, dass: «Gouverner, c'était nier l'évidence.»

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Bis 2001 a bis zum Rentendësch I war d'Rententhema ee vun den Dauerbrenner an der Lëtzebuenger Politik, ënner anerem weinst de Kollege vun der ADR, déi sech der Fro vun der Rentegerechtegkeet

tëscht deenen zwee Secteure verschriwwen haten. Fakt ass, dass an deem Beräich déi Re-forme gemaach gi sinn, déi noutwendeg waren. An déi lescht Ännerungen am Rentewiese beim Rentendësch 2001 hate jo als Zil, de Volet vun der Rentegerechtegkeet ze clôturieren.

Dat ass och deemools do geschitt. Do war och net all Mënsch oder all Partei zu all de Punkten darselwechter Meenung, och wann d'Gesetz an der Chamber eestëmmeg ugeholl gi war. Do gouf et schonn Differenzen. Notamment haten déi gréng sech mat Erfolleg dergéint gewiert, dass d'Mammerent aus der Rentekeess vum Privatsektor sollt finanzéiert ginn.

Dat war déi ufängeg Intentioun vun der deemoleger Regierung, notamment vum Premier. Dat ass verhënnert ginn. Do ware mer eis net eens. Do ware mer eis eréischt no Protest herno eens, dass et net op deen dote Wee dierft goen.

An - an dat ass och e wichtege Punkt - et gouf och duerno nom Rentendësch I keng Eestëmmegkeet, fir e Rentendësch II drunzehänken, nämlech dee Rentendësch, dee sech mat der Fro hätt solle beschäftege vum laangfristige Finanzement vun all deene Leeschtungen, déi mer dann ab Métt 2001 am System haten. An dee Rentendësch II, dee war net gewollt. Deen hu wuel déi gréng hei an der Chamber och proposéiert an der Diskussioun, mä déi Iddi, déi ass deemools net ugeholl ginn.

Fënnf Joer méi spéit ass am Kader vun der Tripartite décidéiert ginn, en Aarbechtsgrupp anzesetzen. A kuerz virun de Wahlen vun 2009 war och an der Chamber nach eng Kéier eng Interpellatioun zum Thema vun de Renten. Eng Interpellatioun, déi vun de Gréngen ugegrift gi war. An dat war am Fong geholl alles, wat am Rentewiese vu parlamentarescher Debatt war nom Rentendësch I.

Dat war also kee Gassenhauer méi. An dat erkläert sech och relativ liicht, well contrairement zu der Zäit bis 2001, wou et drëms gaangen ass, nei an zousätzlech Leeschtungen anze-féieren, war et kloer, dass ab 2001 d'Rentendiskussioun nëmmen nach als Richtung huet: „Mir mussen iergendwou weinst der Finanzementsfro awer nees Ofstrécher maachen, déi awer idealerweis sozial gerecht solle sinn an net erëm déi Wonnen opschloen, déi mer 2001 zouge-maach hunn.“

Dat war natierlech eng Perspektiv, déi offensichtlich net terribel encourageant war, fir dass sech an der Politik vill mat de Rente beschäftegt ginn ass. Dat war esou wäit gaangen, dass den zoustännegen Minister, den Här Di Bartolomeo, souguer am Kader vun där Interpellatioun, wou mir als gréng Fraktioun déi Zuele vun der IGSS hei op der Tribün rappéléiert hunn, dass mer virgeworf kritt hunn, dat wier Panikmache, dee Reformbedarf, dee géif et net ginn, dee mir do unhand vun deenen Zuele wollten diskutéiert hunn.

Mä den Här Di Bartolomeo huet glécklecherweis no de Wahlen vun 2009 eng Kéier ëm 180 Grad geholl. An haut gëllt och mat engem sozialistesche Minister Di Bartolomeo, dass an Zukunft am Rentewiese méi muss bezuelt ginn, fir méi laang ze schaffen, fir ënnert dem Stréch awer manner ze kréien. Dat ass den Avenu, dass et och scho virdrun e Problem gouf.

De Robert Kieffer, deen Der all kennt, deen huet emol en Artikel geschriwwen iwwert dësen Themekomplex. Deen huet geheescht „L'impossible réforme“. „L'impossible réforme“, dat war eng méi politesch Ausso, keng legal Ausso. Dat war eng politesch Ausso, well e grosso modo d'Thees vertrueden huet, dass d'Lëtzebuenger Politik de Courage net géif opbréngen, virun de Wielerinnen a Wieler eng Reform ze proposéieren, déi tatsächlech den Équilibrium am System géif herstellen, soulaang mer voll Keesen hätten an de Reserven an esou wäit a soulaang och d'Leeschtungen, déi de System haut ausbezilt, esou wäit ewech leie vun deem, wat iwwert d'Cotisationsen erakënnt.

Do ass scho bal e Gap an der Realitéit entstanden am Rentewiesen, wann een d'Cotisations vum System mat de Promessé vum System versprécht. An d'Thees war och, dass eng gréisser Reform am Rentewiesen eréischt da géif méiglech ginn, wann de System defizitär wier, wann also op ee Joer gekuckt d'Dépensé méi héich wiere wéi d'Recetten.

An et gëtt der jo och haut nach, déi mengen, dass mer kee Problem hätten. Et gëtt der, déi soen, dass de System, esou wéi en ass, net reformbedürfteg wier. Ech soe ganz daitlech, dass déi gréng net där Meenung sinn. Mir sinn net där Meenung, aus enger Rei vu Grënn.



Eise Rentensystem ass jo u sech en Assurancësystem am départ. Och wann e vläicht kee rengen Assurancësystem ass duerch d'Interventioun vum Stat, contrairement zu där klassescher Assurancëlogik tëschent dem Prestataire an deem, deem d'Assurance bezilt. Mä trotzdem si mer grondsätzlech an enger Assurancëlogik, wou e Lien besteet tëschent deem, wat ee bezilt, an deem, wat een herno erauskritt. An de Gestionnaire doyun, dee muss derfir suergen, dass dat och am Équilibre ass, dass also dat, wat erausgeet, deem entsprécht, wat an de System erakënn.

Zu Lëtzebuerg ass dat net méi onbedéngt wouer. Deen Équilibre hu mer net méi. Déi offiziell Zuele beleeden dat och. 24% Cotisationsen op der Masse salariale sti Promessé géigeniwwer, wann ee se alleguerten derbärechent, déi, an do schwanken d'Zuelen e bëssen, tëschent 55 a souguer 60% vum Deel an de Raum stellen. Ech wëll net doriwwer jugéieren, Här Minister, wéi eng Zuel do déi richteg ass. De Punkt ass, dass en Déséquilibre besteet tëschent deem, wat cotiséiert gëtt, an deem, wat vu Leeschtungen am System bezuelt gëtt.

déi gréng hunn e Problem, well de Finanzement, déi Finanzementsproblemer, déi mer hunn, och scho laang kloer sinn. Spéitstens zënter 2001, an do muss ech dem Kolleg Carlo Wagner awer e bësse widdersprieche, d'Situation vum 2001 ass net fundamental eng aner wéi déi vun haut. De Wiessel ass net kumm mat der Kris vum 2008. Et ass net eréischt zënter 2008, dass mer e Finanzementsproblem bei eise Rente riskéieren ze kréien.

Den Déséquilibre, deem ass méi laang bekannt. Zënter 2001 an och deene Leeschtungen, déi deemools agefuert gi sinn, war gewosst, dass de System laangfristeg net am Équilibre ass. Dat wosst och den deemolege Minister, de Carlo Wagner, wou en als responsabele Member vun der Regierung de Rentendesch I gefuert huet.

Natierlech konnt de Carlo Wagner soen: „Elo hu mer Gerechtegkeet an de System bruecht, an déi hannendru solle wann ech gelift fir den Équilibre beim Finanzement suergen.“ Mä et ass falsch, ze soen, et wier d'Wirtschaftskris vum 2008, déi am Rentewiese fir Schwierigkeete gesuergt hätt. Ech mengen, dass d'Conscience politique och schonn 2001 ganz kloer do war, dass mer am Finanzement e Problem hunn.

(Interruption)

Et ass richteg, mä wat genausou richteg ass, Här Mars Di Bartolomeo, ass, dass mer, obwuel mer während bal dräi Jorzénge en enorme Wuesstum an der Lëtzeburger Economie hatten, um Enn vun där ganz laanger Wuesstumsperiod e Rentensystem hunn, dee strukturell manner gutt opgestallt ass wéi dräi Jorzénge virdrun, ier dee bomme Wirtschaftswuesstum ugefaangen huet.

(Mme Lydia Mutsch prend la présidence.)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Dat ass net richteg.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Dach, dat ass esou.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Dat ass net richteg.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Dach.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Dat ass net richteg. Dir musst kucken, wat de Rentensystem haut ausschëtt a wat e fréier ausgeschott huet. Dat ass net richteg. An Dir hutt och d'Émlageverfahren net richteg verstanen, well d'Émlageverfahre baséiert net op deem, wat a 50 Joer ass, mä et geet dervun aus, dass een ëmmer dat ausgëtt, wat ee jeeweils huet.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech hunn dat ganz gutt verstanen, Här Di Bartolomeo. Mä wat Dir net wëllt agesinn, an dat hutt Der jo och niert bis no de Wahlen 2009, dat war, dass e Problem besteet tëschent deem, wat de System u Leeschtunge verspricht, an deem, wat de System eranhëlt. An dat hutt Der niert bis 2009. An dat ass dee sprangende Punkt.

A wa mer haut doriwwer mussen schwätzen, dass mer den Taux de majoration bei der Majoration proportionnelle mussen erofkréien, dann ass dat genau dat, d'Antwort op dee Problem, deem Dir bis 2009 niert hutt. An et ass dat, wat ech virdru gemengt hunn. Dat ass nëischt anescht. An do ass e Problem.

(Interruption)

Mir hunn eis och verstoppt, besonnesch Dir, Här Minister, Dir hutt lech verstoppt ganz laang hannert deene volle Keesen. Eeef Milliarden Re-

serven. Dat si véier Joer. An d'Resultat dovunner ass, Här Minister, dass Der d'Leit e bësse probéiert hutt anzuschléifere mat deem Argument vun de volle Keesen. Woubäi déi voll Keesen näischt mat der Gesondheet vum System ze dinne haten, mä déi voll Keesen hate just domadder ze dinne, dass der scho ganz vill abezuelt hunn, déi just nach näischt gefrot hatten.

Mir hunn um Marché de l'emploi e Wuesstum vun 3,9% gehat an der Moyenne iwwer méi wéi 20 Joer. Dat ass enorm. An darselwechter Zäit sinn och déi sougenannte Babyboomer an den Aarbechtsmarché kumm, déi dann och fir eng temporär Erhéijung vun de Cotisationsen gesuergt hunn. Et sinn an där Zäitspan do ronn 150% méi Cotisanten an de System kumm, während an darselwechter Zäit nëmme knapps 100% méi Rentebezéier aus dem System entstanen sinn. An dee Gap, dee suergt natierlech während där Zäit do fir immens gefüllte Keesen.

Mä d'IGSS huet scho laang virdrun, och scho laang virdun 2009 an dem Här Di Bartolomeo senger postelektoraler Wandlung vum Rentesaulus zum Rentepaulus, hat schonn d'IGSS laang virdru gerechent, dass de System ab 2020, wann déi éischt méi important Well vun Départs à la retraite kënnt, wäert defizitär sinn. Da ginn aus deene Babyboomer och Pappiboomer.

Et ass net nëmme de Phenomeen vun de Frontalieren, mä et ass och de Phenomeen, dass d'Alterspyramid dann an déi aner Richtung kipp an dass d'Reserve vum Rentensystem ab 2035 wäerte plus/minus op null sinn. An déi Zuele weisen och, dass den Ofbau vun de Reserve wesentlech méi séier wäert geschéien, wéi den Opbau vun de Reserve gebraucht huet.

Et ass also en dréngenden Handlungsbedarf. An net ze vergiessen och nach d'Element - aner Kollegen hunn dat och schonn erwähnt - vun der Verlängerung vun der Liewenswaardung. Alles dat si Fakten, déi net nei sinn. Déi Fakte ware schonn nom Rentendesch I bekannt. Mir wëssen dat also zënter zumindest zéng Joer a reagéieren eréischt haut.

An déi, déi soen, et wär keen Handlungsbedarf, déi kënne jo da soen, dass näischt misst geschéien. Dat menge mir net. Mir mengen, dass ee muss handelen. Mä et kann een natierlech och soen: „Et brauch am Rentensystem näischt ze geschéien.“ Dat kann och an enger Hypothese funktionéieren.

Et gëtt eng theoretesch Hypothese, wou déi Leit kéinte recht behalen, nämlech déi, dass de Wuesstum tatsächlech géif weidergoen, wéi mer dat an deene leschte Jore gewinnt waren. Mä dat géif awer dann heeschen, dass mer bis zum Joer 2050, also an 38 Joer, ronn 1,5 Milliounen Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg missten hunn.

Dat wieren der also vun haut u gekuckt bis dohinner ronn 30.000 pro Joer weider. Dat ass e Villfacht vun deem, wat mer un Aarbechtsplaze geschafen hunn an deene leschten 20 Joer, wou mer richteg boomt hunn. Hei misste mer fënnef-, sechsmol esou vill Aarbechtsplazen netto pro Joer schafe bis 2050, wa mer wëllten, dass de Rentensystem ka bestoen, wa mer en net reforméieren. An dat géif jo dann net ophalen. Dat géif esou weidergoen. Bis 2070 misste mer dann dräi Milliounen Aarbechtsplazen hunn.

Dat sinn natierlech Fantasiezuelen. A kee Mënsch gleeft, dass mer d'Lëtzeburger Land an där Zäit do och schonn nëmme infrastrukturrell kéinten opriichten, fir esou engem extreme Wuesstum kënne gerecht ze ginn. Mä mir brauchen eis och déi Fro net ze stellen, well d'Wahrscheinlechkeet, dass dat doten antrëtt, menge mer, do si mer eis alleguerten eens, déi ass relativ geréng.

An dat ass deen eenzeg Zeenario, an deem ee kéint soen: „Mir brauchen am Rentewiesen näischt ze änneren.“ Deen Zeenario ass leider komplett onrealistes. Also bleift just déi aner Alternativ, nämlech déi, déi eis diktéiert, dass mer müssen handelen.

Et ass also haut och kee schwaarzen Dag vun der Lëtzeburger Sozialgeschichte. Et ass och net, dass mer soen, dass déi, déi wëlle reforméieren, déi Béis sinn, well dat déi sinn, déi wëlle Kierzung maachen am System. Mä ech menge villméi, dass déi, déi haut reforméiert sinn, déi sinn, déi de System wëlle wierklech ofsécheren, laangfristeg ofsécheren, an déi net wëllen nokucken, wann de System dann an e puer Joer géif riskéieren, an de Koup ze falen a vill méi massiv wéi dat dote misst reforméiert ginn.

Fir eis ass et ausser Zweifel, dass ee muss handelen. An déi gréng sinn och der Meinung, dass een hei méi hätt misse maachen, wéi nëmme sech mat der Fro vun der laangfristeger Finanzéierung ze beschäftegen, mä et hätt een

och kënnen aner méi déif gräifend Reformen am System maachen.

Wat mer net wollten änneren, an do si mer mat der Regierung d'accord, an ech mengen, dat ass och zu Lëtzebuerg contrairement zu anere Länner glécklecherweis e breede Konsens, nämlech dass mer wëllen de System par répartition erhalen. Hei zu Lëtzebuerg gëtt et glécklecherweis keng Diskussioun, déi wëllt de System à répartition ersetzen, vläicht compléetieren, ergänzen - där Meinung si mir och - duerch e Kapitaliséierungssystem, mä mir wëllen en net ersetzen.

Mir bleiwen also gäre beim Generationenvertrag, well mer dee fir de solidareschen halen an zwar dee richteg fir d'Solidaritéit net nëmme mat de Pensionnären, mä - dat ass och Géigestand vun där noutwendeger Reform - och d'Solidaritéit mat den Aktiven, notament mat deenen Aktiven, déi eréischt an d'Aarbechtswelt ginn. D'Solidaritéit kann net nëmme an eng Richtung goen, wann ee wëllt de Generationenvertrag laangfristeg oprechterhalen.

Mir mengen och - an dat war och e Virschlag vun deene Gréngen -, dass ee sech duerch dierf Gedanke maachen iwwer nei Finanzéierungsweeër am Rentewiesen. Mir si fir de System tripartite. Mä mir hunn als Gréng ëmmer gesot, dass mer net der Meinung sinn, dass déi Tripartite ëmmer muss bei där perfekter 33,3% Opdeelung fir jiddweree bleiwen. Et soll en tripartit Finanzement bleiwen, mä et kann een och aner Finanzementsweeër begoen.

Zum Beispill menge mer, dass ee muss kënnen doriwwer diskutéieren, dass déi Betriber, déi mat ganz weíne Leit relativ héich Benefisser maachen, dass déi sech vläicht anescht müssen un der Finanzéierung vum System bedeelege wéi déi Kleng- a Mëttelebetriber, déi ganz personalintensiv sinn an doduerch vill an de System schëdden. Och do muss ee kënnen doriwwer diskutéieren, ob ee sech net eng aner Pondération wéi déi dote ka virstellen.

An et kann ee sech och d'Fro stellen, ob déi Leit, ob d'Assurée, déi cotiséieren, ob dat ausschliesslech soll op der Masse salariale sinn oder ob een net och kéint do, wéi bei der Assurance dépendance zum Beispill, soen, dass aner Revenuen, och d'Revenuen de capitaux, misste kënne berücksichtegt ginn. Dat géif eng Rei Recetten an de System bréngen. Dat wier an eisen Aen net falsch. Mir sinn awer natierlech domat d'accord, dass dat net haut muss wirken, well de System och haut nach zousätzlech Reserven opbaut, mä et misst een awer kënnen doriwwer diskutéieren. Dat ass leider net geschitt. Mir wäere bereet gewiescht, déi Diskussioun do mat lech ze féieren.

Den öffentliche Rentensystem ass och doduerch deier, well mer relativ héich Renten ausbezuelen. déi gréng hate proposéiert - mir wäere bereet gewiescht, och dee Schrott matzogen -, de Plafond cotisable vum fënneffache Mindestloun op 3,5-mol de Mindestloun erofzebréngen. Dat hätt natierlech derfir gesuergt, dass een an enger éischer Phas manner Recetten hätt, mä et hätt awer och derfir gesuergt, dass an enger zweeter Phas trotzdem am System een hätt kënne Sue spueren.

3,5-mol de Mindestloun, do schwätze mer awer ëmmerhin nach ëmmer vu Paien ëm eng 7.000 Euro. A fir déi Leit, déi sech doriwwer eraus wëlle Renterechter sécheren, do si mer der Meinung, et hätt een duerch kënne soen: Dat ass dann d'Aufgab vun enger privater Zousatzversicherung, wou och de Stat kann intervenéieren steierlech un de Modalitéiten, déi ze diskutéieren wieren.

Mä op jidde Fall wär et e richtegt Zeeche gewiescht, fir ze soen: Wat ass d'Aufgab vum öffentliche Rentensystem? Wéi héich soll do d'Solidaritéit och goen? Well duerch de Fait, dass de Stat en Drëttel bäisteiert, ass jo och e Solidaritéitselement an där Pensioun, déi ausbezuel gëtt. An déi, déi déi héchste Paien hunn an am meeschte cotiséieren, kréien och netto deen déckste Subsid vum Stat bäigeluecht. Dat ass kee Problem, soulaang de Stat keng Finanzéierungsschwierigkeeten huet. An engem Kontext, wou mer elo ufänken, Joer fir Joer eng Milliard Scholde mussen ze maachen, muss ee sech awer froen, ob dat net och eng Pist wier, déi sozial absolut verträglech wier an trotzdem dem System géif hëllefen.

De Contraire war och proposéiert gi vu Verschiedenen, nämlech de Plaffong opzehiewen. Dat hätt mer falsch fonnt, well da géife mer do fir verschidde Leit nach méi déck Netto-Subsiden aféieren, bei deenen, déi schonn an hirer ganzer aktiver Carrière och déi déckste Pai hatten, da géif de Stat iwwer national Solidaritéit och nach deen décksten Netto-Subsid bei der Pensioun bäisteieren. Dat wär an eisen Aen dee falsche Wee a géif de System jo och Sue kaschten.

Et ass och gesot ginn, dass een dat kéint maachen, ouni Leeschtungen dobäi ze maachen,

dass also just de Plafond cotisable géif erhéicht ginn, ouni awer dass et dofir géif Leeschtungen ginn. Dat ass an eisen Aen och net richtig, well mer och hei an engem Assurancësystem sinn, an d'Virstellung, dass ee kéint Leeschtungen a Cotisationsen froen, ouni och nëmme eng Géigeleschtung dohinnerstellen, dat deet dem System seng Fundamente bréckelen a géif eng Diskussioun provozéieren, déi an der Tendenz den öffentliche-rechtliche Rentensystem kéint un d'Wackele bréngen. An dat wollte mir als Gréng net ënnerstëtzen.

Wat mir eis och nach gewënscht hätten, fir eng richteg Reform an net just eng Finanzéierungsdiskussioun ze féieren, war d'Afféiere vun der richteger Individualiséierung vun de Renterechter. Dat ass ganz wichtig, net nëmme fir d'Fraen, awer haaptsächlech fir d'Fraen, mä net nëmme. Dat hätt mat sech bruecht, dass mer och do en Deel vum Renteproblem hätte kënne léisen, well mer vill méi Cotisanten an de System kritt hätten, onofhängeg vun der Entwécklung um Aarbechtsmarché. Dat bréngt Recetten, et bréngt Ofsécherung fir all déi Leit. Dat suergt natierlech derfir, dass et da keng Carrière méi gëtt ouni Ennerbrüchungen.

Déi Reform war awer elo net méiglech. Obwuel mer och do scho laang doriwwer schwätzen, huet een awer d'Gefill, dass et nach ëmmer op verschidde Plazen net wierklech gewollt ass. Och wann et natierlech net einfach wär. Dat gi mer gären zou. Dat wär eng schwierig Reform, och aus legale Grënn. Mä mir mengen, wann ee sech domadder méi beschäftegt hätt, da wier do méi e grouse Fortschritt méiglech gewiescht, wéi dat haut de Fall war, well um Splitting hänken ze bleiwen, dat kann definitiv beschtefalls an enger Iwwergangsregelung dat lescht Wuert sinn, mä net an enger endgültiger Leeschtung (veuillez lire: Léisung).

De legale Rentenalter, do soen déi gréng och, dass et kee Bedarf gëtt, deen eropzesetzen. Mir si beim reelle Rentenantrëtsalter nach sechs Joer dervun ewech. Also, bei 59 Joer läit e jo. Do géif et weíneg Sënn maachen, de legalen Alter nach eng Kéier eropzesetzen. Dat wär reng Theorie. An der Wierklechkeet muss mer derfir suergen, dass d'Leit, déi an d'Pensioun ginn, tatsächlech 40 Joer cotiséiert hunn. Wa mer dat géife fäerdegbréngen, da wär dat déi Prioritéit, déi mer am Moment mussen léisen.

Dat wier wéi gesot eng Reform, wéi mir eis se gewënscht hätten, eng, déi sech mat der Finanzéierung, der laangfristeger, beschäftegt an awer och Ännerungen am System gemaach hätt, wéi ech se elo grad beschriwwen hunn.

Är Reform, Här Minister, déi bréngt dat net. Mä och, wa se dat net bréngt, ass d'Fro awer gestallt, ob se duerfir nëmme schlecht ass. Mir mengen, dass dat net de Fall ass. déi gréng ënnerstëtzen d'Regierung op enger Rei vun Elementen vun där Reform.

Mir ënnerstëtzen d'Regierung, fir d'Éischt emol, well se zougëtt, dass et e Problem gëtt, an eng aner Richtung weist wéi déi, déi mer aus deene leschten zwee, dräi Jorzénge kannt hunn, a seet, mir hunn e Problem, deen et ze léise gëtt.

An de leschte Jorzénge war d'Tendenz jo, dass d'Cotisationsen stabil bliwwen sinn. Zënter 1985 bei dräimol 8%. A gläichzäitig sinn iwwer Gesetzer d'strukturell Leeschtungen ëm 29% eropgesat ginn, ouni dass dat mat enger zousätzlecher Géigefinanzéierung verbonne gewiescht wär. Dat ass natierlech formidabel, da kënnt een och op en Taux de remplacement vu 87%. A wann een dat mat den Nopere vergläicht - de Virriedner huet dat och scho gesot -, an der Belsch, an Däitschland bei 42%, a Frankräich 49%, da mierkt ee schonn, dass hei zu Lëtzebuerg eppes e bëssen aus dem Rudder gelaf ass an deene leschten zwee Jorzénge, wat d'Leeschtungen betrëfft.

Dat war awer net déi éischte Kéier an net déi eenzeg Kéier, dass am Rentewiesen eng Reform gemaach ginn ass. Ech wëll awer och rappeléieren, dass bei der Fonction publique den deemolegen zoustännegen Minister - de Michel Wolter ass jo haut e Kolleg an der Chamber -, dass deemools och an der Fonction publique eng Reform gemaach ginn ass, déi net an d'Richtung gaangen ass vun ëmmer nees Leeschtungen erop an ouni sech dorunner müssen ze bedeelegen. Et ass also net fir d'Éischt, wann den Här Di Bartolomeo haut eng Reform mécht, mä ëmmerhin ass et fir d'Éischt am Privatsektor, wou d'Richtung gewise gëtt.

déi gréng ënnerstëtzen d'Regierung op enger Rei vu Punkten. Éischtens - ech hunn et virdru scho gesot - beim Bäibehale vum Système par répartition. Dat ass net esou evident an all de Länner. Hei glécklecherweis jo, a mir ënnerstëtzen d'Regierung doranner. Och beim prinzipielle Bäibehale vum Financement tripartite. Och wa mir eis do kënne Modulatiounen virstellen. Dat muss net ëmmer exakt 33,3 fir jiddweree sinn. Doriwwer soll een diskutéieren, besonnesch op der Sich no anere Finanzéierungsméiglechkeeten.



Woubäi ech och do wëll hannendru soen, dass souguer, wann ee sech Gedanke mécht an och eppes géif fanne fir zousätzlech Finanzéierungen, da géif dat op keng Aart a Weis de Besoin ewechhuelen, fir am System och ze spueren. Dat ass, mengen ech, eng Illusioun. Déi, déi mengen, dass mat zousätzleche Recetten eleng de System kéint stabiliséiert ginn, dat ass an eisen Aen net richtig. Mä mir sinn där Diskussioun oppe géintiwuer.

Mir ënnerstëtzen och d'Regierung beim Eropsetze vun der Grondrent vun 23,5 op 28%. Déi Mesure ënnerstëtze mer.

Mir ënnerstëtzen och d'Regierung, Här Di Bartolomeo, beim Erofsetze vum Taux de majoration vun der Majoration proportionnelle. Dat ass eng Mesure, déi e gréisseren Impakt huet an der Reform. Mir ginn erof vun 1,85 op 1,6 am Joer 2052. Mir ënnerstëtzen dat a mir sinn och bereet, dat öffentlech mat ze verteidegen.

Mir ënnerstëtzen d'Regierung och bei hirer Mesure, fir d'Mindestcotisationoun erofzesetzen - et ass scho virduen erwähnt ginn - vun 300 Euro op 100 Euro erof. Och wann et limitéiert ass op fënnef Joer, mä dat ass och de Sënn vun där Mesure. Dat ënnerstëtze mer an hale mer fir eng ganz sënnavoll Mesure, fir d'Conditions de stage kënnen ze erfüllen.

Ganz wichteg - et ass fir eis en Haaptelement vun der Reform - ass déi nei a verbessert Governance. Bis elo hu mer all siwe Joer gekuckt, wéi et fir déi nächst siwe Joer géif ausgesinn. De Fait, dass mer elo op e System erofginn, deen all fënnef Joer kuckt, dat ass also weinstens eemol och pro Legislatur, soudass also all Chamber an all Regierung sech muss mat där Fro beschäftegen, dofir ass den Délai vu fënnef Joer gutt gewielt. An dass mer dann och gläichzäiteg mussen zéng Joer no vir kucken, dat hale mer strukturell wierklech fir e Fortschritt vun där Reform.

Eppes, wat déi gréng och laang proposéiert hunn, gëtt och elo mat där Reform Wierklechkeet, nämlech dee progressiven Départ an d'Retraite. Dat hate mer zwar och scho virduen, awer ënner enger Form, déi esou décourageant war, dass den Erfolleg och deementspreechend war. Et hunn nëmme ganz weineg Leit dat genotzt.

Mat där neier Regelung si mir och optimistesches, dass dat méi wäert genotzt ginn. Dat ass eng absolut sënnavoll Saach, net nëmme fir den Assuré, mä och fir de Betrib, och fir d'Pensionskeess a souguer fir déi Leit, déi an engem Betrib sollen op een nokommen, dee profitéiert vun deem Départ progressiv an d'Pensioun. Eng absolut sënnavoll Mesure.

Mir ënnerstëtzen lech och, wa mer d'Cotisatione weiderhi bei dräimol 8% loosse. Dat ass jo och e bëssen e Lëtzebuerger Konschtstéck iwwer déi lescht Jore gekuckt. Obwuel mer esou voll Keesen haten, wäit iwwer dee legale Minimum ewech, hu mer et ëmmer derbäi gelooss, dass dräimol 8% bezuelt gëtt an dass dat net erofgesat ginn ass.

Och elo, haut, brauche mer eigentlech keng 24%, fir am Équilibre ze sinn. Mä mir halen et als Gréng och fir richtig, dass mer bei deenen dräimol 8% bleiwen. Dat wäert dem System iwwer déi nächst Jore gekuckt mat Sécherheet hëllefen.

A mir sinn och der Meinung, an dat contrairement zu eise Kollege vun der DP, dass et keen Tabu dierf sinn, och iwwer Cotisationenserhijungen ze diskutéieren. Wuel net elo direkt, dat wär ganz schwéier ze erklären natierlech an där schwieriger wirtschaftlecher Lag, wou mer sinn, awer och oder virun allem, well mer jo am Moment scho méi cotisiéiere wéi dat, wat de System pro Joer brauch, fir am Équilibre ze sinn. An där Zäit d'Cotisationounen eropzesetzen, wier natierlech e Geste, dee schwéier ze erkläre wier. Mä no vir gekuckt menge mer och, dass et keen Tabu dierf sinn, fir an Zukunft de System finanziell och ofzesécheren. Mä och do soe mer, dat eleng wäert net duergoen, fir den Équilibre hierzestellen.

Mir sinn awer och mat enger Rei Saachen net averstanen an déi wëll ech och elo hei soen.

Ee wesentleche Punkt ass nämlech deen hei, dass d'Aart a Weis, wéi Der Är Reform agenciert hutt, notamment Är Wuesstumsprognosen, déi drécken natierlech d'Gräife vun der Reform no hannen. An Dir refuséiert am Fong domadder, d'politesch Konsequenze vun Ärer Reform ze assuméieren.

3% Wuesstum bei 1,5% Wuesstum um Aarbechtsmarché, dat hate mer vun 2008 un net! Do si mer knapps iwwer null. Och dës Joer kréie mer dat net. An d'Prognose fir déi nächst zwee Joer leien optimistesches bei ronn 1%. Aerer maachen nach méi wäit Projektionen - bon, do ass awer fir mech e groussen Deel Kafissazieserei derbäi -, mä déi leien awer an där Zuel, déi se benennen, net aus de Féiss vun deem, wat mer elo hunn.

A wat och fir Lëtzebuerg alarmant misst sinn, dat ass, dass mir hei am Land traditionell iwwer eisen däitschen Nopere louch mam Wuesstum. A mir wossten, dat, wat do méiglech ass, ass hei mat 1% méi nach besser méiglech. Och dee Verglach geet net méi op. Am Verglach mat Däitschland leie mir am Moment permanent ënner hirem Wuesstum. An dat sinn awer Zuelen, déi ee misste beonrouegen. A wann dann an esou eng Zäit eran eng Wuesstumsprognos gemaach gëtt, déi mat 3% rechent, da menge mer, dass dat u sech net ganz seriö ass.

Kee vun eis weess, wat d'Zukunft wäert ginn, net déi, déi 3% soen, och net déi, déi soen, et wär 0%. An duerfir gëtt et nëmme eng Approche, nämlech ze soen: Kommt, mir kucken, dass déi Reform, dat Gesetz weinstens deen Dag, wou mer d'Reform stëmmen, hallefweegs d'Strooss hält an de Verglach mat der Realitéit aushält, well mir wëssen all net, wat an 20 Joer wäert sinn!

Mä wann d'Reform deen Dag, wou se votéiert gëtt, wäit ewech vun der Realitéit läit, dat ass awer méi wéi e Schéinheitsfeeler. Dat ass am Fong eng Mesure, déi just derfir suert, dass mer iwwer déi nächst fënnef Joer näischt wäerten an deem dote Beräich vun der Rentereform wierklech dobaussen ze spiere kréien.

Dir sidd e bëssen, wann eng Operatioun géif ustoen, Här Minister, bei der Dokteschéquipe wéi den Anästhesist. Dee geet vir, e muss de Patient aschleiferen, an da kommen déi aner - d'Chirurgen - no, fir d'Operatioun virzehuelen. Dat geschitt hei net. Dir gitt hei wuel vir, mä Dir sidd den Anästhesist, an da kënnst hannendrun net wierklech eppes no.

Mä d'Chamber misst eigentlech d'Salle de réveil sinn an lech soen, dass dat net geet an dass mer déi Prognos do net akzeptéieren, dass mer soen, neen, hei sidd Der an der Realitéit, mir akzeptéiere keng Reform, déi an hiren Auswierkungen eréischt a fënnef Joer wäert ufänken ze gräifen. Dat wär net richtig.

An Dir maacht de Konschtgrëff nach zwou aner Kiieren.

(Interruption)

Dir sot zweemol beim Réajustement, also bei der Upassung un d'Realléin, do sot Der och, dee Moment, wou d'Dépenses d'Recetten am System iwwersteigen, da gi mer erof op héchstens nach en hallwen Ajustement.

Also, d'Eierlechkeet wär och do, fir ze soen, et gëtt iwwerhaupt kee méi, well e System, deen defizitär ass, do nach eng Leeschtung fir den Ajustement auszebezuelen...! Also Ären Nofolger, deen dat dee Moment wäert missen erklären, dee wäert net vill Argumenter fannen, fir ze soen, mir maachen nach en hallwen Ajustement. D'Wourecht ass, dass deen Dag, wou de System méi Dépense wéi Recetten huet, dann ass den Ajustement op null an net op 50%.

Mä och do kënnst Der lech fënnef Joer rette mat deem Konschtgrëff vun den 3% Wuesstum. Datselwecht géllt iwwerengs och fir d'Allocation de fin d'année. Och dat gëtt no hanne gedréckt doduerch, dass Der haut déi dote Grondlag huelt. Mir fannen dat net richtig.

De Problem ass do. De Problem ass erkannt. Den Déséquilibre vum System kenne mer, an et wär eigentlech ubruecht, fir dann haut eng Reform ze maachen, déi ab dem 1. Januar wierkt. An zwar net nëmme wierkt fir déi, déi wëssen, dass se wäerten um Enn ee Joer oder zwee oder e puer Méint oder e puer Woche méi laang schaffen, dat spieren déi net. Déi wëssen dat héchstens, wa se d'Zeitung gelies hunn, dass dat op se duerkënnt. Spieren di se et net.

Déi Elementer, déi wierklech ze spiere sinn, wann op eemol e bësse manner iwwerwise gëtt, all déi Elementer, déi hutt Der mat deem Konschtgrëff no hanne geréckelt. Dat fanne mer net richtig.

An et ass net nëmme net richtig, et huet och eng Auswirkung: Nämlech dee Moment, wou mer da mierken, dass déi 3% falsch waren, da gräift de System. De Mechanismus, deen an der Reform dran ass, dee wäert da gräifen. Dat hutt Der oft genuch widderholl an dat stëmmt och. Dee gräift. Mä dann huet en natierlech manner Zäit, fir ze gräifen, an e muss dofir e bësse méi heftig gräifen. An déi, déi dat spieren, dat sinn net déi Leit mat den héije Renten, mä dat sinn déi Leit mat de klengen a mëttlere Renten.

An duerfir ass dat heiten net just politesch eppes méi oder manner geschéckt gemaach, mä et treëft och Leit. An duerfir fanne mir dat heiten net richtig.

Här Minister, d'Reform, déi gëtt och net wierklech gedroen. Vläch och, well se net richtig erkläert ginn ass. Vläch och, well d'Leit spieren, dass do Saachen dra sinn, déi hallefhaerzeg sinn.

Wär et net besser gewiescht, et konsequent ze verteidegen? Dir hat et jo eigentlech liicht. Wéi ee Sozialminister an engem vun de Länner ronderëm ka scho vu sech behapten, en hätt potenziell fir d'Stoussrichtung vun der Reform d'Ennerstëtzung souguer praktesch vun all den Oppositionsparteien? Vill méi liicht kënnst Der et u sech jo net hunn. Déi meescht heibanne soe jo: Mir hätte gären en ofgesécherter System an der Durée a si bereet, Reformen ze maachen an déi mat ze verteidegen.

An nawell sidd Der net esou konsequent gaangen. An duerfir gëtt och déi Reform vläch net wierklech gedroen, well esou ee gewëssene Flou am Raum hänke bleift bei deem, wat Dir proposéiert.

D'Gewerkschafte ginn net mat lech op deen dote Wee. Äre Koalitionspartner - bon, dee suert op seng scho bal traditionell Aart a Weis derfir, dass e fir all Positioun een huet, fir auszeschécken. Den Här Weber, de Gewerkschafte, deen där dergéint sinn. Den Här Wilmes, dee Jonken, deen där dann och dergéint sinn. D'Madame Mergen muss als Fraktionssprecherin e bëssen alleguerten déi aner verrieden. Dann huet een dräi Meinungen an herno nach ëmmer de Projet mat ënnerstëtzt. Dat ass natierlech einfach. Mä vläch wär dat och méi schwéier gewiescht,...

(Interruption)

...wann d'Reform wierklech konsequent gewiescht wär.

De Robert Kieffer hat - ech hunn dat uganks gesot - vun der imposibler Reform geschwat. Bon, d'Reform war schlussendlech e bësse possible, mä vläch och nëmme, well et keng richtig Reform ass.

No 2014, Här Minister, wäert d'Renteproblematik net vum Dësch sinn. Déi wäert ganz séier op den Dësch vun der politischer Aktualitéit an eisen Aen zrëckkommen, méi séier a warscheinlech méi aschneidend, wéi dat haut nach an Aussicht gestallt gëtt.

Mir mengen, mir wäeren alleguerte besser berode gewiescht, den Effet vun der Pensioun virzezielen an net esou wäit no hannen ze réckelen. Dat ass wuel am Intérêt vun den aktuelle Pensionnären, dat geet awer och op d'Käschten, ganz kloer, vun deene Generatiounen, déi elo eréischt an de System kommen.

Aus all deene Grënn wäerte mir Gréng déi do Reform haut net kënnen stëmmen, well d'Rentendiskussion virugeet. Ech wëll awer net ofschleissen, ouni der Madame Mutsch fir hire mündlechen an och schrëftleche Rapport Merci ze soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci dem Här Braz. Den nächsten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un d'Madame Rapportrice, d'Madame Lydia Mutsch, déi keng einfach Aufgab hat, fir duerch dese komplizéierte Projet derduerch ze goen, mä si huet dat awer mat Brio gemeeschert, souwuel wat hire schrëftleche wéi mündleche Rapport ubelaangt.

D'Rentendiskussion ass eng Diskussioun, déi schonn iwwer Jorzéngten hei am Land gefouert gëtt, mat Emotiounen, mat vill Gestreits, mat kontradiktöreschen Usichten, a mir sinn iwwerzeegt, dat och an Zukunft d'Rentendiskussion wäert aktuell bleiwen, och no där Gesetzesreform, a vläch kann een och soen, grad weinst där Reform.

D'ADR ass déi Partei, déi säit hirer Grënnung op déi Renteproblematik opmierksam gemaach huet, wat d'Ursach vun der Grënnung vun där Partei war. Rentegerechtegkeet, mat deem Slogan si mer 1987 a mat engem eenzege Punkt gegrennt an duerno och an d'Wahle gaangen. Eng Rentegerechtegkeet, kann ee soen, déi zéng Joer méi spët, den 1. Januar 1999 Realitéit ginn ass, well wu 1. Januar 1999 u gëtt et keng Differenz méi tëschent dem privaten an dem öffentleche Secteur.

Fir déi Leit am öffentleche Secteur, déi no dem 1. Januar 1999 agestellt gi sinn: Si bezuelen déiselwech Cotisationounen, kréien hir Pensiounen opgrond vun de Cotisatione berechent an hunn deeselwechten Ajustement. Et ass just nach eng Differenz, dat ass beim Plafond cotisable. Fir déi Fonctionnaires, déi virum 1. Januar 1999 agestellt waren, géllt en lwwergangsregime, wou déi 5/6, 83,3% iwwer 30 Joer op 72% erofginn.

Duerch eng Rei Reformen, déi am Privatsektor gemaach gi sinn - déi ginn op 1987 zrëck, op 1991 zrëck, bis bei de Rentendësch am Joer 2000 -, sinn d'Pensiounen am Privatsektor massiv ugepasst ginn. D'Hongerrente si quasi ofgeschafft ginn an d'Pensiounen aus dem Pri-

vatsektor si wesentlech deenen am öffentleche Secteur ugepasst ginn.

Mir hunn haut praktesch keng Hongerrente méi fir Leit, déi eng komplett Carrière hunn. A Lëtzebuerg kennt och praktesch bal, am Géigesaz zu anere Länner, keng Altersarmut méi. Nach 5% gi laut der Statistik bei der Armut hei am Land ënnert der Altersarmut gefouert. Déi grouss Armut hei am Land, déi fanne mer haut bei der Jugend, a mer fanne se a priori bei den elengerzéende Fraen.

No all deene Reformen, déi gemaach gi sinn, wou mer déi zwee Regimer gréisstendeels gläichgeschalt hunn, wou mer d'Pensiounen aus dem Privatsektor massiv eropgesat hunn, steet haut déi nächst grouss Erausforderung virun eis, nämlech d'Pensionsofsécherung um finanzielle Volet, an dat souwuel am private wéi am öffentleche Secteur.

Firwat datt trotz Rekordreserven d'Zukunft vun eise Pensionssystem aus finanzieller Hisicht méi wéi ongewëss ass, brauch een net nach eng Kéier hei ze erklären: Rekordwuesstum vun eiser Economie iwwer 20, 30 Joer, Rekordwuesstum vun den Aarbechtsplazen an der gläicher Zäit, an duerfir Opbau vum Rekordreserve bei der Pensionskeess. An Zukunft wäerten awer och nei Rekorder opgestallt gi vun deene Leit, déi an d'Pensioun ginn.

Wa mer haut och Reserven hu vu bal zweilef Milliarden, déi 3,7-mol d'Joresdépenses ausmaachen, esou stelle mer och haut awer scho fest, datt déi Reserven entstan sinn engersäits oder haaptsächlech opgrond vun den lwwerschéss, déi d'Pensionskeessen all Joer gemaach hunn, a mer stellen haut awer och scho fest, datt déi lwwerschéss lues a lues, vu Joer zu Joer zrëckginn.

Mir haten alt Reserven iwwerschéss vu bal enger Milliard a mer leien elo bei 600, 700 Milliounen d'Joer, wat drop zrëckzeféieren ass, datt vläch d'Léin, d'Masse salariale net méi esou gewuess ass, awer och dorops zrëckzeféieren ass, datt de Rendement vun deene Suen, déi placéiert waren, net méi am Abléck dat bréngt, wat e soss bruecht huet. Mir gesinn also, datt och iwwer dee Wee d'Reserve lues a lues, d'lwwerschéss zrëckginn an domat d'Reserven net méi esou gespeist ginn.

Viru Joren hate mer am Gesetz stoen, datt mer Reserve missten hu mat enger Mindestgrenz no ënnen, et därft net ënner 1,5-mol d'Joresdépense goen an et därft net iwwer 2,5-mol d'Joresdépenseserausgoen. Mir si virun enger Rei vu Joren dunn an déi Situatioun komm, datt d'Reserven awer iwwer déi 2,5-mol d'Joer erausgaange sinn, a konsequenterweis hätte mer du misse d'Leeschungen héijen oder d'Cotisatione senken.

Mir hunn deemools dat eenzeg Richteg gemaach, mer hunn einfach de Plaffong aus dem Gesetz gestrach, soudatt dee Plaffong konnt weider wuessen, weider Reserven uleeën. An, wéi gesot, haut leie mer bei 3,7-mol d'Joresdépenses.

Eis Nopeschlänner, déi si frou, wa se e puer Wochen hunn, wann et gutt geet ee Mount. Lëtzebuerg huet also eng immens gutt Situation, mä mer wäerten déi Reserven och an deenen nächste Jore brauchen.

D'Reserve gi mëttelfristeg opgeschafft, an duerno komme mer dann och an eng Defizitsituatioun. Bei där Analys, mengen ech, si mer eis eens. Ech mengen, keen heibannen zweifelt un der Analys, wat d'zukünfteg Entwécklung vun eise Pensionskeessen ubelaangt.

Ob den Datum, wou de System kippt, wou d'Reserven opgeschafft sinn, ob dat elo 2030 oder 2028 oder 2032 ass, dat spillt keng Roll, dat mécht der Kaz kee Bockel! Mä wichteg ass et, dat wësse mer, datt iergendwéi eng Kéier deen Zäitpunkt kënnst, wou de System kippt. Dat ka schwanken, dat huet mam wirtschaftleche Wuesstum ze dinn, dat huet domat ze dinn, wéi den Emploi sech entwéckelt.

A wa mer wëssen, dass déi Situatioun iergendwann eng Kéier antrëtt, hu mer alleguer en Interessi drun, esou séier wéi méiglech ze reagieren. Wat mer méi fréi reagieren, wat den Äschnëtt méi kleng gëtt, a wat mer méi spët reagieren, wat den Äschnëtt méi grouss gëtt.

Wa mer net wëllen, an dat kënnst aus jiddwerengem senge Rieden heibannen eraus, déi zukünfteg Generatiounen belaauchten, da musse mer och de Courage hunn, fir mat Zäit ze reagieren. Well wa mer net reagieren, da belaauchte mer wierklech d'Zukunft vun der nächster Generatioun, dann hypothekéiere mer eis Jugend, an déi muss dann alleguer déi negativ Auswierkungen, déi dann de Pensionssystem wäert mat sech bréngen, ausbueden.



De System kéint natierlech och iwwerliewen. Mir bräichte just e Wuesstum vu 4% am Schnëtt iwwert déi nächst 40, 50 Joer ze kréien. D'Konsequenz wier dann, datt mer 1,5 Millioun Salarieé missten am Joer 2050 hunn a 40 Joer méi spéit, wann déi an d'Pensioun ginn, da misste mer 4,5 Milliounen Assuréeën am Land hunn, an dat géif ëmmer esou virugoen. De Problem géif also och beim staarke Wuesstum bestoe bleiwen, e géif just ëmmer méi grouss ginn. D'Fro ass: Wëlle mer dat? Esou vill Beschäftegter, Frontalieren, Immigratioun, sozial Kohäsion, Infrastrukturen am Land, kënnen mer dat maachen?

D'Fro ass awer och, wa mer dat wëilten, ob mer dee Wuesstum iwwerhaapt kritisieren. Mir decidéiere jo net eleng hei iwwert de Wuesstum. Mir mierken dat an de leschte Joren. Mir hätte jo gäre méi Wuesstum, mä d'Weltökonomie dirigiert eben, datt och hei zu Lëtzebuerg kee Wuesstum méi stattfënnt.

An ob mer déi Aarbechtskräften iwwerhaapt géife fannen, déi mer bräichten, fir de System ze retten? D'Äntwert ass, mengen ech, partiwwergräifend déiselwecht: Kee Mënsch wëllt déi Entwécklung hei am Land. Kee wëllt eise Kanner, de kommende Generatiounen, esou eng Ierfschaft iwwerloossen.

De Regierungsprojet baut op engem wirtschaftleche Wuesstum vun 3% am Schnëtt fir déi nächst 40 Joer op. Et ass dëscht eng Hypothees, déi einfach onrealistes ass! Mir hunn an deene leschte véier, fënnf Joer an der Moyenne quasi null Wuesstum. Wéi gesot, mir kënnen selwer nëmme minimal doriwwer decidéieren. A wann een déi lescht Etüde vun der OECD kuckt, da gesäit een och, datt weltwäit de Wuesstum wäert an den nächste Jorzéngte méi lues goen, an Europa nach méi lues, a Lëtzebuerg läit nach eng Etapp drënner, wat eise Wuesstum ubelaangt.

Ideal wier et, wa mir e Rentensystem kéinten opbauen, dee mat null Wuesstum kéint iwwerliewen. Mä dat ass net einfach, opgrond vun där Situatioun, wou mer dra sinn. Dat géif natierlech en Émdenke bedéngen. Et wier och schwéier, fir eng verwinnte Konsumgesellschaft, déi mer nun eben emol alleguete sinn, drop anzuschwieren an ze soen, mir hu kee Wuesstum méi a mir verzichten elo an Zukunft och deementsprechend. Dat wäerte mir och net hei an dësem Land realiséieren.

An dach muss ee sech d'Fro stellen, wat dee staarke Wuesstum eis an der Vergaangenheet bruecht huet. De Chômage ass op Rekordhéicht, d'Statsfinanze sinn esou schlecht wéi nach ni, d'Statsschulde sinn esou héich wéi nach ni, d'Baupräisser sinn esou héich wéi nach ni, de Stat kënnt mat den Infrastrukturen net méi no, déi sozial Kohäsion am Land léisst méi wéi ze wënschen iwwreg an esou weider. D'Zukunftsdebat, wéi eist Land a 50 a méi Joren ausgesäit, ass méi wéi iwwerfällg, an net nëmme weinst der Rentefro.

Mä haut diskutéiere mer iwwert d'Rentefro. D'ADR huet am Februar 2011 hir Propositione public gemaach. Ech wëll hei eng Rei vu Punkte soen, wou eis Propositione sech mat deene vun der Regierung decken a wou net, a firwat mir dësem Projet net wäerten zoustëmmen.

Vorbemierkung, ech hunn dat scho gesot, d'Reserve gi scho lues a lues zrëck. De Wirtschaftswuesstum vun 3% ass eiser Meenung no onrealistes. A wann een den Avis liest vum President vun der CNAP, dee mer jo alleguer kritt hunn, deen a sengem perséinlechen Numm dat gemaach huet, ech mengen, wann een deen - an déi Persoun ass jo sécher gutt situéiert, fir eise Rentensystem gutt ze kennen -, ech mengen, deen huet eng Warnung ausgestouss, déi leider, géif ech mengen, d'Politik net genuch fir seriö geholl huet.

Den Zäitpunkt, d'Wierke vun der Reform ass e wesentleche Punkt. Wann ee weess, datt de System eng Kéier kippt, huet een Interessi drun, ech hunn dat scho gesot, fir esou séier wéi méiglech ze reagéieren, well dann d'Aschnëtter méi kleng ginn.

D'Regierung huet awer decidéiert, fir all déi Moossnamen, déi um finanzielle System eppes kéinten un Aspuerung bréngen, fir déi aacht, zéng oder zwielef oder Gott weess wéi vill Joer no hannen ze réckelen. Virun allem, mengen ech, huet se versicht, se no hannen ze réckelen, hannert déi nächst Wahlen.

Dat zeugt net vu politischem Courage an et kann een net Moossnamen decidéieren, déi eréischt an zéng, zwielef Joer antrieden a gläichzäitg soen, mir wëllen déi zukünfteg Generatiounen net hypothekéieren. Dat gëtt mat dësem Projet gemaach, well de Courage feelt,

fir eben direkt Moossnamen ze huelen. Dat si verluere Joren, all déi Joren, wou elo näischt geschitt. Dat si verluere Joren, déi déi kommend Generatiounen müssen zrëckbezuelen.

Wou kann da reagiert ginn? Et gëtt am Prinzip dräi Punkten: Dat ass éischters op der Recettësäit, zweetens kann een um Pensionsalter eppes maachen an drëtzens un der Pensionshéicht.

Op der Recettësäit si mir als ADR der Meenung, wéi och verschidden anerer, datt zu dësem Zäitpunkt et net méiglech ass, fir Cotisationserhéijungen ze maachen. Mir sinn am System vun een Drëttel, een Drëttel, een Drëttel a mir wëllen och bei deem System bleiwen.

Mir kënnen awer an dëser wirtschaftlech schwieriger Situatioun eis Betriber net zousätzlech duerch Cotisationserhéijunge belasteschen. Mir kënnen och an dëser Zäit net de Statsbudget mat sengem Drëttel an de Cotisationserhéijungen zousätzlech belasteschen, well mir wëssen alleguer, wéi dramatesch déi finanziell Situatioun am Stat ausgesäit. Mir maachen an deene leschte Joren all Joer eng Milliard Defizit. Mir kënnen also net verlaangen, datt de Statsbudget nach soll zousätzlech Gelder an d'Pensionskeesen a Form vun Erhéijunge vu Cotisationsfléisse looschen.

An awer ginn och d'Assuréeën, mengen ech, duerch déi ganz Moossnamen, déi an deene leschte Joren an déi elo erëm am Kader vun der Sanéierung oder deelweiser Sanéierung vum Budget decidéiert gi sinn, zousätzlech belastescht, soudatt een och elo net kann d'Assuréeën nach zousätzlech belasteschen.

Et kann ee selbstverständlech ëmmer iwwer aner Finanzéierungsméiglechkeeten diskutéieren, mä et muss een ëmmer wëssen, egal wat ee mécht, et si Suen, déi zéier mer aus der Ökonomie eraus an déi kënnen mer am Abléck awer net zousätzlech belasteschen.

Da bleiwen am Prinzip nach just dräi, zwou Méiglechkeeten, dat ass um Niveau vum Pensionsalter an um Niveau vun der Héicht vun der Pensioun.

Mir hunn als ADR proposéiert, och de Pensionsalter ze héijen, an zwar hate mir eis Propositionen ee Joer virun der Regierung gemaach, mä mir sinn nëmme op ee Joer eropgaangen. Awer och mam Prinzip, datt ee seet, all Joer muss een ee Joer méi laang schaffen goen, soudatt een no zwielef Joer...

► **Une voix.**- Ee Mount!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ee Mount méi laang, entschëllegt, all Joer muss een ee Mount méi laang schaffen goen, fir datt een iwwer zwielef Méint, zwielef Joer ee Joer zesumme méi laang schaffen geet. D'Regierung huet am Fong och déi Iddi iwwerholl, mä si huet aus engem Joer dräi Joer gemaach!

Firwat si mir bei engem Joer bliwwen? Mä well mer gesot hunn, et weess een haut wierklech net, wat a 40 Joer geschitt. Wann ee 40 Joer zrëckkuckt, 1970, an et hätt deemools ee gesot, wéi et haut hei am Land ausgesi géif - an en hätt et och nach richtig geroden -, da wier en deemools fir geckeg erkläert ginn, well esou eng Entwécklung, wéi d'Land se matgemaach huet, hätt kee kënne viraussoen.

Mä et gëtt awer och eng aner Moossnam. Ech mengen, mir wëssen alleguer, wa mer mam Pensionsalter an d'Luucht ginn, dat huet och eng... dat ass en zweescheidegt Schwäert. Op där enger Säit hu mer Jugendlecher, deene mer d'Aarbechtsplaz vläicht zum Deel ewechhuelen. De Jugendchômage kann doduerch an d'Luucht goen! An op där anerer Säit wësse mer awer och, datt eng Rei vu Betriber Problemer hunn, Leit an engem gewëssenen Alter ze halen. Et gëtt Betriber, déi hir eeler Beschäftegt halen. Mä et gëtt awer och Betriber, déi versichen, se lasszeginn.

An duerfir menge mir, datt mer dee Pacte du troisième âge, deen an der Diskussioun steet, datt een doduerch, datt een nëmme ee Joer an d'Luucht geet, de Betriber och seet: Ma Dir kënnt och elo beweisen, datt dat vun Ärer Säit seriö gemengt ass. A wa mir dat gesinn, datt Der och d'Leit méi laang kënnt an de Betriber halen... mir soen net, datt een dann net kann herno och nach eent oder en anert Joer Alters-, Pensionsantrëttsalter hannendrunhänken.

Mä mir warnen do virun, fir esou séier an d'Luucht ze goen. A mir mussen och oppassen, datt net déi Leit op eemol spéiderhi keng Aarbecht méi hunn an datt se dann nach musse virun der Pensioun an de Chômage kommen oder iergendwéi eng Sozialhëllef kréien. Ech mengen, dat ass e Prinzip, dee mer net wëlle méi hei am Land hunn.

Da kënnt och d'Pension à la carte. Mir hunn net virgesinn, datt een eng Pension à la carte mécht, well mir gesot hunn, wann d'Leit... mat der Pension à la carte wäert de groussen Deel awer esou fréi wéi méiglech an d'Pensioun

goen, an dat ass - a mir schwätze jo hei fir Ekonomien ze maachen am Pensionsystem, fir Suen ze spueren -, a mir fäerten, mat deem dote System gi keng Ökonomie gemaach oder net vill Ökonomie gemaach, datt et also wierkungslos ass.

Ech wollt och hei soen, datt souwuel vun der Madame Rapportrice wéi och geschter vun der Sprächerin vun der LSAP um Radio geschter Mëtteg gesot ginn ass, doduerch, datt ee méi laang schaffen geet, gëtt engem seng Pensioun méi héich. Dat ass intellektuell einfach falsch! Doduerch, datt ee méi laang schaffen geet, kritt een déiselwecht Pensioun wéi ee se haut schonn éischer kritt huet. Also kritt een net méi, et muss ee méi laang schaffen goen, fir datselwecht ze kréien! A wann een éischer geet, da kritt ee manner.

Dat ass déi richteg Interpretatioun, an net, wéi dat hei virgedroe ginn ass, wann ee méi laang schaffen geet, kritt ee méi. Et kritt een näischt méi, et muss ee méi laang schaffen goen, fir datselwecht ze kréien, a wann ee manner laang schaffen geet, kritt ee manner! Ech mengen, esou vill intellektuell Eierlechkeet kéint een awer och vun de Sozialiste verlaangen, datt se de Leit...

(**Interruption**)

...datt se de Leit net eppes verzape ginn, wat wierklech näischt mat der Realitéit ze dinn huet.

► **Une voix.**-Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlech muss déi Moossnam fir Leit, déi Schichte schaffen müssen, bäibehale ginn.

Beim Ajustement hu mir och eng aner Proposition. D'Regierung proposéiert fir deen Abléck, wann déi jährléich Recetten déi jährléich Dépenses net méi decken, da géif den Ajustement mindestens ëm 50% gekierzt ginn - dat kann och 100% sinn -, mä fir jiddwereen an och eréischt, wéi gesot, am Joer 2020 dorëmmer, wou gerechent gëtt, wou dee Moment antrëtt.

Mir soen: Kommt, mir fänken direkt un! Déi Aktiv maachen e Bäitrag, andeems datt se e bësse méi laang schaffen gi fir d'Sanéierung vun de Pensionskeesen, an déi Pensionéiert verzichten op een Deel vum Ajustement, awer direkt.

Awer mir hunn e sozialen Ajustement proposéiert. Dat heescht, mir wëllen den Ajustement lafe looschen, mä mir wëllen en degressiven Ajustement maachen, wou mer soen, op där Tranche vun der Mindestpensioun gëtt den Ajustement nach zu 100% ausbezuel, a pro Tranche, déi driwwer geet, gëtt et all Kéiers prozentual manner vum Ajustement, an ab engem gewëssenen Niveau, doriwwer gëtt et keen Ajustement.

D'selwecht wéi mer bei de Steieren eng Progressioun pro Tranche hunn, maache mir gär beim Ajustement eng Degressioun pro Tranche, soudatt déi kleng Pensiounen den Ajustement nach ganz kréien, a wat d'Pensiounen méi héich ginn, wat den Ajustement zrëckgefouert gëtt, an ab engem bestëmmte Montant kee méi. A mir géifen dat, wéi gesot, och direkt ulafe looschen an doduerch kéinten dann och direkt vun Ufank u Gelder gespuert ginn.

Der Regierung hir Proposition ass an eisen Aen duerfir sozial ongerecht, well wann hir Moossnam eng Kéier antrëtt, da kritt och déi klengste Pensioun, och d'Mindestpensioun kritt keen Ajustement méi. Bei eiser Proposition kréichen déi Kleng nach en Ajustement, a wat d'Pensiounen méi héich ginn, kréichen och nach en Ajustement, mä si kréiche manner Ajustement. Dat wier sozial gerecht an et kéint direkt a Kraaft trieden, an et wier, wéi gesot, den Ajustement, de Bäitrag vun de Pensionéierten.

Datselwecht hu mer bei der Allocation de fin d'année. Wann d'Cotisation eng Kéier gehéicht gëtt, da fält déi fir jiddwereen ewech, dat heescht, och déi sozial Schwaach, déi wierklech déi 400 Euro ausgangs des Joers brauchen, déi kréichen déi och net méi. An och do fanne mer, datt dat net sozial gerecht ass.

Et gëtt och positiv Moossnamen an deem Projet hei, zum Beispill déi nei Kombinatioun vu Pensioun a wat een derbäi schafft. Well déi Moossnam, wéi mer se elo haten, datt, wann een am Fong iwwer een Drëttel vum soziale Mindestloun verdéngt huet, direkt d'Pensioun ëm 50% gekierzt gouf, dat war eng dramatesch Sanktioun.

Elo deen neie Modell, datt een net därer d'Pensioun an dat, wat een zesumme verdéngt, iwwert d'Moyenne vun deene fënnf beschte Joren de Revenu verdéngen, a wann et driwwer geet, kritt ee just dee Montant, deen driwwer geet, gekierzt, fanne mer, wéi gesot, vill méi richtig.

Ech gesinn, meng Zäit leeft fort, duerfir sprangen ech elo e bëssen; d'Weiderversécherung vun de Fraen.

D'Weiderversécherung vun de Fraen, do fanne mer et wichteg, datt mer versichen, all Fra individuell e Pensionsrecht ze ginn. A mir waren och enchantéiert vun der Proposition, déi vum Conseil national des femmes gemaach gëtt, fir am Fong eng Pflichtversécherung anzeféieren, wann eng Fra ophält mat schaffen oder se bleift doheem, wéi mer et sengerzäit och bei de Bauerefrae gemaach hunn, wéi mer do d'Reform gemaach hunn. D'Bauerefraen hu missen eng Cotisation bezuelen an och haut hu se eng Pensioun. An hei hätte mir gären déi Iddi ënnerstëtzt, déi vum Conseil national des femmes komm ass, wann ee gesot hätt, mer féieren eng Pflichtcotisation an, fir eben do de Fraen och eng Pensioun ze ginn.

D'Fonction publique fält, wéi gesot, wat den neie Regime ass, genau ënner all déi Punkten, déi mer hei elo am Privatsecteur maachen, se sinn och fir den neie Regime an der Fonction publique. An der Fonction publique am ale Regime, den Iwwergangsregime, wou d'Pensioun nach ëmmer opgrond vum leschte Gehalt berechent gëtt, fält just dee Passus, wann den Ajustement géif eng Kéier geännert ginn, géif deen och an deem Regime applizéiert ginn.

Mäi Kolleg Jacques-Yves Henckes huet virun e puer Méint un de Minister vun der Fonction publique eng Question parlementaire gestallt, fir datt genau wéi am Privatsecteur och eng Evaluatioun géif gemaach ginn, wat de Käschtepunkt vun de Pensiounen an der Fonction publique ubelaangt. Et ass du vum Minister geäntwert ginn, datt wier net méiglech, fir dat ze berechnen.

Här President, ech hunn dat quasi bal als eng Frechheet ugesinn, wann de Minister esou eppes äntwert. Am Privatsecteur hu mer 400.000 Assuréeën, wou mer keng Carrière kennen, wou mer net wëssen, wéini datt se an d'Land kommen oder wéini datt se erëm fortginn. Do hu mer et 50 Joer am Virus gerechent. An der Fonction publique, wou mer jiddwerengem säin Alter, seng Carrière kennen, wéini en ufänkt a wéini en ophält, do wier et net rechebar.

Mir sinn der Meenung, datt et an dëser Situation, souwuel wat d'Pensiounen wéi d'Statsfinanzen ubelaangt, keen Tabu därer ginn an datt een alles soll berechnen. An duerfir depouéiere mer och eng Motioun, Här President, Madame Presidentin, datt d'Chamber soll d'Regierung invitéieren, fir esou eng Etüd maachen ze looschen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant qu'il y a lieu de garantir la viabilité du système de pension à moyen et à long terme tant pour le secteur privé que pour le secteur public;*

- *considérant l'absence d'informations sur les engagements financiers à long terme résultant des pensions du secteur public notamment du régime transitoire;*

- *considérant qu'il est important de disposer d'une étude prévisionnelle sur les engagements financiers à court, moyen et long terme du régime des pensions du secteur public;*

invite le Gouvernement

- *à faire réaliser une étude actuarielle sur le régime des pensions du secteur public et notamment sur l'évolution des coûts prévisionnels relatifs au régime transitoire.*

(s.) *Gast Gibéryen, Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes, Fernand Kartheiser, Serge Urbany.*

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Zum Schluss, Här President, wëll ech soen, datt d'Analys iwwert d'Renteproblematik, déi gemaach ginn ass, déi richtig ass. Déi gëtt vun eis gedeelt. Mä d'Konklusiounen, déi d'Regierung gezunn huet, sinn déi falsch. Si sinn op engem falsche Wuesstum vun 3% baséiert, se sinn no hanner verréckelt ginn, d'Moossnamen op déi kommend Generatiounen, an déi Moossname sinn doriwwer eraus nach sozial ongerecht an duerfir fanne se net eis Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Häre Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Häre President, eis Pensiounen gi gäre mam Ausland verglach. Jo, mir hunn zu Lëtzebuerg Pensiounen, dat si keng Hongerrente méi an der Regel, mä si garantéieren e gudden Deel vum Loun, deen ee verdéngt huet, och am Alter. Dat ass awer keng Schan, dat ass eng Errungenschaft. Et ass e Recht, menger Meenung no.

D'Pensiounen iwwregens vun deene Leit, déi schaffen ginn, an d'Entwécklung vun deene Pensiounen steet jo a kengem Verhältnis zur Ent-



wécklung vum Räichtum zum Beispill op dem Eegentum zu Lëtzebuerg. Wéi vill sinn dann an deene leschte Joren d'Dividenden an d'Luucht gaangen? Wéi vill sinn d'Zënsen an d'Luucht gaangen? Wéi vill sinn d'Loyere geklommen, och am Verglach mat anere Länner? Ech hunn eng Statistik fonnt, dass se ëm 45% an d'Luucht gaange sinn, zu engem Zäitraum, wou d'Léin an och d'Pensiounen ëm 2% an d'Luucht gaange sinn.

Sécher, eise Pensiounssystem verdanke mer der Entwécklung vun deene ville jonke Bäitragszue-ler vum leschte Jorzéngt, awer och de Recetten aus de Steiereinnahmen, an déi komme virun allem vun de Salariéë selwer. Et stëmmt, wann den Zouwuess vun neie Salariéen net unhält, wann d'Steiereinnahme weider zréckginn, och wann d'Austeritéitspolitik weidergedriwwen gëtt, hu mer iergendwann an zéng, 20 Joer e Finanzéierungsproblem bei de Renten.

Mir sinn awer der Meenung, da muss prioritär emol vläicht no neien Einnahme gesicht ginn, zum Beispill duerch Cotisationserhéijungen, duerch Steieren um Kapitalverméijen, wat haut bal integral steuerfräi ass.

D'Salariatskummer huet déi Rechnungen all gemaach an huet erausfonnt, dass, jee no deem, wéi mer d'Recettë steieren, déi Recettë wäerten an Zukunft och nach duergoen, fir eise Pensiounssystem um Niveau vun haut ze halen.

Mä souguer wann ech vun der Hypothees ausginn, dass dat iergendwann eng Kéier net méi geet an dass den Niveau vun de Renten och an engem solidareschen, öffentleche Rentesystem misst ugepasst ginn, da géif ech awer aner Léisunge wéi déi, déi Dir hei virschlot, gesinn. Ech géif zum Beispill kucken: Wou sinn déi ganz héich Renten? Kënne mer net do e bësse kieren? Mir sinn awer absolut net an där Hypothees hei.

Mir hunn eng Rentereserv, déi ass zum Platze voll. Mir hunn e Finanzéierungssputt ëmmer nach an Zukunft iwwert de Wee vu méi Steiergerechtegkeet, déi agefouert muss ginn. A mir hunn och e Sputt bei de Cotisationen, déi ëmmerhin, dat muss een awer soen, zënter 40 Joer am Interessi vun de Betriber agefruer gi sinn zu Lëtzebuerg. An Dir hutt nach wëlles, se weider zéng Joer mat deem Projet hei anzefréieren.

Mir wëssen och guer net, wéi et wirtschaftlech an Zukunft weidergeet. Mir kënnen dat net wëssen. All déi Projektiounen, déi hei gemaach ginn, déi Katastrophenzenarien, déi hei gezeechent ginn, déi baséieren op Alchimistischerrechnungen, déi een absolut net ka vërféieren.

(Brouhaha)

Wat Der hei maacht, ass awer eppes ganz Konkretes. Wat Der hei maacht, ouni aktuellen Ulass, behaapten ech emol, dat ass eng systematesch Rentekierung, haut schonn an op laang Zäit, ouni awer gläichzäiteg Mesurë bei de Recetten elo scho virzugesinn.

Dir kiert de Rentenajustement elo schonn op den 1. Januar ëm zwee Joer Lounentwécklung, déi de Rentner ewechgeholl gëtt. An all zukünfteg Rente wäerten och zwee Joer Lounentwécklung verléieren.

Dir féiert d'Héicht vun der Rentenerwaardung vun de Leit zréck, all Joer e Stéck, während zéng Joer, während 40 Joer, egal wat an där Zäit geschitt, egal wéi positiv eventuell d'Wirtschaftsentwécklung an där Zäit wäert sinn. Neen, Dir decidéiert haut, am Joer 40 ass de Rentefaktor nëmme méi esou vill.

Dir decidéiert och elo schonn duerch dat hei Gesetz, dass an Zukunft den Ajustement vun de Renten un d'Lounentwécklung all Joer weider ëm 50 bis 100% gekierzt muss ginn, wann d'Einnahmen net méi duerginn a wann ee misst un d'Rentereserv eigentlech goen. Eng Rentereserv, déi ëmmerhin awer elo scho géif duergoen, fir véier Joer, ouni all Einnahm, d'Totalitéit vun de Renten zu Lëtzebuerg ze bezuelen.

Dir decidéiert domat och, dass déi Reserv, an dat sinn ëmmerhin zwielef Milliarden an an e puer Joer wäerten et 20 Milliarde sinn, weiderhin op de Finanzmäert weltwäit spekulativ ugeluecht gëtt, awer net fir d'Rentefinanzéierung därer geholl ginn. An och net därer geholl ginn, fir hei an der Wirtschaft nei Aarbechtsplazen zum Beispill ze schafen an domat nei Salariéen a Cotisanten ze schafen, déi an Zukunft fir d'Finanzéierung vun de Rente wäerte suergen.

Well Dir wësst jo, dass Der haut keng Sue kënt uleeën, fir d'Renten an zéng, 20 oder 30 Joer ze bezuelen. Mä Dir kënt awer eng Wirtschaftspolitik maachen, déi mécht, dass nach genuch Salariéen an Zukunft wäerten do sinn, mat gudder Paien, déi jo an Zukunft d'Rente kënne garantéieren.

Dir sot zwar, eng zukünfteg Chamber ka sech eens ginn, fir d'Cotisationen ze erhéien. Jo, dat ka se no deem Gesetz hei all fënnf Joer. A wa se sech net eens gëtt, da bleiwen d'Cotisa-

tiounen automatesch während zéng Joer agefruer. Awer d'Rentenupassung gëtt automatesch gekierzt an Zukunft, all Joer, well mer dat haut esou decidéiere fir d'Zukunft, déi mer net kennen.

Automatesch geet et also an Zukunft nëmmen no ënnen, no deem Projet hei, net no uewen. Der féiert hei en Automatismus an, wéi et nach a kengem Sozialgesetz ee gëtt.

Wann Der wéilt e gudder Rentesystem fir déi Jonk an Zukunft erhalen, dann dierft Der dat net maachen! Da géift Der d'Fangeren ewech losse vun deem automatesche Pilot do, deen Der hei aféiert, well dee féiert den öffentleche Rentesystem nëmmen no ënnen a mécht et spéidere Pilote schwéier, de Steierknëppel erëm eng Kéier an de Grapp ze huelen.

A wann dës Regelung mat där neier Budgets-prozedur vum Här Frieden eng Kéier sollt verbonne ginn, an do kommen och déi Kritären hei drastoen, an déi gëtt mat Zweedréttelmajoritéit an eis Gesetzgebung ageschriwwen, dann hu mer eis blockéiert während ganz laanger Zäit, well da brauche mer eng Zweedréttelmajoritéit vun der Chamber, fir nach iergendeppes un deem heiten an Zukunft ze änneren.

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Jo, ech kommen dat och. Op jidde Fall, vun där heiter Dévaluation vum öffentleche Pensiounssystem profitéiert, an zwar direkt elo schonn, nëmmen de privaten Assurancésektor. Dee wäert geschwé mat de falende Renten am öffentleche Sektuer werbe fir seng Zousazrenten. Heivun-ner profitéieren och grouss Betriber, well d'Leit méi laang musse schaffe goe mat deem System hei an d'Cotisationen fir d'Betriber laang net wäerte klammen.

Wann een hei vu Generationenegerechtgkeet an Zukunft schwätzt, da froen ech mech, vu wat fir enge Generationen een hei iwwerhaapt schwätzt: vun de Patronë vun de Betriber, vun de Patronë vun den Assurancen, oder vun de Salariéën? Mat Sécherheet profitéieren heivun-ner weder déi kommend nach déi aktuell Generationen vu Salariéën a Rentner!

Ech fannen, dat hei ass eng eesäiteg, eng heimtückesch, eng radikal Géigereform géint alles dat, wat eise Sozialsystem bis elo duergestallt huet. A wien heifir stëmmt, dréit natierlech d'Verantwortung derfir.

► **M. le Président.**- Här Urbany, kommt wann ech gelift elo zum Schluss!

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Wien dergéint stëmmt, well et him nach net wäit genuch geet, esou wéi d'Patronë jo och soen, deen dréit och d'Verantwortung. An ech fannen et bedauerlech, dass hei eng ganz politesch Klass, mat e puer Ausnahmen, sech géint d'Gewerkschaften alleguerten - do si se sech alleguerten eens hei - dréit, andeems se déi Reform hei duerschetzt. Ech fannen dat eng ganz bedauerlech Situatioun, och fir d'Demokratie zu Lëtzebuerg!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Als nächsten a leschte Riedner ass den Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'Éischt wëll ech gär Merci soen der Rapportrice fir de Rapport, dee si hei gemaach huet an engem gudden öffentlechen Exposé, wou se am Detail erkläert huet, ëm wat et hei an dëser Pensiounsreform geet.

Virun engem gudder Mount, do huet e franséische Professor fir Soziologie, deen ewell op der Universiteit hei zu Lëtzebuerg schafft, och en öffentlechen Exposé gehalten, dee ganz interessant war, well en hat als Sujet „Solidaritéit tëschent de Generationen“.

Eppes, mat deem hie sech jorelaang a senger Fuerschung auserneegeat huet a wou e virun allem gekuckt huet d'Relationen tëschent deene jonke Generationen an hiren, oder d'Kannergeneration an hirer Elterengeneration. An do ass en dann, ënner anerem, zur Konklusion komm, dass amgang ass - an dat net nëmmen am Ausland, mä och hei zu Lëtzebuerg -, eng „génération sacrifiée“, wéi hien dat nennt, also eng verluere Generation ze entstoen.

Wat charakteriséiert, wat versteet hien ënner esou enger Generation?

Datt eben dës Generation, am Ennerscheed vun deene Generationen vu virun, net wäert hiert Liewe progressiv, duerch de ganze Liewensalter duerch verbesseren. Schold dorunner sinn dacks keng gutt oder guer keng Ausbildung méi, doduerch och net méi d'Chance fir eng Aarbechtsplaz ze kréien, a wann, da just eng ganz prekär Aarbechtsplaz.

Da geréit een an d'Situatioun natierlech, dass mer net kënnen eng eege Wunneng eis leeschte respektiv, wa mir eis dat nach kënne leeschten, da musse mer eis héich verschëlden, bis dacks och an d'Pensioun eran. A wann een do ukënn an der Pensioun, kann een emol net méi hoffen op deeselwechten Niveau vu Pensiounen wéi haut.

Dat Ganzt ass eben eng Mëschung, déi risquéiert, de Generationekontrakt kënnen dach enges Dags futti ze maachen. Wéi sou?

Ma well eben d'Solidaritéit tëschent de Generationen nëmmen dann och ka funktionnéieren, wann eben - wéi ech virdu gesot hunn a wéi de Professor dat ënnersträicht - eng Generation op de Progrès kann opbauen, deen déi aner Generationen eben opgebaut huet. An dat ass eben amgang hei net méi ze geschéien!

Haut hu mer nämlech dann eng jonk Generation, déi am Verglach zu hiren Elteren, materiell gesinn, zwar eng besser Kandheet hat, mä déi awer riskéiert herno, wa se an den Erwuesenenalter kënn, dass et hir eben net méi esou gutt wäert goen, an da schwätze mer nach guer net vum Liewenswond.

Duerfir hu mir also dat heite Bild:

Op där enger Säit déi Elterengeneration - dat ass hei scho virun an gesot ginn, déi bekannt ass och als Babyboom-Generation -, déi no dem Zweete Weltkrich gebuer ass an deene vläicht als Kand hiert Liewen net op deemselwechten Niveau war wéi dat vun hire Kanner herno, materiell gesinn, mä deenen hiert Liewe sech awer progressiv bis an den Alter era verbessert huet a verbessere wäert. An op där anerer Säit hu mer eng Kannergeneration, déi eben am Ufank vläicht besser dosteet par rapport zu hiren Elteren, mä déi awer riskéiert, herno méi schlecht dozestoen.

Bon, wat huet dat elo alles mat eise Pensiounssystem hei ze dinn? Et kann ee sech elo déi Fro stellen.

Ech géif mengen, ganz vill, wann net souguer alles, well mir hu jo e Pensiounssystem, deen op der Repartitioun, op der Redistributioun vun deem, wat erakënn, ebe baséiert. An dat ass eben haaptsächlech baséiert op der Solidaritéit tëschent de Generationen.

Wa mir un esou engem Modell wëlle festhalen - an dat wëlle mir jo gär maachen, dat ass dee richtige Choix -, da muss een awer och derfir suergen, dass déi Solidaritéit hei garantéiert ass.

Dann ass et och d'Fro: Gëtt se dann och wirklech, déi Solidaritéit, hei garantéiert? Gëtt derfir gesuergt, dass déi nächst Generationen vun Aktiven, déi vun haut an déi vu muer, net ze vill belascht ginn, net ze vill héich Sacrificen elo musse maachen, eng ze vill héich Schold musse op hire Schëlleren droen? Fir op déi dote Fro mat „Jo“ ze äntwerten, ass net esou evident. An et ass och eng Fro, déi sech ganz vill Leit dobause stellen, a gleefft mer, och vill méi Jonker, wéi dat dacks heiansdo heibanne gemengt gëtt.

Et muss een awer där heite Pensioun (veuillez lire: Pensiounsreform) zegutthalen, dass et zënter Laangem eng Pensiounsreform ass, déi net zu weidere Verbesserung wäert féieren. Et kann een nëmme soen: endlech! Well et gëtt jo hei och scho laang, jorelaang iwwert déi Rente-mauer geschwat. Dat war also och scho virun enger ganzer Zäit gewosst, dass dat op eis géif duerkommen, och virun zéng Joer.

Den Här Braz, deen hat dat jo virun hei, menger Meenung no, och richtig gesot, wéi e gesot huet, 2002, scho beim Rentendéisch war deemools gewosst, wéi mer déi Leeschtungen erhöicht hunn, wéi mer d'Pensiounen am Privaten zesummegefouert hu mat deenen Öffentlechen, dass do géif awer och domadder eng Schold entstoen, déi déi zukünfteg Generatione wäert staark belaschten.

An et ass, menger Meenung no, och net richtig, wéi den Här Wagner dat hei duergestallt huet, ze soen, dass konnt een deemools net virausgesinn, well een déi Kris, déi Wirtschaftskris net konnt virausgesinn.

Dach, wann een deemools dass op 1,85 Majoration proportionnelle gehuewen huet, da wosst een, dass, wann een dat gär wëllt assuréieren, da muss ee genuch Leit hunn, fir dat kënnen och ze finanzéieren. An da geet et och laang net méi duer mat deem 700.000-Awunner-Stat, vun deem ëmmer geschwat ginn ass - hei sinn déi Zuele jo virdu scho gesot gi vun 1.000.000, vun 3.000.000, hypothetesch gesinn -, wann näischt géif geschéien.

Virun allem sinn et och deemools kritesch Stëmme ginn, déi do virdu gewarnt hunn, fir dass do alles ze maachen. Quitte dass et vläicht aus deem Bléckwénkel vun deemools richtig war, dat beienene ze féieren, mä et ass awer eng Schold domadder entstane, déi ee muss herno iergendwann eng Kéier bezuelen, wann

een dat Ganzt gär wëllt... un dem Rentenniveau wëllt festhalen, dass 1:1 soll opgoen.

Dat war de Statsrot, deen huet ganz kloer a sengem Avis deemools gesot gehat, e géif hofen, dass net enges Dags misst eng Regierung kommen, déi da misst Coupurë maachen am System, fir kënnen de System nach ze garantéieren.

Elo si mer dann zéng Joer méi spéit an elo si mer an der Situatioun, dass mer wierklech eng historesch Wirtschaftskris erliewen, an dass och elo endlech erkannt gëtt, dass mer mussen eppes maachen, fir ze verhënnern, dass en Defizit an der Pensiounskeess wäert entstoen, a fir kënnen nach dee Prinzip vun der Generationenegerechtgkeet ze garantéieren.

Et gëtt dann elo gesot, mir kënnen dat jo maachen, an aller Rou, well mer eng ganz grouss Reserv hunn. Dat ass net falsch, mä et ass och net ganz richtig, well et ass nëmmen da richtig, wann een och déi néideg Mesuren, Begleetsuren hält, well soss, mat de Reserve wësse mer, wéi et ka goen.

Mir haten och a gudden Zäiten, Wirtschaftszäiten hu mer Sue geholl an a Fongen investéiert, mat deene mer konnten d'Politik jo da konkret gestalten an deene Joren, wou et gutt gaangen ass. A mir konnten och domadder am Ufank vun der Kris eng antizyklesch Politik maachen. Mir hunn awer gesinn, wéi séier dass déi Reserven och do kënne kleng ginn a wéi séier mer do kënnen an eng Situatioun komme vun engem Defizit. An dat Schicksal riskéiert och eng Kéier d'Pensiounskeess ze erwaarden, wa mir net eppes maachen!

Duerfir wëllt dann elo d'Regierung eppes maachen a si schléit dann déi Mesuren hei vir, déi en long et en large hei virdu jo schonn diskutéiert gi sinn. Ech wëllt awer och gären e puer Wierder zu deene wichtigste Mesurë soen, an do virun allem zu där Measure phare, déi jo da seet: Mir passen de System elo hei un, un eben déi méi laang Espérance de vie. Mir wäerten an Zukunft méi laang kënne liewen, also muss een och kënne méi laang schaffe goen. Dat ass richtig!

Mir haten awer och schonn, an d'Madame Mergen huet dat virdu schonn hei ugeschwat op der Tribün, dass et awer nëmmen dräi Joer sinn, déi mer méi laang schaffe ginn, an et gëtt awer sechs bis siwe Joer laang an der Moyenne méi laang gelieft, also sinn déi net komplett couvréiert.

Mä dass ass emol nach net deen zentralen, dee kruziale Punkt oder d'Fro, déi ee sech muss stellen, mä et ass éischter, ob mer iwwerhaapt och kënne méi laang schaffe goen. An ech schwätzen emol net vun deenen, déi da wirklech gesondheetlech um Enn sinn, mä och vun deem ganz normale Salarié. Kann deen an Zukunft da wirklech dräi Joer méi laang schaffe goen? Well nëmmen da kann e jo déi Pensioun behalen, déi haut eben do sinn, deen Niveau. Mécht en dat net, kann en dat net, muss e sech mat manner zefridde ginn.

Do hätt ech mer op jidde Fall, a vill Jonker virun allem och, gär gewünscht, dass gläichzäiteg mam Dépôt vun der Pensiounsreform och schonn déi Mesuren déposéiert gi wieren, fir kënnen dass ze erméiglechen, wou ee ganz kloer seet: Hei, domadder kënne mir assuréieren, an Zukunft méi laang schaffen ze goen.

Elo kann ee sech do inspiréiere jo u ville Betriber, wou dat hautdesdaags scho méiglech ass - dat ass och schonn ugeschwat ginn -, wou ee scho ka méi flexibel Aarbechtszäiten, herno, wann ee méi al gëtt, an Usproch huelen, fir déi Transitioun tëschent dem aktiven Alter an dem net aktiven Alter ebe méi gönschteg ze maachen.

Dat alles läit awer net do. Et gëtt awer versprochen, dass géif elo komme mat engem Pak eben, fir Mesurë fir déi eeler Salariéen, well mer eis jo awer och bewosst sinn - maache mer eis näischt vir! -, grad elo a wirtschaftlech schwéieren Zäite sinn et dacks déi Éischt, déi eeler Salariéen an déi jonk, déi virun d'Dier gesat ginn oder awer déi gesot kréien: „Hei, huel d'Prétraite, an da maache mer Plaz fir anerer, da kënne mer Käschte spueren.“ Well se dacks just als e Käschtepunkt gesi ginn, an net och als Potenzial, mat hirem Wëssen, wat se sech jo déi Joren ugëeignet hunn.

Dat ass ee kruziale Punkt, op dee mer awer mussen also eng Äntwert fannen, well dat ebe ganz einfach vun der Héicht vun der Pensioun ofhänkt, déi ech an Zukunft da soll kréien.

Bon, déi Leit, déi awer elo net wëlle gäre méi laang schaffe goen oder déi net méi laang kënne schaffen, déi muss sech dann an Zukunft just nach mat 1,60 Majoration proportionnelle zefridde ginn, am Plaz vun elo 1,85.



Mä dat geschitt awer net vun haut op muer an dat zielt och net fir jiddwereen, well fir d'Éischt emol gëllt dëse Projet, wann en ab dem 1. Januar 2013 a Kraaft trëtt, fir déi, déi duerno wäerten an d'Pensioun goen, dat heescht, déi Leit, déi dann elo scho schaffen an an Zukunft wäerten an d'Pensioun goen. Oder respektiv déi dann eréischt ufänke mat schaffen an an d'Pensioun wäerte goen, fir déi wäert et da voll wierken, mä fir déijéineg, déi elo an der Pensioun sinn, gëllt et net.

Dat heescht, mir maachen hei awer en historesche Schnëtt, wou mer u sech zwou Kategorien awer vu Pensionéierte wäerte schafen: déi, déi virun deem Datum an d'Pensioun gaange sinn, an déi, déi duerno an d'Pensioun wäerte goen.

Dat kann ee maachen. Et kann een dat och rechtfertegen, andeems een hiweist op Droit-acquis, obwuel et do awer eng administrativ Jurisprudenz gëtt, déi kloer seet, „qu'il n'y a en effet pas d'acquis au maintien d'une réglementation ou législation existante“. Ech wëll net elo hei déi Fro diskutéieren, ob dat elo richteg ass oder net, mä Fakt ass awer, datt hei en historesche Schnëtt gemaach gëtt an datt dat och ferm un der Gerechtheet tëschent de Generatiounen resëlt.

Mä domadder awer och nach net genuch, well och, wa mer eben, wéi ech gesot hunn, vum 1. Januar 2013 un dat voll elo spille loosse, wierkt et awer eréischt fir deen, deen 2052 an d'Pensioun geet, eréischt dee wäert da voll 1,60 kréien. Bis dohinner geet dat lues a lues erof. Dat heescht also och, datt zum Beispill 2020 een nach ëmmer 1,80 kritt, 2030 nach ëmmer 1,74, dann heescht dat och logescherweis, datt mer also nach während enger ganzer Zäit vu Joren héich Dépenses am System hunn an datt domadder och net onbedéngt déi Reserve wäerte méi grouss ginn.

En plus riskéiere mer - dat ass hei elo schonn e puermol ugeschwat ginn - och nach, während därselwechter Zäit komplett niewent de Prämissen ze leien, op deenen dee Projet hei baséiert, nämlech déi berühmten 3% Wuesstum, déi solle generéiert ginn duerch all Joers 1,5% vu Produktivitätssteigerung an 1,5% Kreatioun vum Emploi.

Sécher ass awer elo schonn, datt mer déi lescht fënnef Joer niewent dëse Prämissen hei louchen an dat och fir déi nächst Joren net gutt ausgesäit, well déi lescht Joren hate mer kee Wuesstum a fir déi nächst Joren, wann, dann iwwerhaupt e ganz, ganz klengen, net dee gewinnnten, dee mer soss kannt hunn.

Bon, de Minister seet dann dozou, datt et jo awer am Projet Mechanisme gëtt, déi kënnen erlaben, sech der Wirklecheit, der wirtschaftlecher Entwécklung an der Lounentwécklung unzepassen, Korrekturmechanismen. A wann déi Prime de répartition ebe géif negativ ginn, do ass virun allem dann déi automatesch Of-schafung vun der Allocation de fin d'année, mä och dee Facteur de modération, dee soll agefouert ginn, wat de Réajustement betrëfft.

Heizou muss een awer trotzdeem soen, datt deen net automatesch ass. Dee Facteur modérateur vum Réajustement ass net automatesch. E gëtt zwar kalkuléiert, well iwwer eng Period d'Couverture gekuckt gëtt, mä e spillt awer net automatesch. Dat ass eng politesch Décisioun, ob een dee soll uwennen oder net. Do muss ee Gesetzesprojet gemaach ginn. Also hänkt et vu politeschen Décisiounen a Konstellatiounen of, ob mer dee spille loosse oder net. E gëtt net automatesch déclenchéiert.

A wa mer dann en plus nach an Aussicht stellen, datt Cotisationserhéijunge solle gemaach ginn, da wäert en erëm neutraliséiert ginn, well dann ass jo erëm déi Prime de répartition pure an hirem Solde, an da wäert do guer kee Réajustement kommen. Mä bei der Cotisationserhéijung gi mer dann awer erëm weider Ressourcen aus der Wirtschaft erauszéien, wat net gutt ass fir d'Kompetitivitéit vun de Betriber, wat net gutt ass fir d'Kafkraaft. Also wäerte mer och eng negativ Auswierkung hunn op déi wirtschaftlech Entwécklung, wat dann erëm derzou féiere wäert, datt mer kënnen déi Prämissen net erfüllen an esou sech d'Kaz hei an de Schwanz bäisst.

Duerfir wär et wichteg gewiescht, datt awer alternativ Zeeenarij presentéiert gi wären, fir ze kucken, wat geschitt, wa mer net dee Wirtschaftswuesstum do géife kréien. An zweetens wär et och gutt gewiescht, och driwwer nozedanken, an deem Projet awer een automateschen Déclencheur ze hunn, deen inhärent ass zum Projet, dann, wann d'Prime de répartition pure negativ ass.

Sou bleift dann awer, Här President, datt mer hei eis an ech mir selwer vill Froe stellen an och ganz skeptesch bleiwen, datt mer mat dësem Projet dee finanziellen Équilibre wäerten an de Pensiounskeese fir déi nächst Jorzéngten am Sënn vun der Generatiounegerechtheet kënnen garantéieren.

Elo kéint ee jo da mengen, datt aus all deenen Iwwerleeungen eraus ech dann zu dësem Projet hei géif Nee stëmmen. Ech hu jo schonn hei zwei Kolleegen, den Här Wagner, den Här Braz, déi mer gesot hunn, ech géif dann Nee stëmmen,...

(Interruptions)

Ech fannen dat... Ech fannen dat...

(Interruptions)

...ganz witzeg, datt Consignes...

► **M. le Président.**- Lauschtert emol dem Här Wilmes no!

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Ech fannen dat ganz witzeg, datt hei Consigne-de-voté kommen. Dat ass awer kee Problem, well ech wäert ab elo och lech da Consigne-de-voté ginn, wéi Der sollt stëmmen.

Ech mengen, och wann ech dee jéngsten Députéierte sinn, sinn ech awer grouss an al genuch, fir ze wëssen, wéi ech selwer hei stëmmen. Ech brauch hei kee Porte-parole.

Ech fannen dat awer och ganz interessant trotzdeem, datt den Här Wagner zum Beispill mäin Artikel gelies huet am „Wort“. Dat weist nämlech, datt en net nëmmen den „Journal“ liest. Mä dat ass och keng DP-Zeitung méi eleng, an duerfir ass et och normal, datt e vläicht op aner Zeitunge muss auswäichen.

Ech kann awer nëmme soen, wann en hei seet, ech wär Opportunist, da schléisst e sech domadder selwer an an och all déi aner, déi hei geschwat hunn, well schliesslech huet een hei keen héieren, deen net souwuel gesot huet: „Et si Punkten dran, déi mer ganz gutt gefalen, an et si Punkten dran, déi mer net esou gutt gefalen.“

Ech maachen dat hei och. Ech hunn hei Punkten dran, déi mer zouschwätzen an déi mer net zouschwätzen. Just, et steet jiddwerengem selwer fräi, als Députéierte bei sech zu Chouer ze goen a seng Konklusiounen doraus ze zéien. Déi Fräiheet loosse ech lech, déi Fräiheet hätt ech och gäre fir mech.

An ech soen lech ganz kloer, aus zwee Grënn, firwat datt ech deen heite Projet awer stëmmen. Dat ass nämlech den éischten,...

(Interruptions diverses)

...et kann ee jo net selwer - an dat huet och eppes mat Kohärenz ze dinn, mat perséinlecher Kohärenz ze dinn -, et kann ee jo net déi ganzen Zäit dobaussen ëmmer no Reforme jäizen, wéi ech dat dacks maachen, an dann, wann eng Reform doläit, se net ze considéieren, och wa se kritesch ass.

An zweetens: Ëmmer nach besser, hei eng Reform ze maachen, wéi keng Reform ze maachen, well et ass awer déi éischt Reform, déi net wäert zu Erhéijunge féieren, an dat ass fir mech awer derväert, fir hei mäi Jo, wann och e kritesche Jo ze ginn, ze maachen.

Et ass kee vläicht aus Iwwerzeegung, mä et ass e rationell bedéngte Jo, deen op enger realistischer Approche ebe baséiert.

Ech weess eben, datt een och heiansdo muss Kompromësser agoen,...

► **Une voix.**- Voilà!

(Interruption)

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- ...well, wann een d'Mentalitéit gäre wëllt wiesselen, geet dat net vun haut op muer, och wann een a sengem jugendlechen Enthusiasmus dat gäre méi séier hätt. Do brauch een e bëssen Zäit derfir.

Ech géif awer an engems mat ze bedenke ginn, wéi et mat de Kompromësser ass: Déi si gutt fir eng Zäitchen, mä eben nëmme fir eng Zäitchen. Iergendwann eng Kéier muss ee kënnen méi definitiv Léisungen och fannen. An do géif ech et dann zum Schluss mat engem amerikaneschen Auteur halen, deen dat eng Kéier ganz gutt résuméiert huet an dee gesot huet: „E Kompromëss ass e gudde Prabbeli, mä et ass ee schlechten Daach iwwert dem Kapp.“

► **Une voix.**- Jo!

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- E mécht Sënn fir eng Zäitchen, en ass verstänneg an der Parteipolitik, mä en ass bal ni verstänneg an der Féierung vun engem Land.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wilmes. Elo kritt d'Wuert de Gesondheetsminister, Mi-

nister fir d'Sécurité sociale, den Här Mars Di Bartolomeo.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- De Jong muss nach méi al ginn, e muss nach wuessen.

(Interruptions diverses et hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'Debatt vun haut de Mëtteg, wou mat där enger oder aner Ausnahm keen drun zweifelt, dass mer eng Pensiounsreform brauchen, elo eng Pensiounsreform brauchen, an net eréischt an zéng, 20 oder an 30 Joer.

Déi Diskussiounen, déi mer an deene leschte Jore gefouert hunn, vill Diskussiounen, déi mer gefouert hunn, net hannert zouenen Dieren, mä breet öffentlech, och an dëser Chamber, hunn also eng Sensibiliséierung hei bei eis, awer och dobausse bewierkt. Déi Sensibiliséierung war noutwendeg, well Dir kënnt lech erënneren, bal genee virun zéng Joer stoung mäi Virgänger op dëser Tribün an huet eng Reform gemaach, wou en haut gesot huet, dat wär d'Léisung gewiescht.

Dat war d'Léisung net, dat ass en zousätzleche Problem ginn,...

(Interruption)

...och wann ee seet, dass eenzel Elementer vun där Reform mat dem noutwendige Réckbléck an der Rei waren, mä awer de Gros de Pensiounssystem an de Budget ëm ëmgerechent op ee Coup 10% méi belaauscht huet an derzou gefouert huet, dass an deene Joren duerno iwwer eng Rei vu Joren d'Reservebildung halbéiert ginn ass. Eng Reform, déi gemaach ginn ass zu engem Zäitpunkt, wou an der Relatioun zu haut de Pensiounssystem manner gutt dru war wéi haut, an déi Froen, déi sech haut stellen, mat därselwechter Schäerft konnte gesi gi wéi haut.

All déi Chiffere louchen um Dësch, all déi Extrapolatiounen louchen um Dësch, an duerfir, mengen ech, ass et vun der Säit vun engem Députéierten, dee virun zéng Joer d'Situatioun net onbedéngt realistesch ageschat huet, sécher net ubruecht, fir engem jonke Kolleeg, deen eng nuancéiert Positioun anhëlt, e Reproche ze maachen.

Et soll een, mengen ech, méi bescheide sinn, wann ee virun zéng Joer just de Contraire...

(Interruptions et hilarité)

...just de Contraire...

(Interruptions et brouhaha)

► **Une voix.**- Do sidd Dir Weltmeeschter dran, an der Bescheidenheet! Eijeijeije!

► **Une autre voix.**- Mea culpa, mea culpa, mea culpa!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Majo, da sinn ech a gudder Gesellschaft,...

► **Une voix.**- Voilà!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Da sinn ech a ganz gudder Gesellschaft, well ech mengen, déi ganz Chamber, déi haut zu engem gudden Deel dann e Paradigmewissel mat begleet, war därselwechter Meenung. Mä ech hu virdrun an engem Zwëscheruff gesot, dat ännert awer näischt dorun, dass de jeeweilege Sozialminister eigentlech de Chef vun deem Ganzen ass an et eigentlech da besser misst wësse wéi all déi aner, déi op de Knäppchen drécken. Dat mengen ech emol esou kënnen ze gesinn.

(Interruption)

Ech sinn also frou, dass de Mëtteg et net zu enger Aussenanersetzung iwwert d'Noutwendegkeet vun der Reform komm ass, mä iwwer Nuancen, déi an der Reform enthalen sinn oder net enthalen sinn.

An et ass jo e bësse cocasse, wann een d'Evolution vun där Reform hei gesäit, dass et eng Reform ass, déi am wahrsten Sinne des Wortes polariséiert, well d'Positiounen fanne mer op deene verschiddene Pölen erëm. Deenen enge geet se ze wäit, deenen anere geet se net wäit genuch. Fir déi eng ass et e massiven Ofbau, fir déi aner ass et eng Reförmchen. Fir déi eng si mer ze pessimistes, fir déi aner si mer ze optimistes.

Widderspréch gëtt et dann och an de Propositionen. Déi eng, déi sinn eesäiteg fir Cotisationserhéijungen oder fir zousätzlech Mëttele, déi aner Säit ass fir méi e massiven Ofbau vun de Leeschtungen. Dir gesitt also, et ass eng polariséierend Diskussioun.

An d'Propositionen fanne sech och op deene verschiddene Pölen erëm, a fir de Lien tëschent deene Pölen ze maachen, dat ass net esou evi-

dent. Mä mir hunn dat awer probéiert, well mer aus deene méi exzentresche Propositionen an Analyse probéiert hunn, eng méi oder manner konsensuell Äntwert ze ginn op déi Problemer, déi sech stellen.

Mir hunn alleguer déi Proposen ofgewien a mir hu probéiert, e gudden Équilibre ze fannen, e gudde Mix, wou jiddweree mat upaakt, well et hat ëmmer jiddwereen Äntwerten, déi dorop erausgaange sinn, dass deen aneren upaakt, awer net deen een, dass déi Generatioun upaakt an net déi aner Generatioun, dass ee bei de Leeschtungen schneit oder dass ee bei de Cotisationen eppes mécht. Mä déi Brécken tëschent deene verschiddene Propositionen, déi hunn net existéiert. Déi hu mir misse bauen. A mir hunn et, mengen ech, fäerdegbruecht, fir déi Brécken ze bauen.

Wann een dann nach weess, dass eenzelner vun eisen Interlocuteurs en Agenda B haten, deen drop erausgelaf ass, fir sech vun dësem System, dee gedroen ass heibannen an der Chamber wäitgehend, an och dobaussen, ewechzekommen zu engem Kapitaliséierungssystem!

Déi Stëmmen, déi dat verlaangt hunn, déi sinn no 2008 méi douce ginn, well se gesinn hunn, dass esou Kapitaliséierungssystemer ganz séier an enger Blok kënnen verschwannen. An dat hu mer kënnen beobachten an enger Rei vu Länner. Mä deen Agenda B war do! Den öffentleche System schwächen, fir dann ze soen, ah, elo sprangen anerer an d'Plaz, net mat deem gemeinnützege Hannergrond, mä mam Hannergrond, fir kënnen mam Pensiounssystem Geld ze verdéngen. Dat hu mer net gemaach!

An, Här Urbany, ech wëll lech dat awer emol soen...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dir maacht genau dat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech wëll lech awer dat emol soen. Déi Eenzeg, déi an der Diskussioun fir Zousazversicherung plädéiert hunn, dat sinn net d'Patronen. Dat sinn net d'Patronen! Dat ass vun der Gewerkschaftssäit komm. Ech fannen, dass dat och keng schlecht Iddi ass. Mä maacht dach net esou, wéi wann dat vum Himmel erofgefall wär, well dat eng Grausamkeet vum Kapital wär!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech ka mer net...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- D'Salariatsverrieder hu gefrot, fir eng öffentlech Zousazversicherung ze maachen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech hunn net dovu geschwat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, voilà, da maacht net esou, wéi wann dat eng Grujelegkeet wär, déi vun der Politik erfongt gi wär! Dat ass eppes, wat vun de Kolleegen vun de Syndikater proposéiert ginn ass a wat ech och senséiert fannen. Wat ech och senséiert fannen!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Gëtt deen dann öffentlech géréiert, deen Zousazsystem?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dat ass jo schliesslech d'Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...der Madame Rapportrice Merci soe fir déi exzellente Duerstellung...

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Ah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...fir déi exzellente Duerstellung vun der Problematik, wat mir erlaabt, méi kuerz ze sinn iwwert den eigentlechen Inhalt vun der Reform. Dat huet si ganz kloer erausgestrach. An dat hunn och déi verschidde Riedner ganz exzellent gemaach, well se zum Deel drop higewisen hunn, wat hinnen un där Reform gefällt, an och erausgestrach hunn, wat hinnen net esou gutt gefällt. Domat hu se den Inhalt vun der Reform gutt charakteriséiert.

De System, an dat ass ganz kloer, charakteriséiert sech duerch exzellente Leeschtungen. Bis zu 100% vum Duerchschnëttsloun iwwert déi gesamt Berufscarrière bei klenger Revenuen. Niddreg Bäitrag, ass gesot ginn, zënter bal 40 Joer onverännert. Onverännert muss een awer och relativéieren.

A Richtung vun deenen, déi soen, mir misste jo elo nëmme Cotisationserhéijunge maachen: Ech wëll lech soen, dass mer iwwer annerhaleft Jorzéngt - méi souguer - méi héich Bäitrag ageholl hunn, wéi mer der gebraucht hätten, well et e Konsens hei ginn ass tëschent allen dräi Träger vun deem Pensiounssystem. Wann dat



nämlech net de Fall gewiescht wär, wa mer d'Gesetz à la lettre applizéiert hätten, esou wéi dat de Moment am Däitschland diskutéiert gëtt, wann e gewëssenen Iwwerschoss do ass, dass een d'Bäiträg géif senken, dann hätte mer déi Reserven net. Dann hätte mer déi Reserven net! Mä et ass e Konsens do gewiescht, fir zwëschenzäitlech 5% méi Bäiträg opzehiewen, wéi mer der gebraucht hätten.

Ee Moment war d'Prime de répartition pure bei 19%. Haut - wëll ech lech awer soen - ass se net méi bei 19%, mä ass se no bei 22% oder 21,5%. Dat heescht also, et beweegt sech lues no uewen. An den Delta tëschent de Recetten iwwert d'Bäiträg vun deenen dräi Parteien an den Dépense gëtt méi kleng. Dass eis Reservebildung nach ëmmer gutt ass, ass op e gudden Rendement vum Fonds de compensation zrëckzeféieren, deen och am leschte Joer, a mir wäerten dat deemnächst gesinn, exzellent Resultater gemaach huet.

Déi exzellent Leeschtunge sinn dorop zrëckzeféieren, dass mer eng Explosioun vun den Aktiven haten an d'Zuel vun de Pensionéierte relativ lues evoluéiert huet.

Bon, d'Reserven, dee leschte Stand, 12,2 Milliarden, 3,75-mol d'Joresausgaben. Do beneiden eis all déi aner Länner drëm. An doduerch ass jo eise System net nëmme méi en Émlageverfahren, mä et ass en Émlageverfahe plus. Émlageverfahren ass vun der Hand an de Mond eigentlech. An der Gesondheet si mer a méi engem puren Émlageverfahren. D'Cotisatione vun engem Joer gi geholl fir d'Ausgabe vun engem Joer. Hei si mer an engem Émlageverfahe plus. Et ass ee Kapitaliséierungspiller, deen net individuell ass, mä fir d'ganz Communautéit vun den Assuréeen a vun de Pensionéierte genotzt gëtt.

A wann een dann de Bilan zitt vun deem, wat eise Pensionssystem ausmécht, wéi e sech am Moment presentéiert, jo, da muss ee soen, et geet him haut net schlecht. An dat ass och dat, wat ech zënter Jore gesot hunn. Mä ech hunn ëmmer en zweete Saz derbäigesot. Ech hunn ëmmer derbäigesot, an dat gëtt ëmmer vergiess, deen zweeten Deel vum Saz, do schalt een normalerweis of: Wa mer gär hätten, dass en a gudder Gesondheet bleift, da musse mer eis drëm këmmen.

Déi eenzeg Divergenz, déi et tëschent dem Kolleeg Braz a mir gëtt, dat ass net, dass mer e Problem hunn an dass mer mussen dorop reagéieren. Den Här Braz huet ëmmer gesot: „Dir hutt net schnell genuch reagéiert.“

Mä ech soen lech awer, dass déi Method, déi mer gewielt hunn - laang Diskussiounen, laang Informatiounen, laang Sensibiliséierung -, derzou gefouert huet, dass mer e breede Konsens iwwert d'Analys haut hunn an dass et net zu deene grouse Massebeweegunge komm ass géint eng Pensiounsreform, mä d'Leit eigentlech, wann ee mat hinne schwätzt, haut soen: „Jo, et muss eppes geschéien.“ Mat der Nuance: „am léifsten net bei mir an am léifsten net direkt“. Mä d'Analys ass haut quasi identesch op alle Säiten, mat eenzelnen Ausnahmen.

A wann een dat gär hätt bei engem Pensiounssystem, dee ganz héich an der Opinion publique opgehaangen ass, da brauch een déi Diskussioun. An déi Joren, déi ee gebraucht huet, fir dat ze preparéieren, fir et duerschzediskutéieren, si keng verluere Joren, well d'Akzeptanz vill méi grouss ass, wéi dat jee hätt kënne sinn.

Mä d'Fro war: Eisem Pensionssystem, deem geet et jo haut gutt, firwat maache mer dann eng Reform?

Ech hunn ëmmer do, wann ech déi Fro gestallt kritt hunn, mat enger anerer Fro geäntwert. Nämlech: Firwat hu mer dann ee Pensionssystem, deen esou grousszüeg ass, mat niddrege Bäiträg an dee sech och nach de Luxus konnt erlaben, grouss Reserven unzeleeën? Majo, d'Äntwert ass ganz einfach: duerch e massiven Engagement vum Stat, duerch dat Jobwinner, wat mer erlieft hunn, duerch e luese Wuesstum (veuillez lire: Wuesstum vun der Zuel vun de Pensionéierten) an duerch Bäiträg, déi méi héich ware wéi dat, wat mer gebraucht hunn.

Dat ass d'Ursach, firwat dass mer haut aneschtens dosti wéi anerer. Wann een awer wëllt, dass dat esou bleift... Dat ass d'Ursach fir déi besonnesch... Just net nëmme, well mir sechsmol méi dichteg sinn, mä well mer iwwer Jorzéngte vun enger gudder Entwécklung profitéiert hunn. Wann déi fort wär, da wäre mer séier bei deenen aneren.

► **M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Wagner lech eng Fro stellt?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Majo, ech wollt awer herno eréischt op den Här Wagner kommen. Da kann den Här Wagner mer herno déi Fro stellen. Ech wollt mäi Rësonnement...

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Et hätt zwar elo an de Kontext gepasst.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dann... Neen, ech wär frou, wann... Wann ech mech mat lech auseruesetzen, da kënnt Der lech och mat mir ausenanesetzen.

Dat ass also d'Ursach dervun. An et kann een net dervun ausgoen, dass dat op ëmmer an éiweg garantéiert ass. Duerfir muss een esou agéieren, wéi wann dat net de Fall wär. An duerfir, dat ass d'Ursach, firwat dass mer deen Dossier haut upaken.

Et ass ganz vill vun deene Moossname geschwat ginn, déi am Projet elo geännert ginn. Et ass ganz weening driwwer geschwat ginn - dach, et ass gesot ginn: „Domat si mer d'accord an do sti mer hannendrun.“ -, wat mer ofsécheren. Well dat hei ass net e Rentenofbaugesetz. Et ass e Rentesecherungsgesetz an et ass e systemiséierend Gesetz. Mir sécheren de Solidaritéitsprinzip iwwert d'Émlageverfahren of. D'tripartite Finanzéierung séchere mer of. Duerfir hu mer gewarnt virun neie Finanzéierungssystemer.

Ech si ganz gär bereet, iwwer all nei gutt Idden, wat d'Finanzéierung ugeet, net nëmme Belaaschtung vun der Aarbecht, mä Belaaschtung vun aneren Elementer, ze schwätzen.

Mä bei der Pensiounsreform eng Proposition ze maachen, fir d'Cotisation ze ersetzen, ze ergänzen duerch eng Cotisation wéi mer se bei der Fleegeversicherung hunn, wär relativ riskant gewiescht, well déi éischte Kéier, wou mer hätte missen un d'Cotisatione goen, da wäre mer net un déi tripartite Cotisatione gaangen, mä mir wären un déi Cotisation gaangen, déi just um Assuré läit. Duerfir riskant. Les fausses bonnes idées. Et kann ee sech Gedanke maachen iwwer aner Pisten, mä déi hei wär riskant gewiescht.

An ech si ganz hellhöreg ginn, wéi ech déi positiv Reaktiounen vun Eenzelnen héieren hunn, wou ech se eigentlech net erwaart hätt. An dunn hunn ech erëm eng Kéier un den Agenda B geduecht. Och duerfir ass déi dote Pist, och wa se gutt geduecht war, an deem Moment net am Projet zrëckbehalen ginn.

D'Entréeskonditiounen ännere sech net mat där Nuance, Choix: méi laang schaffen oder eng Décote a Kaf huelen. Déi kleng Pensione gi wäitstehend geschützt iwwert d'Erhéijung vun der Grondrent, wou d'Propositione vu bausse komm sinn. A mir hunn d'Propositionen, déi vu bausse komm sinn, gelauschert an och zum Deel ugeholl. Opgrond vun där gudder Aarbecht an der Kommissioun hu mer d'Grondrent méi gehéicht, wéi et am urspréngleche Projet virgesi war; och d'Ersatzzeiten, d'Studienzeiten onverännert gelooss opgrond vun deene gudden Aarbechten, déi mer an der Kommissioun haten.

Och muss ee soen, an dat ass eng grouss Differenz tëschent anere Länner: Eis Pensione bleiwe weider indexéiert, sinn och weider... Den Ajustementssystem ass net a Fro gestallt, och wann ech herno drop kommen, dass en, wann et méi enk gëtt, nuancéiert gëtt.

D'Schichtaarbechter bleiwe geschützt. Déi hunn e spezielle Regime. Dat wäerte mer och ofsécheren.

An déi Leit, déi a Pension sinn, bleiwen net vun der Reform erspuert. Et ass weening haut driwwer diskutéiert ginn, dass den Ajustement 2013 ausfällt, an dass, wann et méi enk gëtt, also en Déséquilibre tëschent Recetten an Dépenses gëtt, den Ajustement nach eng Kéier ofgebremst gëtt an dass dann d'Allocation de fin d'année a Fro gestallt gëtt.

Déi Reform - an dat ass en zweete Volet - ass net eesäiteg. Et ass e gudden Mix. Jiddweree muss upaken. Si reagéiert op eng Rei vun Evidenzen. An ech huelen dee Reproche net un, dass mer hei an eng Glaskugel gekuckt hunn. Hei ka kee bestreiden, dass d'Zuel vun de Pensionéierten an deenen nächste Joren extrem staark wäert an d'Luucht goen.

An déi Leit, déi haut hei schaffen, vun deene wësse mer, dass se muer Pensionsempfänger sinn. Dat si keng, déi am Kaffissaz ronderëm-schwammen oder an enger Glaskugel ronderëmdanzen. Dat sinn der, déi mer kennen. Deenen hir Nimm kenne mer, deenen hiren Alter kenne mer. A mir wësse genee, wéini dass deenen hir Pensione kommen. Also muss een dervun ausgoen, dass déi och musse bezuelt ginn.

Also, déi Reform ass équilibréiert. Déi Aktiv pake mat un duerch déi Pension à la carte. Den Déplafonnement iwwregens - wëll ech just soen -, dat war och eng fausse bonne idée. Den Déplafonnement vun de Cotisatione wär net gutt gewiescht, well een, deen déplafonnéiert cotiséiert hätt, hätt och déplafonnéiert Leeschtunge kritt. An dat wär e Verloschtgeschäft fir d'Pensiounskeese ginn. Déi Pensionéiert pake mat un, hunn ech lech gesot.

Da komme mer op d'Wuesstumsperspektiven. Do gëtt dann déi ganzen Zäit esou gemaach, wéi wann déi Wuesstumsperspektive vun 3% oder 1,5% farfalu wären. Wann elo déi ganz Pensiounsreform, dee ganze Mechanismus géif gravitéiere ronderëm déi 3% oder 1,5% an eppes nëmme géif ausgeléist ginn, wann deen oder dee Wuesstum erreecht gëtt, da géif ech dat akzeptéieren. Mä déi Moossnamekopplung u Liewenserwaardung a Liewensarbeitszäit, déi wierkt direkt. Déi gëtt zwar progressiv opgebaut.

Ech wëll lech iwwregens soen, dass dat, wat mir maachen, op 40 Joer verdeelt dräi Joer, net méi schaarf ass wéi dat, wat d'ADR proposéiert. Hiert ee Joer géif méi séier wirken. An ee Mount d'Joer, dat heescht direkt ee Mount d'Joer, dat géif also méi schnell wirken. Bei eis verdeele sech déi dräi Joer op 40 Joer. An do kritt een och Evidenzen iwwert déi 40 Joer.

Ech wollt awer soen, dass et falsch ass, alles festzemaachen un deem Wuesstum, deen iwwregens net aus der Loft gegraff ass. Dee Wuesstum hu mer iwwert déi lescht 40 Joer méi wéi erreecht. An deene leschte 40, 30, 20, zéng Joer war de Wuesstum ëmmer méi grouss wéi déi 3%, an den Emploi ass méi wéi ëm déi 1,5% gewuess.

Iwwregens, an deem Joer, Krisejoer, wivill mengt Der, dass den Emploi nach gewuess ass? Net 0%, net 0,5%, net 1,5%, mä 2%! Mëten am Krisejoer! Mä dat nëmme niewebäi zu der Wuesstumsperspektiv. D'Wuesstumsperspektiv ass eng Schätzung, déi een zu engem gewëssene Moment gemaach huet. Wierksam gëtt de Projet awer net duerch Erreechen oder Neterreeche vun de Wuesstumsperspektiven, mä déi méi incisiv Moossname ginn ausgeléist doduerch, dass den Déséquilibre kënnt tëschent Recetten an Dépenses.

Wann et méi lues an der Wirtschaft geet, kënnt deen Déséquilibre éischer a wirken déi Moossnamen éischer. Geet et besser, da wirken déi Moossname méi lues. Dat heescht, et ass eng Flexibilitéit am Mechanismus dran, deen net festgezurt ass un deenen 3% oder 1,5%, mä um Équilibre oder Déséquilibre vum Regime.

Dat gëtt nach ëmmer net esou erkannt, mä dat ass awer esou. Dat ass esou. Déi éischte Kéier, wa mer elo während fënnf Joer op null oder Minuswuesstum oder Minuswuesstum beim Emploi wäeren, da wierkt dat doten extrem séier. Wa mer eis erkréien, wat jiddwereen hofft, mä awer kee weess, da geet et méi lues. Also, ganz staark nuancéiert.

Här President, wivill Minutte gitt Der mer nach?

► **M. le Président.**- Jo, Dir sidd scho längstens...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Mä et ass eng vun deene wichtegsten...

► **M. le Président.**- Ech si ganz fein haut mat lech. Da fuert nach e bësselche virun!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo.

► **M. le Président.**- Andeem Der awer de Schluss virun Aen hutt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- En huet zéng Minutten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo. Also, wann ech nach fënnf Minutten hunn, da ginn ech...

► **Une voix.**- Ooohhh!

► **M. le Président.**- Ech mengen esou... Kuckt, datt Der dat nach e bësselche méi kuerz maacht!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, de Projet därerf een och net eleng isoléiert gesinn. D'Madame Rapporteur huet dat gesot. Et ass een Deel vun engem Ensemble. De Reklassement kënnt. Den Aarbechtsminister an ech selwer sinn eis dee leschte Freideg iwwert d'Texter eens ginn. An dat gëtt ëm de Joreswiessel deponéiert.

De Projet - an dat sinn eng Rei vu Verbesserungen, déi d'Kollegee gewisen hunn - bréngt eng verbessert Kombinatioun vu Schaffen a Pension. Déi Kombinatioun, wann een no der Pension schaffe geet, gëtt däitlech verbessert.

De Projet bréngt Verbesserungen a Saache Weiderversécherung. Net d'Regel, mä awer eng Iwwerbréckung duerch déi 100-Euro-Regel, wat mer ganz kloer wäerte mat enger intensiver Campagne verbannen, fir jiddwereen ze encouragéieren, sech an all Liewenslage weider ze verséchere fir d'Pension. Et hält ee jo och net iergendwann am Liewen op, d'Feierversécherung ze bezuelen, nëmme well een eppes aneschtens am Liewe mécht. Et soll een och bei der Pension an alle Liewenslage fir seng Pension weider cotiséieren. A mir sinn amgaangen, déi Campagne ze preparéieren.

De Pacte de l'âge ass amgaangen, gutt fortzuschreiden. D'Diskussioun iwwer alternativ Finanzéierungsmodeller wäerte mer féieren. Mir wäerten net ophale mat där Diskussioun, wann déi Reform hei gestëmmt ass.

Ech wollt just ganz kuerz nach op déi puer Reprochen agoen, déi eis gemaach gi sinn.

Beim Här Wagner, mengen ech, hunn ech bal alles gesot. Ech hunn dat éischer als eng lëschteg Älag gesinn, wéi e gesot huet, dass déi lescht Rentereform eng Lösung gewiescht wär. Den Här Wagner huet och vergiess...

(**Interruption**)

Den Här Wagner huet och vergiess gehat, wat am Ofkommen vum Rentendéisch festgeschriwwen war, wéini dass een déi Moossname misst wäer a Fro stellen.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Neen, neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Do ass festgehalen, dass een déi Moossnamen a Fro misst stellen, wann d'Reserven ënner annerhallefmol d'Joresausgabe gesonke wäeren. Dat heescht also...

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Risquerait!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat heescht also an zéng, 15 oder 20 Joer. Et soll ee sech awer vläicht heiansdo drun erënneren, wat een...

► **M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Wagner lech elo déi Fro stellt?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo, selbstverständlech.

► **M. le Président.**- Här Wagner, da stellt Är Fro!

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här Minister, Dir misst awer trotzdem elo da bei der ganzer Wourecht bleiwen. Ech wollt iwwregens d'Zitatioun vum Rentendéisch bréngen, mä Dir wësst jo awer, ech hat leider net genuch Zäit. Mä am Rentendéisch steet ganz genau: «risquerait de tomber en dessous de 1,5%». Mir si scho laang elo an där Situatioun, wou mer riskéieren, drënner ze falen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ah voilà. Mir si bei Reservé vu véiermol d'Joresausgaben...

► **M. le Président.**- Här Minister, loosst awer vläicht den Här Wagner emol seng Fro stellen, an dann äntwert Der!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo, selbstverständlech.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Dir hutt jo awer virdru selwer gesot, Dir wiert frou a glécklech driwwer, dass hei jiddwereen d'Noutwendegkeet agesinn hätt, fir dass mer géife Korrektur virhuelen. Also widderschwätzt lech net selwer!

Ech wollt awer d'éinescht eng aner Fro stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Do kommen ech un lech ni erun, Här Wagner.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Ech wollt lech d'Fro stellen d'éinescht, wéi Der gesot hutt, firwat dass déi Reserven do wäeren. Mä hätt Der net éiere vergiess awer, fir ze soen, dass déi Kontributioun vum Stat op historesch Faiten zrëckzeféieren ass vun den 80er Joren, deemools, wéi de massiven Agrëff an d'Keese vun de Rente gemaach ginn ass?

Deemools eréischt ass de Stat mat där Reglung komm vun dräimol 8%. Deemools sinn d'Keesen nämlech vun de Rente geplëmmt ginn. An Dir wësst, dass dat am Intérêt vum Land war, fir deemools déi ganz Problematiken, déi mer haten, fir d'ARBED ze sanéieren.

Dofir, meng Fro ass dann un lech, Här Minister: Dir hutt dat jo awer net vergiess?

(**Hilarité**)

► **M. le Président.**- Här Minister, wann ech glift.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Neen! Mä ech sinn awer mat där Interpretatioun vum Här Wagner absolut net d'accord. An den 80er Joren, mat villen Diskussiounen, ass deen neie System opgebaut ginn. An dee System ass zolid ginn. Och wann een dat haut, jee nodeem, op wat fir enger Säit een do war, vill méi nuancéiert gesäit wéi deemools. Mä deemools hate mer Scholdschäiner, déi net vill wäert waren. An haut hu mer Reserven, déi do sinn. Déi do sinn! An ech fannen dat och eng ganz gutt Saach.

Här President, ech wär dem Här Wagner och ganz dankbar gewiescht, nodeems mir eis Iddie



virun zwee Joer schonn op den Dësch geluecht hunn, dass en e bësse méi explizit an de Propositione vu senger Partei gewiescht wär. Dat Eenzezt, wat mer wierklech opgefall ass, wat d'Divergenz ass, dat ass, dass d'DP direkt ersatzlos den Ajustement géif ofschafen. Direkt ersatzlos. An och direkt ersatzlos, trotz deem, wat se um Rentendësch ënnerschiwwen huet, ersatzlos direkt ab 1. Januar: d'Allocation de fin d'année ze sträichen.

Dat sinn déi zwou Haaptendifferenzen, déi ech gesinn. Wann ech gesinn, mat wat allem dass se d'accord ass, bon, da kann déi Rentereform net esou schlecht sinn. An ech wëll soen,...

(Interruption)

...ech war explizit net d'accord, dass een dat doten esou soll maachen, mä dass een eng Evidenz soll schafen iwwert d'Situatioun vun de Keesen.

Här President...

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir misst awer elo esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech kommen...

► **M. le Président.**- Dir sidd iwwer siwe Minutten...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech kommen zum Schluss, Här President. An ech soen lech och villmools Merci fir déi Toleranz bei awer engem vun deene wichtigste Projeten an dëser Legislaturperiod.

Ech wëll weider net op d'Iwwerleeunge vun Här Urbany agoen. Deen Negationismus an dee Reproche, deen en eis mécht,...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Et ass och besser, Dir gitt net drop an! Voilà.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...mir géifen an d'Glaskugel kucken, dee wëschen ech ewech, well déi Leit, déi wierklech op de Rentesystem kommen, hunn ech lech gesot, déi sinn haut schonn do.

► **M. le Président.**- Här Minister, den Här Urbany stellt lech nach eng Kéier gär eng Fro. Här Urbany, da stellt Är Fro!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här Minister, Dir moost lech un, fir d'Renten all Joren ze kierze während 40 Joer. Ech froe mech: Wou kënnt Dir wëssen, wat a 40 Joer ass? Huet déi Chamber, déi dann do ass, net méi e Recht, vläicht ze soen: „Amplaz dass mer elo d'Rente kierzen, et geet eiser Wirtschaft gutt, erhéije mer zum Beispill d'Recetten.“? Dir hutt en Automatismus agefouert, deen ass absolut eesäteg. Elo huet emol wann ech gelift dozou Stellung!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Firwat hutt Der en Automatismus, fir...? Ee Moment! Ech sinn nach net fäerdeg.

► **M. le Président.**- Da loosst den Här Urbany seng Fro fäerdeg stellen! Här Urbany, da stellt Är Fro!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Firwat hutt Der en Automatismus exklusiv bei den Dépensen, dat heescht bei de Rente vun de Leit agefouert, a keen Automatismus bei de Recetten? Wann ech gelift äntwert mer dorop!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, emol fir d'Éischt: Deen eenzegen Automatismus, deen dran ass - emol nach net Automatismus -, dat ass dee vun der Berücksichtigung vun der Evolutioun vun der Liewenszäit mat der Evolutioun vun der Liewensarbeitszäit.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dat ass net wouer!

► **M. le Président.**- Neen, Här Urbany, loosst elo den Här Minister schwätzen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Déi aner Elementer...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech hunn lech se dach opgezielt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- An ech mengen, Dir kennt de Parlamentarismus gutt genuch, dass eng Chamber jiddwer Zäit d'Gesetzer kann änneren. Do ass och net den Automatismus dra virgesinn.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Maja! Maja! Firwat maacht Der dann elo schonn d'Dispositionen dran? A 40 Joer!

► **M. le Président.**- Här Urbany, da loosst elo de Minister schwätzen!

► **Une voix.**- Allez! Allez!

(Hilarité)

► **Une autre voix.**- Oioioi.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Da loosst déi Chamberen och décidéieren! Dir décidéiert elo schonn.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, ech wollt soen, dass d'Chamber selbstverständlech ëmmer souverän bleift an och souverän kann décidéieren, wéini dass se Cotisationuserhéijunge mécht a wéini an awéiwäit dass se den Ajustement ofbremst. An deem Sënn ass et also net en Automatismus, wéi den Här Urbany en duerstellt.

Motion 1

Zum Schluss wollt ech zu der Motioun vun dem Här Gibéryen soen, dass dat eng legitim Fuerderung ass, mä dass déi Donnéeën disponibel sinn. D'IGSS verfügt doriwwer, a mir wäerten...

(Interruption)

...déi Donnéeën an der...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Do muss ech lech awer soen, elo sinn ech awer wierklech iwwerrascht.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Well ech hunn eng Question parlementaire vun Här Henckes gelies, déi ass beäntwert ginn, datt d'Donnéeën net...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, de Gros vun deenen Donnéeë fannt Der op Sait 49.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Wat huet dann deemools...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...Sait 49 am Gesetzesprojekt erëm...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Also, ech wëll lech just...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...Berechnunge sinn...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Da sot mer emol, wéi et méiglech ass, datt...

► **M. le Président.**- Hei, net alleguerten duerjerneen. Här Bausch, stellt elo Är Fro fäerdeg, an dann äntwert de Minister.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- ...op engem Deputéierte seng Fro hin, déi précisément dat do fret, d'Regierung äntwert, datt et déi Donnéeën net gëtt. An Dir sot, datt et se gëtt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, ech kann lech just soen, wat ech am Projet de loi gelies hunn. Dir kënnt dat noliesen op der Sait 49. A mir si bereet, fir déi doten Donnéeë jidderzäit an der Kommission op den Dësch ze leeën. Wa se net komplett genuch sinn, da wäerte mer se kompletéieren.

An duerfir sinn ech der Meenung, dass déi heite Motioun „considérant l'absence d'informations“ mat all deem Dénge superfétatoire ass a mir déi Donnéeën op den Dësch wäerte leeën.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gutt. Den Här Gibéryen zu der Motioun - huelen ech un.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlech, Här President. Ech si frou, dat dote vun Här Minister ze héieren. Mä déi Question parlementaire, déi mäi Kolleg Jacques-Yves Henckes gestallt huet...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech hunn déi net beäntwert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- De Minister vun der Fonction publique, deen ass jo awer zoustänneg fir deen Dossier, deen huet souguer geäntwert, et wier net méiglech, dat ze berechnen.

(Interruption)

A mir haten net méi spéit wéi d'lescht Woch...

(Hilarité)

Mir haten net méi spéit wéi d'lescht Woch eng Kommissionssitzung, wou d'Madame Minister präsent war, an déi huet nach eng Kéier confirméiert, et wier net méiglech, fir dat ze rechnen.

An do hu mer gesot,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, Här Här Gibéryen! Här Gibéryen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...dat kann dach net...

► **M. le Président.**- Här Minister, da loosst den Här Gibéryen elo emol ausschwätzen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat kann dach net sinn, dat kann dach net sinn, datt dat net méiglech ass, fir esou eppes ze rechnen, well et läit jo awer alles fest!

Duerfir géif ech mengen, Här Minister, wann Dir d'accord sidd, datt dat berechebar ass, an Dir sot, et wier scho souguer zum Deel do,...

(Hilarité)

...dann ass et jo awer kee Problem, fir déi Motioun hei unzuhuelen. Da si mer sécher, datt mer et kréien.

► **M. le Président.**- Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Mir brauchen déi Motioun net unzuhuelen, fir dass Der et kritt. All dat, wat mir hunn, leeë mir bei där nächster Geleeënheet, wou mer hunn - wann Der et wëllt, an deenen nächsten Deeg -, an der Kommission nidder. A mir ginn dat selbstverständlech och un d'Commission de la Fonction publique. Wa mer dann der Meenung sinn, dass dat net komplett ass...

► **Une voix.**- Neen, neen, neen, gitt dem Här Minister et!

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Wa mer dann der Meenung sinn, dass dat net komplett genuch ass, da liwwere mer no, an da maache mer dat zesumme mat der Fonction...

(Interruption)

...mat der Fonction publique. D'IGSS misst jo wëssen, iwwer wat fir eng Donnéeën dass se verfügt.

A kuckt op der Sait 49 am Projet, do fannt Der eng Rei vun Elementer!

► **M. le Président.**- Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President,...

► **M. le Président.**- Dir misst awer bal zum Schluss elo kommen. Ech mengen, de Minister...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech wollt scho laang ophalen.

► **M. le Président.**- ...huet eng Äntwert ginn.

(Hilarité et interruption)

Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Den Här Di Bartolomeo ass ëmmer frou, wann en nach e bëssen ënnerbrach gëtt zum Schluss.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Besonnesch vun lech.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, voilà. Ech géif mengen, Här President, mir gesi jo, wou dat heiten histeiert, datt déi Motioun net wäert ugeholl ginn. Ech géif da muer - oder de Kolleeg Henckes - déi Question parlementaire, déi mer dem Minister vun der Fonction publique gestallt hunn, dann nach eng Kéier un de Minister vun der Sécurité sociale stellen, am Fall, wou déi Motioun hei net ugeholl gëtt. An da sinn ech iwwerzeegt, datt mer bannent 14 Deeg alles um Dësch leien hunn.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Also, ech mengen, dass Dir mir net déi Question parlementaire braucht ze stellen. Ech hënnere lech awer net dodrun.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sécher ass sécher.

(Brouhaha général)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Mir wäerten derfir suergen, dass d'Kommissionen, d'Regierungsmitgliedern, d'Deputéierten déi Donnéeë kréien, déi mer hunn.

An deem Sënn, Här President, soen ech der Chamber en häerzleche Merci fir déi gutt an intensiv Aarbechten. An zum Projet wollt ech ofschléissend just soen, dass et dat ass, wat mer elo brauchen, an dass et e Projet ass, dee richtungsweisend ass, vläicht net fir déi nächst 500 Joer, mä awer eise Rentesystem vill méi sécher...

(Brouhaha général)

...fir déi nächst...

(Interruption)

...mécht.

Villmools Merci.

► **Une voix.**- Fënnf bis zéng Joer.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun a kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6387 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6387 ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, géint 22 Nee-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri et Ben Scheuer.

Ont voté non: M. Robert Weber;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

S'est abstenu: M. Roland Schreiner.

Ech ginn net dovun aus, datt ee seng Enthaltung wëllt begrënnen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

► **Une voix.**- Neen!

► **M. le Président.**- Dann ass dat esou décidéiert.

Dann hu mer nach déi Motioun vun Här Gibéryen. Do hunn ech d'Impressioun, datt de Vote électronique verlaangt gëtt.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

Och hei ass de Vote ofgeschloss an d'Motioun ass ofgelehnt mat 38 Nee- géint 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Robert Weber;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Scheuer), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner.

Domadder si mer dann och um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer nees um zwou Auer zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.36 heures)